# DE FUUSS

INFORMATIOUNEN AUS DER GEMENG WALDBËLLEG

2 | 2022

BULLETIN COMMUNAL





*Foto: Damaris*
*Foto Cover: Camille Goedert*

# DËST STEET HEI DRAN

D'Wuert vum Redaktiounscomité 3

## D'GEMENG
### *LA COMMUNE*

Rapporte vun de Gemengerotssëtzungen 4
Les rapports des réunions du Conseil communal 17
Zivilstand/État civil 24
Mir gratuléieren 25
Pascale Wilhelmy am Interview 26
De Marcel Ewers (1938 – 2022) 28
- Interview mam Marcel Ewers 30
- Noruff op de Marcel Ewers 32
- Merci, Marcel! 33
- Den Historiker aus der Gemeng 34
- Hie wäert eis feelen 35
- Fir seng 80 Joer! 35
- Ausstellung zu Waldbëlleg 36
- Dem Marcel Ewers seng Artikelen 38
- De Marcel Ewers an der S.P.L. 42

D'Publikatioune vun der Gemeng Waldbëlleg 46
D'Integratiounskommissioun 48
Wien dierf e geféierleche Mupp halen? 49
Endlech erëm e Meekranz! 50
Merci fir Är Generositéit! 52

## SCHOUL & MAISON RELAIS
### *ÉCOLE & MAISON RELAIS*

Ouschtereeërsich 55
Airtramp Schoul Waldbëlleg 57
Maison relais 58
Generalversammlung vun der Elterevereenegung 60
Eng Sammelaktioun fir d'Ukrain! 62
Schoulkommissioun 63

## VERÄINER
### *ASSOCIATIONS*

Agenda 2022 vu Jonk & Al 64
D'Aeromodelliste vu Chrëstnech 66
De Club des Jeunes Chrëschtnech 69
KALATOU Asbl 70

## KULTUR A GESCHICHT
### *CULTURE ET HISTOIRE*

Concert Alban Kwartet 72
Kultur- an Tourissemskommissioun KTK 72
Iwwer d'Sprooch aus dem Renert 74
D'Waldbëlleger Musek 76
Société préhistorique luxembourgeoise 77

## LIEWEN AN DER GEMENG
### *VIE RURALE*

Buergbrennen 2022 82
Dag vun de seelene Krankheeten 84
Nei Bierger fir d'Gemeng 85
Sand aus der Sahara 86
Par Mëllerdall St. Méchel 88
Léiwer Herrgottsblieschen 90

## KLIMAPAKT
### *PACTE CLIMA*

Mir sinn Unesco Global Geopark! 93
Repair Café 96
Firwat net e klengen eegene Geméisgaart uplanzen? 99
Mir hunn en nationaalt Monument! 100

## WAT ASS LASS?
### *QUE FAIRE ?*

Agenda 104
Gemengerot 106
Restauranten 107

## VILL FREED BEIM LIESEN!
## *BONNE LECTURE !*



*Foto: Damaris*

# D'WUERT VUM REDAKTIOUNSCOMITÉ

Et ass Summer a schéint Wierder a waarm an dréchen. An domat si mer dem Misär vu Corona lass, fir elo emol, oder mir hunn eis dru gewinnt, an denken emol léiwer net un den nächste Wanter. Mee och soss ginn et vill Probleemer an der Welt an et weess een net, wéi et eis an Zukunft dierft ergoen. Mir sollten eis esou laang driwwer freeën, wéi et eis gutt geet, an natierlech och deenen hëllefen, déi aus deene Länner kommen, wou d'Situatioun ganz schlecht ass, der Ukrain, Syrien, Eritrea, ... Schéin, datt och bei eis an der d'Gemeng vill Hëllefsbereetschaft do ass. Doriwwer kënnt Dir an dëser Nummer vum FUUSS eppes liesen a gesinn.

An der Gemeng huet eis en immens léiwen an interessanten a bekannte Mënsch verlooss, de Marcel Ewers vun Haler. Fir hien ass e groussen Deel vun dëser Nummer reservéiert, sengem Liewen, sengem Asaz fir d'Erënnerung un den Zweete Weltkrich, senger Passioun, der Virgeschicht an der S.P.L., der Société préhistorique luxembourgeoise. An natierlech war de Marcel Ewers och e politesche Mënsch, hie war jorelaang am Gemengenan och am Schäfferot. Datt direkt zwee Éierebuergermeeschteren a bemierkenswäerter Eenegkeet en éierlech empfonntent Lueflidd op de Marcel sangen an dëser Nummer, weist, wat fir en aussergewéinleche Mënsch hie war.

De Maxime Bender ass net méi bei der Redaktioun vum FUUSS dobäi. E grousse Merci fir seng Aarbecht, vun där mer an dëser Nummer eppes erëmfannen, nämlech den Interview, deen hien 2018 mam Marcel Ewers gemaach hat.

Natierlech kënnte mir Hëllef gebrauchen, fir mat där Aarbecht virunzefueren, un där grad och de Marcel Ewers en héijen Undeel hat. Wéi deemools de Gemengebuet, soll de FUUSS net nëmmen dat politescht Liewen an der Gemeng beschreiwen, mee och d'Aktivitéite vun de Veräiner, déi räich Kultur aus eisen Dierfer a speziell déi wonnerschéin Natur, déi jo elo kierzlech de Label vum Unesco-Geopark krut.

Wann Dir also eng Beruffung spiert fir ze schreiwen, oder fir Fotoen ze maachen, oder fir ze zeechnen, oder ...:
Dann zéckt net a mellt Iech bei eis op *fuuss@waldbillig.lu*



Op der Foto gesitt Dir vu lénks dräi midd Redaktiounsmemberen, déi sech no enger laanger Sëtzung stäerken. Vu lénks: Corinne Meyers, Marc Barthelemy, Isabelle Oberlé. Et feelt: Karin Enser.

*Fir d'Redaktioun: Marc Barthelemy*
*Foto: Mara Di Giambattista*

*Grafesch Gestaltung: Susanne Hangarter*
*Drock: Imprimerie de l'Est, Iechternach*
*Responsabelen Editeur: Gemeng Waldbëlleg*

*An en décke Merci un d'Ekipp aus der Gemeng, déi eng ferm Hand mat upeekt: Martine Dimmer, Kim Ruppert, Pit Beckené, Filipe Soares, David Sonetti*

*Ënnerschriwwen Artikelen drécken d'Vuë vum Auteur aus a ginn ënner senger Responsabilitéit publizéiert.*

# D'GEMENG // *LA COMMUNE*

## RAPPORTE VUN DE GEMENGEROTSSËTZUNGEN

Dës Rapporte gi vum Gemengesekretariat geschriwwen, vun de Conseilleren nogekuckt a vun der Buergermeeschtesch autoriséiert. Si baséieren op den Deliberatioune vum Conseil, woubäi de geneeë Wuertlaut vun den Decisiounen an engem Dossier festgehalen a vun de Conseilleren ënnerschriwwe gëtt. Deen Dossier kann all Bierger op d'Gemeng kucke goen.

Dës Rapporte sinn a méi enger verständlecher Sprooch mat méi Explikatioune geschriwwen. Dofir sinn déi lëtzebuergesch an déi franséisch Versioun net ëmmer genee identesch. Et zielt dann, wat an der Gemeng am Dossier vun den Deliberatioune festgehalen ass.

## GEMENGEROTSSËTZUNG 2021/9

**Sëtzung vum Méindeg, 20. Dezember 2021**

Et waren do:

// HENX-GREISCHER Andrée, Buergermeeschtesch,
// BOONEN Serge,
// THOLL Jean-Joseph, Schäffen,
// BARTHELEMY Marc,
// BENDER Maxime,
// MEYERS Corinne,
// TOBES Romain, Conseilleren,
// DIMMER Martine, Sekretärin

Entschëllegt:

// MICHELS Mike, Conseiller.

**Dagesuerdnung**

| | |
|---|---|
| 2021-09-01 | Froe vum Gemengerot un de Schäfferot. |
| 2021-09-02 | Rektifizéierte Budget 2021. |
| 2021-09-03 | Budget 2022. |
| 2021-09-04 | Administrative Kont a Gestiounskont vum Exercice 2020. |
| 2021-09-05 | Bewëllege vun de Statute vun der A.s.b.l. „Frënn vum Mëllerdaller Äppeljack". |
| 2021-09-06 | Bewëllege vun engem befristen Aarbechtsvertrag. |
| 2021-09-07 | Accord fir eng Primm salariale fir d'Gemengenaarbechter. |
| 2021-09-08 | Ernenne vun de Membere vun der Klimaekipp 2.0. |
| 2021-09-09 | Richtlinne fir eng nohalteg Entwécklung vun der Gemeng Waldbëlleg am Kader vum Klimapakt 2.0. |
| 2021-09-10 | Vëlossummer 2022. |
| 2021-09-11 | Projet fir d'Erneiere vum Feldwee „Auf der Kaul" zu Chrëschtnech. |
| 2021-09-12 | Projet fir d'Erneiere vum Feldwee „Beim Heffinger Moor" zu Chrëschtnech. |
| 2021-09-13 | Entscheedung iwwer e Virkafsrecht. |
| 2021-09-14 | Bewëllege vu Kafverträg. |
| 2021-09-15 | Subsidufroen. |
| 2021-09-16 | Verschiddenes. |

Laut dem Artikel 13 vum ofgeännerte Gemengegesetz vum 13. Dezember 1988, hunn d'Conseillere Bender, Michels an Tobes d'Buergermeeschtesch schrëftlech gefrot, fir déi heite Punkten op d'Dagesuerdnung vun der haiteger Sëtzung bäizesetzen:

| | |
|---|---|
| 2021-09-17 | „Projet Eng Strooss fir eis all"; |
| 2021-09-18 | Astandsetzung vum „Séchere Schoulwee". |

**1.** D'Conseillere Bender, Michels an Tobes hunn déi heite Fro un de Schäfferot gestallt:

*Am Mëllerdall war Chrëschtmaart a bei schlechtem Wieder stinn d'Leit mam Auto am Bulli.*

- *Firwat ass net dru geduecht ginn Hackschnëtzel auszeleeën?*

  D'Gemeng huet net direkt eppes mam Chrëschtmaart ze dinn. Wann ee just Hackschnëtzel oder Rindenmulch géing verdeelen, géingen d'Autoen och am Bulli agoen. Bei sou villem Reen a mëllem Buedem dëngt dat näischt. Da misst ee Buedem raushuelen a Geotextile dohi leeën an dorop Gestécks verdeelen. Dat kéint een och just op e

puer Plaze maachen, well déi meeschte Plaze wou d'Autoe sti fir de Chrëschtmaart sinn net Gemengeproprietéit.

- *Wéi steet et mam Parkingskonzept am Mëllerdall?*

  D'Ufro beim Environnement ass gestalt, fir direkt kënne provisoresch e Parking unzeleeën. Fir dee grousse Parking gëtt lo eng 2. Etude gemaach, an zwar eng Umweltverträglichkeitsprüfung, déi an Optrag ass, an duerno geet de Schäfferot dervun aus, datt de Projet autoriséiert gëtt.

**2.** De Gemengerot huet de rektifizéierte Budget vun 2021 eestëmmeg ugeholl.

| | |
|---|---|
| Extraordinär Recetten: | 3.544.771,85 € |
| Extraordinär Depensen: | 10.044.829,79 € |
| Ordinär Recetten: | 7.471.257,83 € |
| Ordinär Depensen: | 4.830.659,07 € |
| Report 2020 : | 5.009.960,16 € |
| Boni um Enn vun 2021: | 1.150.500,98 € |

**3.** D'Buergermeeschtesch huet sech mat deenen heite Wierder un de Gemengerot geriicht:

„Léif Conseilleren,

am Numm vum Schäfferot wëll ech eis Budgetsdiskussiounsronn fir d'Joer 2021/2022 opmaachen.

Erlaabt mir just nach ee klengt Virwuert ze soen zu dëser Budgetseditioun.

Corona oder Covid-19 huet e grousst Lach, schonn am Budget 2021 mee och nach beim 2022er gerappt, mir sinn nach däitlech ënner dem Niveau vun den Dotatioune vun 2019.

Do dernieft si Liwwerengpäss vun de Wueren. D'Präisser beim Bau, déi an d'Luucht schéissen sinn e grousse Probleem, si hunn en direkten Impakt op eis Gemengefinanzen, an ech fäerten, dass nach méi finanziell Imprevuë bei all eise Projeten op eis duerkommen.

De Schäfferot huet an de leschte Wochen de Budget an all Projet op de Leescht geholl an huet no haitegem Stand iwwerpréift wat dovun ëmgesat gëtt.

Dobäi soll kee Projet komplett ewechfalen awer am Detail reduzéiert ginn. Et ass wichteg, dass mir weider investéiere fir d'Wirtschaft unzekuerbelen, ouni eis Tresorerie ze iwwerlaaschten an eng gewësse Flexibilitéit fir kleng Projeten oder Imprevuë behale kënnen

Bei der leschter Circulaire zum Budget stoung dran, dass keng Subsiden däerfen an de Budget agesat ginn, déi nach net offiziell ugefrot goufen. Bei eis mécht dat e Montant vun ca. 600.000 Euro aus. Mir hunn e Prêt vun 3 Mio am Budget agesat, mir ginn awer dervun aus, dass deen net ganz muss gezu ginn, esou wéi et och schonn déi lescht Jore war."

D'Conseillere Bender an Tobes hu verschidde Froen gestallt a kruten direkt eng Äntwert:

Zum ordinäre Budget:

- *Firwat geet d'Recette vum Verkaf vun Holz erof?*

  D'Gemeng hält eng Partie Holz fir sech fir an déi nei Anlag.

- *Firwat ass de rektifizéierte Budget op Null gesat gi fir de Remboursement vun der Hallschent vun der Pai vum Responsabel vum Touristcenter?*

  D'Gemeng huet den Här Diederich réischt 2021 agestallt an d'Konventioun mam Touristcenter muss nach geännert ginn. Da muss de Remboursement nokommen.

- *Ass d'Rechnung vum Loyer fir den alen Atelier a vum fréiere Paschtoueschhaus richteg?*

  Bei deem Chiffer den den eigentlechen Total ausmécht sinn nach d'Avance fir d'Charge vum Locataire derbäigerechent.

- *Wéi laang leeft de Mietvertrag vum fréiere Paschtoueschhaus?*

  Deen ass net op begrenzt Dauer geschriwwe ginn. Et gëtt mam Pacte logement gekuckt wat fir eng

Méiglechkeeten d'Gemeng do huet, fir eppes an dem soziale Beräich ze maachen.

- *Firwat ass de Contrat de maintenance vun de Kopiesmaschinnen esou vill an d'Luucht gaang?*

  An der Schoul gi vill Kopie gemaach, d'Wochepläng gi kopéiert. Et gi reegelméisseg dofir supplementär Käschte facturéiert. An et ass eng Maschinn derbäi komm.

- *Firwat sinn d'Käschte vun de Contrats de maintenance vum Matériel informatique sou héich?*

  D'Gemeng notzt ëmmer méi Applikatioune vum SIGcom - Programm fir Geländeaufnahmen mittels GPS sowie Katasterdaten - an huet e Kontrakt mat AC Automation fir d'Computeren.

- *Gëtt et en Abroch beim Verkaf vum Waasser?*

  Fir de Verkaf vum Waasser un aner Gemengen ass en neien Artikel gegrënnt ginn, d'Recette sinn och eropgaangen.

- *Firwat steet nach eppes fir den Internetsite am Budget 2022?*

  Et sinn nach Saachen, déi no an no derbäi kommen, de Site lieft.

- *Ass et richteg, dass d'Annuitéite vum Emprunt extrem an d'Luucht ginn? Dat géing wéidoen.*

  Mat dem Emprunt vun 3 Mio ginn d'Annuitéiten och méi héich.

- *Huet d'Gemeng en Taux fixe oder variable?*

  D'Gemeng huet en Taux fixe.

Zum extraordinäre Budget:

- *Wéi wier d'Lafzäit vum Prêt?*

  D'Buergermeeschtesch geet dervun aus dass en op 20 Jar géing geholl ginn.

- *Ass de Projet Heizung mat Landschaftschaftspflege-holz mat deenen 1,5 Mio, déi am Budget fir 2022 stinn, ofgeschloss?*

  De Projet misst domadder ofgeschloss sinn, ausser et kéim nach e Supplement wéngt dem Index oder der Erhéijung vun de Materialspräisser. De Réibau misst Enn Mäerz fäerdeg ginn, duerno ginn d'Réier geluecht.

- *Am Dossier leien zwee Projete vu Feldweeër. Geet de Montant den am Budget virgesinn ass vun 150.000 € duer?*

  An enger 1. Phase gëtt vun dem enge Wee nëmmen en Deel gemaach, deen Devis ass nämlech ganz héich an et stinn der nach ëm 50.000 € um Budget vum leschte Joer.

- *Fir d'Spillplaz am Mëllerdall stinn nach eemol 870.000 € am Budget, ass dee Projet domat och ofgeschloss?*

  Dat ass esou, am Mäerz/Abrëll sollen d'Aarbechte fäerdeg sinn. Hanne gëtt ee Wee laanscht d'Äernz net gemaach, well an dem Beräich Iwwerschwemmungen am Juli waren.

- *Wouhi kommen d'Bréckelcher hin op der Spillplaz, déi am Budget stinn? Et wier en deieren Investment. De Conseiller Tobes freet ob 2 Bréckе gebraucht ginn op sou kuerzer Distanz.*

  Et sinn zwou Brécke mat „Holz vun hei" op der Spillplaz virgesinn. Eng vun deene Brécke kënnt aus dem Kalkewee a gëtt un d'Spillplaz ugepasst. Déi zweet ass eng nei Bréck. Et mussen der zwou sinn, fir e Rondwee op der Spillplaz unzeleeën, deen och fir Leit mat engem Rollstull befuerbar ass. D'Buergermeeschtesch ass der Meenung, dass een ënner dem Chiffer vu 60.000 € misst bleiwen.

- *Firwat ass de Reamenagement vum Parking beim Veräinsbau zu Chrëschtnech nach net gemaach?*

  Dee Projet hänkt mam PAP an der Hierheck zesummen. D'Konventioun mat der Gemeng ass nach net ënnerschriwwen, an där steet dass d'Gemeng eng Indemnitéit zegutt huet mat där d'Zebrasträifen an d'Beliichtung sollte geännert ginn, an domat géing sech d'Situatioun um Parking och änneren.




- *Fir de Reamenagement vum Camping am Mëllerdall stinn um rektifizéierte Budget 2021 147.000 € a fir 2022 steet do näischt dran. Ass nach genuch iwwreg?*

  Et ass nach genuch iwwreg an de Projet ass net prioritär fir de Schäfferot. De Schäfferot waart op eng Offer, fir dat wat alles fir d'Stellplaze misst installéiert ginn. Wéngt den aktuell ville Projeten a well de Schoulausbau wichteg ass, huet de Schäfferot näischt weider op dësem Projet fir 2022 derbäi gesat.

- *Beim Reamenagement vun der Buvette steet och guer näischt méi dran fir 2022?*

  D'Buergermeeschtesch seet dee Projet géing guer net weidergoen an den neien Devis wier vill méi héich ausgefall. De Schäfferot hätt lo eng Reunioun mam Architekt a géing de Kontrakt gär kënnegen, fir aner Weeër anzeschloen. Vum Grondprinzip steet de Projet. Den Ingenieur war mam Architekt an enger Reunioun op der Gemeng an de Schäfferot ass der Meenung, datt nach Aspuerungspotenzial do ass.

- *Firwat ginn déi 10.000 € fir de Starkregen-management gebraucht?*

  Déi stinn am Budget, fir nach op verschidde Plaze kënne kleng Etuden ze maachen.

- *Bei den Acquisitions de terrains sti just 15.000 € am Budget. Domat kéint een net vill kafen, mir wieren awer am Pacte logement 2.0 derbäi?*

  De Schäfferot ass sech dees bewosst, mee wollt awer net méi Emprunt an net op Reserve eppes an de Budget setzen ier et méi konkret gëtt mam Pacte logement 2.0. Am Laf vum Joer hätt een da besser eng Ännerung vum Budget ze froen an am Virfeld e Subsid unzefroen, da géif d'Belaaschtung vum Budget méi kleng ginn.

- *Beim Musekssall sinn nach eemol 50.000 € derbäi gesat ginn, wat ass da lo de Gesamtpräis?*

  Den Decompte kann elo geschwë gemaach ginn. Et si verschidde Supplementen derbäi komm. De Bau ass souwäit fäerdeg, am Januar kann d'Gebai a Betrib geholl ginn.

De Conseiller Tobes seet, datt hinnen d'Wäitsiicht am Budget feelt. Am Plan pluriannuell vum Abréll hätt ee scho gesinn, dass dee Prêt vun 3 Mio misst geholl ginn an dunn hätt een nach kéinte géigesteieren. Si dräi hätten Angscht, dass nees an den nächste Jore missten héich Prêten an de Budget gesat ginn, dat mat dem Ausbau vun der Gemeng a mat dem Ëmsetze vum Projet vum Camping am Mëllerdall.

D'Buergermeeschtesch confirméiert, dass et ëmmer nach Projete ginn, wéi de Schoulausbau, d'Crèche, Spillschoul an de Kläranlageprojet, deen eréischt lassgeet. De Schäfferot misst am Februar nees en neie PPF maachen.

De Schäffe Boonen ënnersträicht, dass ee jo nach kéint d'Recetten derbäi rechnen, déi net dierfen an de Budget geschriwwe ginn, an dass d'Gemeng scho méi dacks an de Jore virdrun e Prêt am Budget stoen hat dee net gebraucht gouf. D'Prête géifen agesat ginn, fir de Budget an den Equiliber ze bréngen. Dat wier awer absolut net dat Bild vun de Konten, vun dem wat an der Tresorerie effektiv nach do ass. Dat dierft een net direkt matenee vergläichen. Hie wéilt zwar net soen dass 2022 kee Prêt gebraucht gëtt, mee hie wier bal iwwerzeegt, dass déi 3 Mio Euro Prêt net missten ugefrot ginn. Grouss Projete wéi d'Infrastrukturen am Drénkwaasserberäich si bal ofgeschloss a falen ewech. Et wier richteg, dass nees nei Projeten uginn. D'Buergermeeschtesch seet och, dass d'Betriber ausgelaascht sinn an et schwéier ass een ze fannen.

Et ass am Viraus net gewosst wat effektiv kann ausgefouert ginn. Bei Fënsterbauer an Daachdecker geet et net sou séier virun, et ass vum Projet ofhängeg. Et muss een déi 3 Mio awer virgesinn, mee et ass nach laang net sécher, dass se gebraucht ginn. Et weess een och net wou et mat den Ausschreiwungen higeet. Bei anere Gemenge si scho Projeten zeréckgestalt gi wéngt der Präisexplosioun.

De Conseiller Tobes freet mat Bezuch op dee gréisste Projet vun der Gemeng, de Kläranlageprojet, ob et méi séier géing goe wa méi am Budget géing stoen. Vun 2017 stéinge 500.000 Euro pro Joer am Budget an et wier e Projet tëscht 12 a 15 Mio.

De Schäfferot äntwert et wier e Projet den iwwer de Sidest géing lafen. De Sidest mécht de Projet a freet d'Subsiden un an d'Gemeng géing just d'Ënnerscheeder bezuelen. D'Aarbechte ginn net sou séier virun wéi de Sidest am Ufank gemengt hat. Wann de Projet selwer weidergeet, muss d'Gemeng méi an de Budget asetzen. D'Gemeng ass méi wéi 11 Joer amgaang mat dem Kläranlageprojet.

De Gemengerot hëlt de Budget 2022 mat 5 Stëmme géint 2 Stëmmen (d'Conseillere Bender an Tobes) un.

**4.** De Gemengerot hält den administrative Compte an de Gestiounscompte vum Exercice 2020 ewéi am Tableau hei drënner fest:

| | Gewéinleche Service | Aussergewéinleche Service |
|---|---|---|
| Total vun den Einnamen: | 7.027.700,37 | 424.675,76 |
| Total vun den Ausgaben: | 4.075.218,05 | 2.381.388,25 |
| Boni vum Compte 2019: | 4.014.190,33 | |
| **Definitive Boni:** | **5.009.960,16** | |

**5.** De Gemengerot entscheet eestëmmeg, säin Averständnis ze ginn zu de Statute vun der A.s.b.l. „Frënn vum Mëllerdaller Äppeljack", déi hire Sëtz an der Gemeng Waldbëlleg huet.

**6.** De Gemengerot gëtt eestëmmeg säin Averständnis zum befristen Aarbechtsvertrag fir e polyvalenten Aarbechter zu 40 Stonnen d'Woch, vum 08.12.2021 bis den 31.03.2022.

**7.** De Gemengerot gëtt eestëmmeg säin Averständnis, fir de Gemengenaarbechter eng Primm salariale an Héicht vun 200 € fir d'Gruewe vun engem Graf fir e Sarg an 100 € fir d'Gruewe vun engem Lach fir eng Urn zouzespriechen.

**8.** De Gemengerot entscheet eestëmmeg, fir bei déi sechs Membere vum Gemengerot d'Häre Jean-Paul Greisch a Marc Feidt vu Chrëschtnech, als Membere vum Klimateam fir den Zäitraum vun 2021-2023 ze ernennen.

**9.** De Gemengerot bewëllegt eestëmmeg d'Richtlinne vun der nohalteger Entwécklung vun der Gemeng Waldbëlleg am Kader vum Klimapakt 2.0.

**10.** De Gemengerot entscheet eestëmmeg, fir un der drëtter Editioun vum „Vëlossummer 2022" deelzehuelen, dee wärend den zwee leschte Weekender am August, nämlech dem 20. bis den 21. an dem 27. bis den 28. August 2022 stattfënnt an dëst mat deene selwechte Strecken ewéi am Joer 2021.

**11.** De Gemengerot gëtt eestëmmeg säin Averständnis zum Devis an Héicht vu 70.500 € (TTC) betreffend de Projet No 201240 fir d'Erneiere vum Feldwee „Auf der Kaul" zu Chrëschtnech.

**12.** De Gemengerot gëtt eestëmmeg säin Averständnis zum Projet No 201239 betreffend de Goudronnage vum Feldwee „Beim Heffinger Moor" zu Chrëschtnech fir e Montant vu bis zu 130.000,00 € (TTC).

**13.** Virkafsrecht

a) De Gemengerot entscheet eestëmmeg, net vu sengem Virkafsrecht Gebrauch ze maachen betreffend d'Parzellen, déi um Kadaster ënner den Nummeren 2034/3890 (Wunngebai) mat enger Fläch vun 10 Ar an 30 Zentiar an 2034/4144 (Plaz), mat enger Fläch vu 4 Ar a 45 Zentiar agedroe sinn an an der Sektioun C vu Chrëschtnech leien.

b) De Gemengerot entscheet eestëmmeg, net vu sengem Virkafsrecht Gebrauch ze mache betreffend d'Parzell, déi um Kadaster ënner der Nummer 616/4740 mat enger Fläch vun 43

Zentiar agedroen ass an an der Sektioun C vu Chrëschtnech läit.

**14.** De Gemengerot bewëllegt Virkafsrecht fir déi heite Kafverträg:

a) vum Trakter vun der Mark Fendt, Modell 716 Vario un en Här vun Habscht zum Präis vu senger Offer vun 32.600 € TTC;

b) vum Mercedes Unimog 1550l un Alpha Bau s.à r.l. zum Montant vun hirer Offer vun 20.000 € TTC.

**15.** De Gemengerot entscheet eestëmmeg, deenen heite Veräiner e Subsid vu 75 € zouzespriechen:

- Groupe de support psychologique (GSP)
- Noël de la Rue a.s.b.l.
- Clae a.s.b.l.
- Stroossen Englen
- Fir d'Kanner a Latäinamerika
- Ilula Orphan Program

**16.** De Conseiller Barthelemy bemierkt, dass ee Conseiller net do ass a geschriwwen huet, dass en am Ausland ass. Dat wier keng Excuse, deejéinegen hätt kéinte per Videokonferenz un der Sëtzung deelhuelen a wann dat net méiglech wier, hätt een dat missen ofklären. Wat hien erstaunt huet ass, dass deejéinege net per Procuratioun mat ofgestëmmt huet well d'Gesetz virgesäit, dass ee per Procuratioun kéint ofstëmmen.

De Schäfferot deelt mat, dass den ORT se ugeschriwwen huet wéngt dem Aféiere vun enger Taxe de séjour an der Regioun Mëllerdall - Kleng Lëtzebuerger Schwäiz, déi vu méi Gemengen an der Regioun ënner der selwechter Formule soll opgehuewe ginn, sou wéi op ville Plazen am Ausland. Et ass decidéiert ginn, dass de Schäfferot nach ee Rendez-vous soll mat de Vertrieder vum ORT huelen, fir méi ausféierlech doriwwer ze schwätzen.

De Conseiller Bender freet, dass de Gemengerot den neien Internetsite nach virgestallt kritt. De Schäfferot fixéiert en Datum an da ginn d'Conseilleren agelueden.

De Conseiller Tobes weist drop hin, dass eng Koppel aus enger Nopeschgemeng kontaktéiert ginn ass, deenen hiert Kand an de Fiissercher an der Maison relais ass. D'Eltere krute geschriwwen, dass decidéiert ginn ass, am Accord mat der Gemeng, dass se d'Kand fir d'nächst Schouljar missten eraushuelen. De Schäfferot war net driwwer informéiert, dass esou e Schreiwes erausgaangen ass.

D'Buergermeeschtesch deelt mat, dass d'Madamm Damaris Pletschette net méi am Redaktiounsgrupp vum De FUUSS ass.

**17.** Laut dem Artikel 13 vum ofgeännerte Gemengegesetz vum 13. Dezember 1988, hunn d'Conseillere Bender, Michels an Tobes d'Buergermeeschtesch schrëftlech gefrot, fir de Punkt „Eng Strooss fir eis all" op d'Dagesuerdnung vun der haiteger Sëtzung bäizesetze mat där heiten Erklärung:

*Duerch eis Initiative e Vëlo- a Wanderweegrupp an d'Liewen ze ruffen, ass d'Gemeng Waldbëlleg Virreiderin ënner den Naturparkgemenge ginn, fir no Weeër ze sichen, fir eis un den nationale Vëlosreseau unzebannen.*

*D'Demarche vum Conseiller Barthelemy fir d'Vitessbegrenzung op 30 km/h an den Dierfer erofzesetzen ënnerstëtze mir, duerch den heite Pilotprojet.*

*An Zesummenaarbecht mat Pro Vëlo a Ponts et Chaussées proposéiere mir déi Deeler an der Gemeng op 30 km/h, déi fir Verbindungen „Gemengendierfer mam nationalem Velosreseau" vu Wichtegkeet sinn, ze begrenzen. Duerch déi Vitesslimitatioun ass et méiglech, en Angebotsstreifen op de Stroosse vun der Gemeng fir de Vëlo unzebidden, an esou eis Verbindungen un de nationale Reseau ze verbesseren.*

*Mir froen de Gemengerot dem Schäfferot den Optrag ze ginn, fir mat Ponts et Chaussées de Pilotprojet fir eis Gemeng auszeschaffen, an an den Dierfer en Angebotsstreifen fir de Vëlo opzemolen.*

De Gemengerot entscheet eestëmmeg der Verwaltung vun de Ponts et Chaussées Proposen ze maachen, fir d'Vitess an der Gemeng ze reduzéieren, besonnesch op de villbefuerene Plaze wéi am Zentrum vu Waldbëlleg an op Plazen, déi vun de Vëlosfuerer genotzt ginn, fir op eng Vëlospiste ze kommen, déi un d'nationaalt Netz ugebonnen ass.

**18.** Laut dem Artikel 13 vum ofgeännerte Gemengegesetz vum 13. Dezember 1988, hunn d'Conseillere Bender, Michels an Tobes d'Buergermeeschtesch schrëftlech gefrot, fir de Punkt „Astandsetzung vum

séchere Schoulwee" op d'Dagesuerdnung vun der haiteger Sëtzung bäizesetze mat där heiten Erklärung:

> *An der Versammlung vum ORT mat Pro Vëlo am November 2021 goufen d'Verbindungsweeër virgestallt wou et och gutt wier verschidde Feldweeër accessibel fir de Vëlo ze maachen.*
>
> *Ënner deem Aspekt ass och de séchere Schoulwee vu Chrëschtnech op Waldbëlleg ugeschwat ginn.*
>
> *Nieft deenen 2 Feldweeër déi um Ordre du jour stinn, wollte mir de Gemengerot froen dem Schäfferot den Optrag ze ginn, fir eng „mise en état" vum „séchere Schoulwee" ze maachen. Dëst géif de Kanner et ermégleche méi propper ze Fouss an och mam Vëlo kënnen an d'Schoul ze kommen.*
>
> De Gemengerot gëtt säin Averständnis zum Prinzip fir de „séchere Schoulwee", dee vu Chrëschtnech op Waldbëlleg féiert, am järleche Plang vun de Weeër virzegesinn, den d'Verwaltung vun den techneschen Déngschter vun der Landwirtschaft (ASTA) fir d'Joer 2023 ausschafft. Dëse Plang gëtt am Juli 2022 virgestallt an approuvéiert.

## GEMENGEROTSSËTZUNG 2022/1

**Sëtzung vum Dënschdeg, 22. Februar 2022**

Et waren do:

// HENX-GREISCHER Andrée, Buergermeeschtesch,
// BOONEN Serge,
// THOLL Jean-Joseph, Schäffen,
// BARTHELEMY Marc,
// BENDER Maxime,
// MEYERS Corinne,
// MICHELS Mike,
// TOBES Romain, Conseilleren,
// DIMMER Martine, Sekretärin

Entschëllegt: /.

**Dagesuerdnung**

| | |
|---|---|
| 2022-01-01 | Personalaffär. |
| 2022-01-02 | Avancement vun engem Gemengenaarbechter. |
| 2022-01-03 | Froe vum Gemengerot un de Schäfferot. |
| 2022-01-04 | Bewëllege vun engem Aarbechtskontrakt. |



Foto: Damaris

2022-01-05 Bewëllege vun engem temporäre Contrat de bail.
2022-01-06 Ofrechnung vun aussergewéinlechen Aarbechten.
2022-01-07 Budgetär Ofännerungen.
2022-01-08 Stellungnam zu de Reklamatiounen, déi wärend enger ëffentlecher Enquête am Kader vum Reklassement vun enger Parzell aus dem ëffentleche Gemengebesëtz an de private Gemengebesëtz eragereecht goufen an Entscheedung iwwer dësen Reklassement.
2022-01-09 Prinzipiendecisioun iwwer d'Festleeë vun enger Openthaltstax.
2022-01-10 Festleeë vum Sëtzungsgeld fir d'Membere vun de consultative Gemengekommissiounen.
2022-01-11 Verlängerung vun den Auerzäite fir den Ausschank vun alkoholesche Getränker op verschiddene Fester an der Gemeng Waldbëlleg wärend dem Joer 2022.
2022-01-12 Bewëllegen vun enger Konzessioun um Kierfecht zu Haler.
2022-01-13 Bewëllege vu Kafakten.
2022-01-14 Konventioun tëschent der Gemeng Waldbëlleg an der Kooperativ „Energiepark Mëllerdall" iwwer d'Zurverfügungstelle vun engem Gebai, fir eng Photovoltaikanlag ze bedreiwen.
2022-01-15 Konventioun iwwer de Fonctionnement vum regionale Service „conseil pacte nature" vum Natur- a Geopark Mëllerdall.
2022-01-16 Entscheedung iwwer d'Prinzipiendecisioun, fir der Gemeng Reisdorf geleeëntlech Drénkwaasser ze liwweren.
2022-01-17 Ufro fir d'Deele vun Terrainen zu Chrëschtnech.
2022-01-18 Konventioun iwwer eng Servitude vun ëffentlechem Notzen.
2022-01-19 Subsidufroen.
2022-01-20 Verschiddenes.

Laut dem Artikel 13 vum ofgeännerte Gemengegesetz vum 13. Dezember 1988, hunn d'Conseillere Bender, Michels an Tobes d'Buergermeeschtesch schrëftlech gefrot, fir deen heite Punkt op d'Dagesuerdnung vun der haiteger Sëtzung bäizesetzen:

2022-01-21 Konzept „Energie vun hei" mam Landschaftsfleegeholzhaff.

**1.** De Gemengerot entscheet eestëmmeg, seng Decisioun vum 27. Oktober 2021 betreffend eng speziell Indemnitéit fir e Gemengebeamte wärend dem Ersetze vun der Sekretärin bäizebehalen.

**2.** De Gemengerot gëtt säin Averständnis, fir e Gemengenaarbechter vum 1. Abrëll 2022 an de Gehältergrupp C vum Kollektivvertrag ze hiewen.

**3.** D'Conseillere Bender, Michels an Tobes hunn déi heite Fro schrëftlech un de Schäfferot gestalt:

*Am Gemengerot vum 23. September 2019 hu mir eestëmmeg entscheet eng Crèche fir Kanner am Alter vun 3 Méint bis 4 Joer am Gemengegebai nieft dem Precoce zu Haler anzeriichten. Am Precoce zu Haler kréien se d'Kanner net all gläichzäiteg encadréiert an dowéinst kënnen d'Kanner just deelweis kommen. An der Spillschoul zu Waldbëlleg ass net genuch Plaz soudass Kanner mussen deelweis a Containeren auswäichen. Des weidere verschwënnt duerch den Ausbau vun der Gemeng nach eng Spillplaz fir d'Spillschoulskanner. Aktuell gëtt een d'Gefill net lass, dass déi kleng Kanner, d'Zukunft vun eiser Gemeng, absolut net prioritär sinn. Wéi a virun allem wéini wëll de Schäfferot eng längerfristeg Léisung an der Educatioun a Betreiung vu klenge Kanner (0-6 Joer) organiséieren? Wier et net Zäit, de 6 Milliounen Ëmbau vun der Gemeng ze iwwerdenken, a vläicht eventuell zousätzlech Raimlechkeete fir d'Spillschoul ze integréieren?*

De Schäfferot confirméiert, dass esou eng Decisioun geholl gouf. Duerno ass awer iwwer e pedagogescht Konzept geschwat ginn, iwwer de Schoulausbau wou e Projet do ass, fir bei der Sportshal dräi Säll ze bauen. Et ass mat de Leit aus dem Precoce an der Spillschoul souwéi mat den Enseignanten aus der Grondschoul geschwat ginn, fir e Konzept opzestellen. De Schäfferot ass der Meenung, datt et net de richtege Wee ass e Sall bäizepraffen, fir méi Plaz ze hunn. D'Containere gi just gebraucht fir den Appui, well et sinn 10 Kanner manner wéi d'lescht Joer. Am Precoce si se op déi fënnef obligatoresch Moienter gaangen, fir zousätzlech en Educateur ze kréien. De Schäfferot seet, dass déi kleng Kanner vun 0-6 Joer hinne sécher net egal sinn. Si hu mat den Nopere vun Terrainen hanner der Spillschoul d'Gespréich opgeholl, fir Terrain ze kafen. De Schäfferot gesäit et schwiereg nees e bestoend Gebai ëmzebauen, well sech kon-

form ze maache mat alle Normen, gëtt méi deier wéi en neit Gebai opzeriichten. Dëst gouf festgestallt beim Ëmbau vun der Wunneng bei der Maison relais. De Schäfferot ass gewëllt an deem Beräich eppes ëmzesetzen a schafft un engem Konzept.

De Conseiller Bender freet nach firwat déi 2. Kéier d'Informatioun zu der Ënnerschrëftesammlung am Rapport mam Referendum net wéi déi 1. Kéier per sms2citizen erausgaangen ass, do wier keng Koherenz. Dës Kéier gouf et just am Reider an Internet bekanntgemaach. Et ass keng Obligatioun vun der Regierung et anescht ze maachen.

De Conseiller Michels schwätzt d'Dréiplaz an der Rue des Romains un well d'Bussen do dréien. Et gëtt nach nogeschafft, fir dass net iwwer d'Insel gefuer gëtt.

De Conseiller Tobes freet no der Spillplaz, déi nieft der Gemeng war an elo fort ass, ob et en Ersatz dofir géing ginn. D'Buergermeeschtesch erkläert, datt direkt näischt geplangt ass, dass d'Leitunge fir d'Heizung nach musse geluecht ginn an dass d'Containeren eventuell nieft d'Gemeng solle kommen, e genauen Detail wier nach net bekannt.

**4.** De Gemengerot bewëllegt eestëmmeg en Aarbechtsvertrag, mat deem e pensionéierte Beamten vum 17. Januar 2022 u fir 4 Stonnen d'Woch bei der Gemeng ugestallt gëtt, fir seng laangjäreg Erfarungen a Kenntnësser am techneschen Déngscht vun der Gemeng ze deelen.

**5.** De Gemengerot gëtt eestëmmeg säin Averständnis zum Vertrag vum 31. Januar 2022, mat deem d'Gemeng Waldbëlleg enger Persoun fir den Iwwergang en Deel vun engem Wunnhaus verlount.

**6.** De Gemengerot gëtt eestëmmeg säin Averständnis zu deenen heiten Ofrechnungen:

a) betreffend d'Ausbauaarbechte vum Site vun der Heringer Millen an Héicht vun 946.713,63 €;

b) betreffend d'Aarbechte fir de Bau vu Kolumbarien op de Kierfechter zu Chrëschtnech an zu Haler an Héicht vun 43.347,58 €;

c) betreffend d'Aarbechte fir d'Installéiere vun enger Unzeigetafel an der Sportshal zu Waldbëlleg an Héicht vun 61.761,85 €;

d) betreffend d'Aarbechte fir d'Liwweren an de Montage vun elektresche Rideauen an der Sportshal zu Waldbëlleg an Héicht vu 37.547,92 €;

e) betreffend d'Aarbechte fir d'Installéiere vun engem zouenen Ënnerstand fir Vëloen M-Box zu Chrëschtnech an Héicht vun 30.683,86 €.

**7.**

a) De Gemengerot entscheet eestëmmeg en neien Artikel 3/120/613481/99001 Mise en conformité RGPD et suivi mission DPO ze votéiere mat engem Montant vun 22.000 €.

b) De Gemengerot entscheet mat 6 Stëmme géint 1 Stëmm (de Conseiller Tobes) an 1 Enthalung (de Conseiller Michels):

- de Kredit vum Artikel 4/910/221311/22009 - Extension de l'école fondamentale ëm 400.000,00 € ze reduzéiere fir en op 600.000,00 € ze setzen;

- de Report vum Kredit vum Artikel 4/821/221311/20012 - Réaménagement de la buvette et annexes au terrain de football à Christnach ëm 500.000 € ze reduzéiere fir en op 181.857,51€ ze setzen;

- ënner dem Artikel 4/630/222100/17001 - Conduite de connexion du réservoir central Seitert e spezielle Kredit vu 400.000,00 € ze votéieren;

- ënner dem Artikel 4/630/222100/17002 - Conduite de connexion du réservoir central Seitert à Mullerthal e spezielle Kredit vu 500.000,00 € ze votéieren.

**8.** De Gemengerot entscheet mat 5 Stëmmen géint 2 Stëmmen (d'Conseillere Bender an Tobes) an 1 Enthalung (de Conseiller Michels)

- säin Averständnis ze ginn fir de Reklassement vun engem Deel vum Feldwee „Auf Kasselhoecht" aus dem private kommunale Besëtz an den ëffentleche kommunale Besëtz an dësen zum Maartpräis an d'Locatioun ze ginn. Heizou gehéiert d'Parzell, déi mat der Kadasternummer 143/4742 geleeën an der Sektioun C vu Chrëschtnech mat enger Fläch vun 8 Ar an 23 Zentiar an d'Parzell agedroen am Kadaster

ënner der Nummer 143/4821, Sektioun B vu Waldbëlleg, mat enger Fläch vun 13 Ar a 76 Zentiar;

- den Avis vum Aarbechtsgrupp „Vëlos- a Wanderweeër" ze froe betreffend e Konzept fir Foussgänger- a Vëlosweeër, déi d'Uertschafte Freckeisen, Chrëschtnech a Waldbëlleg solle matenee verbannen.

**9.** De Gemengerot schwätzt sech eestëmmeg fir eng Openthaltstax aus. Den Taux an d'Verdeelung vun dëser bleiwen nach ze definéieren.

**10.** De Gemengerot entscheet mat 6 Stëmmen an 2 Enthalungen (d'Conseillere Barthelemy an Tobes), fir vum 1. Januar 2022 un d'Sëtzungsgelder

- vum President a vum Sekretär vun de legale Kommissiounen vun der Gemeng Waldbëlleg op 75,00 € TTC pro Reunioun festzeleeën;

- vun de Membere vun de legale Kommissioune vun der Gemeng Waldbëlleg op 50,00 € TTC pro Reunioun festzeleeën;

- vun den Experten an de Gemengenagenten, déi un de legale Kommissiounen vun der Gemeng Waldbëlleg deelhuelen op 50,00 € TTC pro Reunioun festzeleeën.

**11.** De Gemengerot entscheet eestëmmeg, d'Auerzäit fir den Ausschank vun alkoholeschem Gedrénks wärend follgenden Datumer op 3 Auer ze verlängeren:

| | |
|---|---|
| Nationalfeierdag: | vum 22.06.2022 op den 23.06.2022 |
| Kiermes Haler: | vu samschdes op sonndes<br>vu sonndes op méindes |
| Kiermes Chrëschtnech: | vu samschdes op sonndes<br>vu sonndes op méindes |
| Kiermes Waldbëlleg: | vu samschdes op sonndes<br>vu sonndes op méindes |
| Silvester: | vum 31.12.2022 op den 01.01.2023 |

**12.** De Gemengerot entscheet eestëmmeg, eng Konzessioun fir d'Plaz J-6 zu Haler um Kierfecht fir eng Dauer vun 30 Joer ze accordéieren.

**13.** De Gemengerot

a) entscheet eestëmmeg, säin Averständnis ze ginn zum Akt betreffend de Kaf vu Parzellen, déi wéi folgend um Kadasteramt vun der Gemeng Waldbëlleg agedroe sinn:

- No 694/2006, geleeën zu Haler, Sektioun A vun Haler, mat enger Fläch vun 83 Ar,
- No 229/2074 geleeën zu Haler, Sektioun A vun Haler, mat enger Fläch vu 65 Ar,
- No 228, geleeën zu Haler, Sektioun A vun Haler, mat enger Fläch vun 20 Ar,
- No 227/1375, geleeën zu Haler, Sektioun A vun Haler, mat enger Fläch vu 85 Ar,
- No 1114/3498, Sektioun D vum Mëllerdall, mat enger Fläch vu 14 Ar,

fir e Präis vun 135.600,00 € (253 Ar x 500 € + 14 Ar x 650 €),

b) entscheet eestëmmeg, säin Averständnis ze gi fir den Tauschakt, mat deem d'Gemeng Waldbëlleg follgend Parzellen tauscht:

- No 933/2824, Sektioun B vu Waldbëlleg, um Uert genannt „In Dixent", mat enger Fläch vu 24 Ar an 30 Zentiar;
- No 933/2825, Sektioun B vu Waldbëlleg, um Uert genannt „In Dixent", mat enger Fläch vun 1 Ar a 65 Zentiar;
- No 933/2826, Sektioun B vu Waldbëlleg, um Uert genannt „In Dixent", mat enger Fläch vun 1 Ar a 55 Zentiar
- No 800/1542, Sektioun A vun Haler, um Uert genannt „Kleiner Seitert", mat enger Fläch vun 1ha an 62 Ar.

géint follgend Parzellen:

- No 1114/3501, Sektioun D vum Mëllerdall, um Uert genannt „Möllerdall", mat enger Fläch vun 10 Ar an 20 Zentiar,
- No 1114/3499, Sektioun D vum Mëllerdall, um Uert genannt „Möllerdall" mat enger Fläch vun 12 Ar an 10 Zentiar,
- No 1060/4495, Sektioun B vu Waldbëlleg, um Uert genannt „In Landschett", mat enger Fläch vun 79 Ar a 44 Zentiar,
- No 1060/4496, Sektioun B vu Waldbëlleg, um Uert genannt „In Landschett" mat enger Fläch vu 96 Zentiar,

- No 1061/506, Sektioun B vu Waldbëlleg, um Uert genannt „In Landschett", mat enger Fläch vun 10 Ar,
- No 1062/511, Sektioun B vu Waldbëlleg, um Uert genannt „In Landschett", mat enger Fläch vun 1 Ar an 72 Zentiar,
- No 1079/3164, Sektioun B vu Waldbëlleg, um Uert genannt „In Landschett", mat enger Fläch vun 31 Ar a 50 Zentiar.

c) De Gemengerot entscheet eestëmmeg, säin Averständnis ze ginn zum Kafvertrag betreffend de Verkaf vun enger Parzell aus dem private kommunale Besëtz, geleeën zu Chrëschtnech an der Sektioun C vu Chrëschtnech, déi um Kadaster ënner der Nummer 8/4694 agedroen ass an eng Fläch vun 42 Zentiar huet fir de Präis vu 25.200,00 €.

**14.** De Gemengerot bewëllegt eestëmmeg, d'Konventioun betreffend d'Zurverfügungstelle vum Daach vum Gemengenatelier fir d'Bewirtschaftung vun enger Photovoltaiksinstallatioun, déi den 13. Dezember 2021 tëschent der Gemeng an der Energiekooperativ „Energiepark Mëllerdall" geschloss gouf.

**15.** De Gemengerot bewëllegt eestëmmeg d'Konventioun betreffend de Fonktionnement vum regionale Service „conseil Pacte Nature" vum Natur- a Geopark Mëllerdall, déi de 24. Januar tëschent der Gemeng an dem „Syndicat pour l'Aménagement et la Gestion du Parc Naturel" vum Mëllerdall, geschloss gouf.

**16.** De Gemengerot gëtt eestëmmeg säin Averständnis zu der Prinzipiendecisioun betreffend d'geleeëntlecht Liwwere vun Drénkwaasser un d'Awunner vun der Gemeng Reisdorf, dëst wärend de Wanterméint vum 1. November bis den 31. Mäerz.

**17.** De Gemengerot entscheet eestëmmeg säin Accord ze ginn, fir den Terrain, deen um Kadaster ënner der Nummer 272/4594 an der Sektioun C vu Chrëschtnech agedroen ass, a 6 Loten ze deelen, laut Plang deen der Demande bäilouch.

**18.** De Gemengerot gëtt eestëmmeg säin Averständnis zu der Konventioun vun ëffentlechem Notze vum 3. Dezember 2021, laut wéi enger d'Gemeng mat den Drénkwaasserleitungen op enger Längt vun 250 Meter iwwer den Terrain, deen um Kadaster ënner der Nummer 1374/3203 an der Sektioun B vu Waldbëlleg agedroen ass, dierf fueren.

**19.** De Gemengerot entscheet eestëmmeg, follgenden Associatiounen e Subsid an Héicht vu 75 € zouzesprichen:

- Action Avenir Haïti asbl
- Unicef Luxembourg
- Action pour un Monde uni
- Amnesty International Luxembourg
- Memoshoah Luxembourg asbl
- Amicale du Groupe Cynotechnique asbl
- Treffpunkt ADHS

**20.** De Conseiller Bender freet no de Spierebeem, déi 2017 um Dag vum Bam zu Haler geplanzt gi sinn. D'Beem sinn net ukomm, sief et duerch ze vill Nätzt oder Dréchent. Well se am Kader vun enger Aktioun mat den Nopeschgemenge mam Naturpark geplanzt goufen, soll een driwwer nodenken neier op enger anerer Plaz ze setzen an d'Placketten nees drop maachen. Dëst Jar am November ass den Dag vum Bam zu Fëschbech.

Hie renseignéiert sech iwwer d'Strooss vu Waldbëlleg an de Mëllerdall. Ponts et Chaussées ginn dervun aus, dass se hire Projet am Hierscht lancéieren. Se waren am Schäfferot, fir déi verschidde Projete mateneen ofzestëmmen. D'Bréck am Kalkewee soll och geschwënn erneiert ginn, da kann een dohinner fuere wann aner Strecken zou sinn.

Hie schwätzt nach un, dass beim Schéissendëmpel bei der Trap den Hang vill gerutscht ass a vill Leit do géingen trëppelen. De Schäfferot seet, dass vu Mëtt November u gespaart war an d'Leit trotz Spärung duerchgaange sinn. Et ass lo eng Zielstatioun do opgeriicht, tëscht Juli an Dezember sinn do 27.000 Leit passéiert an dëst Jar am Januar scho 4.000. Den Deel dee gerutscht war gouf nees stabiliséiert.

De Conseiller Bender deelt nach mat, dass hien sech aus dem Redaktiounscomité vum De FUUSS zréckgezunn huet.

De Conseiller Michels weist drop hin, dass et beim Busarrêt zu Haler keen Ënnerstand gëtt. D'Buergermeeschtesch erkläert, dass de Busarrêt mol richteg gebaut muss ginn an dofir nach zwou Ënnerschrëfte gebraucht ginn, well den Terrain net der Gemeng gehéiert. En Ënnerstand wier do net geplangt, et kéint een sech et awer iwwerleeën.

De Conseiller Tobes freet nom Froebou „Vivre ensemble", deen d'Integratiounskommissioun ausgeschafft huet. D'Buergermeeschtesch äntwert, dass de Gemengerot den an den nächsten Deeg kritt. D'Veräiner kruten och e Froebou iwwer de „Meet an Greet" fir ze beäntweren.

De Conseiller Barthelemy freet ob nees Buergbrennen dëst Jar stattfanne wat de Schäfferot confirméiert.

D'Buergermeeschtesch informéiert, dass de Schäfferot decidéiert huet d'Gemengesäll nees u Privatleit ze verlounen, dëst awer just u Leit aus der Gemeng.

**21.** Laut dem Artikel 13 vum ofgeännerte Gemengegesetz vum 13. Dezember 1988, hunn d'Conseillere Bender, Michels an Tobes d'Buergermeeschtesch schrëftlech gefrot fir de Punkt „*Konzept ‚Energie vun hei' mam Landschaftsfleegeholzhaff*" op d'Dagesuerdnung vun der haiteger Sëtzung bäizesetzen.

*Am leschte Gemengerot ass d'Färdegstelle vum Réibau fir d'Landschaftsfleegeholzanlag ugeschwat ginn. E Pachtvertrag war gemaach ginn, fir e Silo ze lounen, wou Hackschnëtzel gelagert ginn, fir duerno d'Anlag ze befëllen.*

*Mir sinn eng ländlech Gemeng wou nach vill Gréngschnëtt ufällt, wat de groussen Zoulaf vum Gréngsilo vun der Gemeng weist.*

*An Zesummenaarbecht mam Klimapakt 2.0 kéint een duerch de Bau vun engem „Landschaftsfleegeholzhaff" e Konzept entwéckelen z.B. „Energie vun hei" wou mam Gréngschnëtt vun de Bierger d'Gemengegebailechkeete kënne gehëtzt ginn.*

*Mir froen de Gemengerot dem Schäfferot den Optrag ze ginn, Proposen auszeschaffen, fir esou e Landschaftsfleegeholzhaff en place ze setzen.*

De Gemengerot entscheet mat 5 Stëmmen géint 3 Stëmmen (d'Conseillere Bender, Michels an Tobes), fir de Schäfferot net dermat ze beoptragen, Proposen auszeschaffen, fir en Haff fir d'Holz ze stockéieren, wat vun der Landschaftsfleeg ufällt.



*Foto: Damaris*

Foto: Damaris



# LES RAPPORTS DES RÉUNIONS DU CONSEIL COMMUNAL

Les présents rapports sont établis par le secrétariat communal, contrôlés par les conseillers et approuvés par la bourgmestre. Ils se fondent sur les délibérations du conseil communal dont les décisions sont inscrites sous leur forme exacte au dossier des délibérations, signés par tous les conseillers. Tout citoyen peut consulter ce dossier dans les localités de l'administration communale.

Les présents rapports sont rédigés d'une façon plus compréhensible, avec davantage d'explications. C'est pourquoi la version française et la version luxembourgeoise peuvent légèrement diverger. Dans ce cas, les décisions inscrites au dossier des délibérations font foi.

## RÉUNION DU CONSEIL COMMUNAL 2021/9

**Séance du lundi, 20 décembre 2021**

Présents :

// HENX-GREISCHER Andrée, bourgmestre,
// BOONEN Serge,
// THOLL Jean-Joseph, échevins,
// BARTHELEMY Marc,
// BENDER Maxime,
// MEYERS Corinne,
// TOBES Romain, conseillers,
// DIMMER Martine, secrétaire

Excusé :

// MICHELS Mike, conseiller.

**Ordre du jour**

| | |
|---|---|
| 2021-09-01 | Questions des membres du conseil communal au collège des bourgmestre et échevins. |
| 2021-09-02 | Budget rectifié 2021. |
| 2021-09-03 | Budget 2022. |
| 2021-09-04 | Compte administratif et compte de gestion de l'exercice 2020. |
| 2021-09-05 | Approbation des statuts de l'a.s.b.l. « Frënn vum Mëllerdaller Äppeljack ». |
| 2021-09-06 | Approbation d'un contrat de travail à durée déterminée. |
| 2021-09-07 | Accord d'une prime salariale pour les salariés communaux. |
| 2021-09-08 | Désignation des membres de l'équipe pacte climat 2.0. |
| 2021-09-09 | Principes directeurs du développement durable de la commune de Waldbillig dans le cadre du pacte climat 2.0. |
| 2021-09-10 | Vëlossummer 2022. |
| 2021-09-11 | Projet de mise en état du chemin rural au lieu-dit « Auf der Kaul » à Christnach. |
| 2021-09-12 | Projet de mise en état du chemin rural au lieu-dit « Beim Heffinger Moor » à Christnach. |
| 2021-09-13 | Exercice du droit de préemption. |
| 2021-09-14 | Approbation de contrats de vente. |
| 2021-09-15 | Demandes de subside. |
| 2021-09-16 | Divers. |

Conformément à l'article 13 de la loi modifiée du 13 décembre 1988, les conseillers Maxime Bender, Mike Michels et Romain Tobes ont demandé par écrit à Madame la bourgmestre d'ajouter les points suivants à l'ordre du jour :

| | |
|---|---|
| 2021-09-17 | Projet « Eng Strooss fir eis all » ; |
| 2021-09-18 | Mise en état vum « Séchere Schoulwee ». |

- Le conseil communal arrête à l'unanimité des voix le budget rectifié de l'exercice 2021 selon le tableau ci-après :

| | |
|---|---|
| Recettes extraordinaires : | 3.544.771,85 € |
| Dépenses extraordinaires : | 10.044.829,79 € |
| Recettes ordinaires : | 7.471.257,83 € |
| Dépenses ordinaires : | 4.830.659,07 € |
| Report 2020 : | 5.009.960,16 € |
| Boni présumé fin 2021: | 1.150.500,98 € |

- Le conseil communal arrête avec sept voix contre deux voix (les conseillers Bender et Tobes) le budget de l'exercice 2022 selon le tableau ci-après :

| | |
|---|---|
| Recettes extraordinaires : | 3.816.535,00 € |
| Dépenses extraordinaires : | 6.629.752,45 € |
| Recettes ordinaires : | 7.518.978,30 € |
| Dépenses ordinaires : | 5.459.342,59 € |
| Report présumé fin 2021 : | 1.150.500,98 € |
| Boni définitif 2022 : | 396.919,24 € |

- Le conseil communal à l'unanimité des voix arrête provisoirement le compte administratif et le compte de gestion de l'exercice 2020 conformément au tableau ci-après :

| | Service ordinaire | Service extraordinaire |
|---|---|---|
| Total des recettes : | 7.027.700,37 | 424.675,76 |
| Total des dépenses : | 4.075.218,05 | 2.381.388,25 |
| Boni du compte 2019 : | 4.014.190,33 | |
| **Boni définitif :** | **5.009.960,16** | |

- Le conseil communal décide unanimement de marquer son accord aux statuts de l'association sans but lucratif « Frënn vum Mëllerdaller Äppeljack » ayant son siège dans la commune de Waldbillig.

- Le conseil communal marque son accord au contrat de louage de service pour le poste d'ouvrier polyvalent à raison de 40 heures par semaine, à durée déterminée à partir du 8.12.2021 jusqu'au 31.03.2022.

- Le conseil communal marque unanimement son accord pour allouer par personne une prime salariale aux salariés communaux au montant de 200 € pour le creusement d'une tombe pour recevoir un cercueil et au montant de 100 € pour le creusement d'une tombe pour accueillir une urne.

- Le conseil communal décide unanimement de désigner, outre les six membres du conseil communal, Monsieur Jean-Paul GREISCH de Christnach et Monsieur Marc FEIDT de Christnach membres de l'équipe climat de la commune de Waldbillig pour la période 2021-2023.

- Le conseil communal approuve unanimement les principes directeurs de développement durable de la Commune de Waldbillig dans le cadre du Pacte Climat 2.0.

- Le conseil communal décide à l'unanimité des voix de participer à la troisième édition du « Vëlossummer 2022 » pendant les deux derniers weekends, notamment du 20 au 21 août 2022 et du 27 au 28 août 2022 avec le même itinéraire que celui de l'année 2021.

- Le conseil communal marque unanimement son accord au devis total de 70.500,00 € (TVA comprise) concernant le projet No 201240 relatif à l'empierrement d'un chemin rural au lieu-dit « Auf der Kaul » à Christnach

- Le conseil communal marque unanimement son accord au projet No 201239 concernant le goudronnage du chemin rural « Beim Heffinger Moor » à Christnach jusqu'à un montant maximum de 130.000 € (TVA comprise).

- droit de préemption

  a) Le conseil communal décide unanimement de ne pas faire valoir son droit de préemption concernant les parcelles inscrites au cadastre de la commune de Waldbillig, section C de Christnach, sous les numéros 2034/3890 (bâtiment à habitation) d'une contenance de 10 ares 30 centiares et 2034/4144 (place) d'une contenance de 4 ares 45 centiares.

  b) Le conseil communal décide unanimement de ne pas faire valoir son droit de préemption concernant la parcelle inscrite au cadastre de la commune de Waldbillig, section C de Christnach, sous le numéro 616/4740 d'une contenance de 23 centiares ;

- Le conseil communal approuve unanimement les deux contrats de vente suivants :

  a) le tracteur Fendt 716 Vario à une personne de Hobscheid au montant de son offre de 32.600 € TTC ;

b) le Mercedes Unimog 1550l à Alpha Bau sàrl au montant de son offre de 20.000 € TTC.

- Le conseil communal décide unanimement d'accorder un subside de 75 € aux associations suivantes :

    - Groupe de Support Psychologique (GSP)
    - Noël de la Rue a.s.b.l.
    - CLAE a.s.b.l.
    - Stroossen Englen
    - Fir d'Kanner a Latäinamerika
    - Ilula Orphan Program

- Conformément à l'article 13 de la loi communale modifiée du 13 décembre 1988, les conseillers Maxime Bender, Mike Michels et Romain Tobes ont demandé par écrit à la bourgmestre d'ajouter le point portant sur un projet « Eng Strooss fir eis all » à l'ordre du jour avec l'explication suivante :

    *Duerch eis Initiative e Vëlo- a Wanderweegrupp an d'Liewen ze ruffen, ass d'Gemeng Waldbëlleg Virreider ënner den Naturparkgemenge ginn, fir no Weeër ze sichen, fir eis un den nationale Vëlosreseau unzebannen.*

    *D'Demarche vum Conseiller Barthelemy fir d'Vitessbegrenzung op 30 km/h an den Dierfer erofzesetzen ënnerstëtze mir, duerch den heite Pilotprojet.*

    *An Zesummenaarbecht mat Pro Vëlo a Ponts et Chaussées proposéiere mir déi Deeler an der Gemeng op 30 km/h, déi fir Verbindungen „Gemengendierfer mam nationalen Velosreseau" vu Wichtegkeet sinn, ze begrenzen. Duerch déi Vitesslimitatioun ass et méiglech, en Angebotsstreifen op de Stroosse vun der Gemeng fir de Vëlo unzebidden, an esou eis Verbindungen un de nationale Reseau ze verbesseren.*

    *Mir froen de Gemengerot, dem Schäfferot den Optrag ze ginn, fir mat Ponts et Chaussées de Pilotprojet fir eis Gemeng auszeschaffen, an an den Dierfer en Angebotsstreifen fir de Vëlo opzemolen.*

    Le conseil communal décide unanimement de faire des propositions à l'Administration des ponts et chaussées en vue de réduire la vitesse dans la commune, notamment sur les lieux fréquentés comme au centre de Waldbillig et sur les tronçons de rues qui nécessitent être empruntés par les cyclistes en vue de rejoindre le réseau national de pistes cyclables.

- Conformément à l'article 13 de la loi communale modifiée du 13 décembre 1988, les conseillers Maxime Bender, Mike Michels et Romain Tobes ont demandé par écrit à la bourgmestre d'ajouter le point portant sur un projet « Mise en état du séchere Schoulwee » à l'ordre du jour avec l'explication suivante :

    *An der Versammlung vum ORT mat Pro Vëlo am November 2021 goufen d'Verbindungsweeër virgestallt, wou et och gutt wier verschidde Felderweeër accessibel fir de Vëlo ze maachen.*

    *Ënner deem Aspekt ass och de séchere Schoulwee vu Chrëschtnech op Waldbëlleg ugeschwat ginn.*

    *Nieft denen 2 Feldweeër déi um Ordre du jour stinn wollte mir de Gemengerot froen, dem Schäfferot den Optrag ze gi fir eng „mise en état" vum „séchere Schoulwee" ze maachen. Dëst géif de Kanner et erméiglechen méi propper ze Fouss an och mam Vëlo kënnen an d'Schoul ze kommen.*

    Le conseil communal marque unanimement son accord quant au principe de prévoir le « séchere Schoulwee », qui mène de Christnach à Waldbillig, sur le plan annuel de voirie rurale de l'Administration des services techniques de l'agriculture de l'année 2023, qui sera présenté et approuvé en juillet 2022.




*Foto: Damaris*




# RÉUNION DU CONSEIL COMMUNAL 2022/1

**Séance du mardi, 22 février 2022**

Présents :

// HENX-GREISCHER Andrée, bourgmestre,
// BOONEN Serge,
// THOLL Jean-Joseph, échevins,
// BARTHELEMY Marc,
// BENDER Maxime,
// MEYERS Corinne,
// MICHELS Mike,
// TOBES Romain, conseillers,
// DIMMER Martine, secrétaire

Excusé : /.

**Ordre du jour**

| | |
|---|---|
| 2022-01-01 | Affaire de personnel communal. |
| 2022-01-02 | Avancement en grade d'un salarié communal. |
| 2022-01-03 | Questions des membres du conseil communal au collège des bourgmestre et échevins. |
| 2022-01-04 | Approbation d'un contrat de travail. |
| 2022-01-05 | Approbation d'un contrat de location temporaire. |
| 2022-01-06 | Décompte de travaux extraordinaires. |
| 2022-01-07 | Modifications budgétaires. |
| 2022-01-08 | Prise de position aux réclamations introduites lors d'une enquête publique dans le cadre du déclassement d'une parcelle du domaine public communal en domaine privé communal et décision sur ce déclassement. |
| 2022-01-09 | Décision de principe relative à la fixation d'une taxe de séjour. |
| 2022-01-10 | Fixation des jetons de présence revenant aux membres des commissions consultatives communales. |
| 2022-01-11 | Prorogation de l'heure d'ouverture de tous les débits de boissons de la commune de Waldbillig à l'occasion de certaines fêtes en 2022. |
| 2022-01-12 | Accord d'une concession au cimetière de Haller. |
| 2022-01-13 | Approbation d'actes de vente. |
| 2022-01-14 | Convention relative à la mise à disposition d'un bien immobilier aux fins de l'exploitation d'une installation photovoltaïque entre la commune et la société coopérative « Energiepark Mëllerdall ». |
| 2022-01-15 | Convention relative au fonctionnement du service régional conseil pacte nature du Natur-& Geopark Mëllerdall. |
| 2022-01-16 | Décision sur la demande d'un accord de principe d'un approvisionnement occasionnel en eau destinée à la consommation humaine de la commune de Reisdorf. |
| 2022-01-17 | Demandes de morcellement de terrains à Christnach. |
| 2022-01-18 | Convention d'une servitude d'utilité publique. |
| 2022-01-19 | Demandes de subside. |
| 2022-01-20 | Divers. |

Conformément à l'article 13 de la loi modifiée du 13 décembre 1988, les conseillers Maxime Bender, Mike Michels et Romain Tobes ont demandé par écrit à la bourgmestre d'ajouter le point suivant à l'ordre du jour :

| | |
|---|---|
| 2022-01-21 | Konzept « Energie vun hei » mam Landschaftsfleegeholzhaff. |

Le conseil communal :

- décide unanimement de maintenir sa décision du 27 octobre 2021 sur l'attribution d'une indemnité spéciale à un fonctionnaire communal pendant la période du remplacement de la secrétaire communale ;
- marque son accord à l'avancement d'un salarié communal dans le groupe de salaire C de la convention collective des salariés de l'État en vigueur avec effet au 1er avril 2022 ;
- marque son accord au contrat de louage de service du 17 janvier 2022 d'accorder un contrat de travail à un ancien fonctionnaire communal, à raison de 4 heures par semaine et à durée indéterminée à partir du 17 janvier 2022 afin de partager ses connaissances en vue de la bonne continuation du service technique ;
- marque son accord à un contrat de location du 31 janvier 2022 aux termes duquel l'Administration communale de Waldbillig loue temporairement une partie de la maison d'habitation sise à L-6370 Haller, 3 rue du Hallerbach;
- marque son accord au décompte concernant les travaux d'extension du site de la Heringer Millen au montant de 946.713,63 € ;
- marque son accord au décompte concernant les travaux de construction de colombaires aux cimetières de Christnach et de Haller au montant de 43.347,58 € ;
- marque son accord au décompte concernant les travaux d'installation d'un tableau marquoir au hall sportif de Waldbillig au montant de 61.761,85 € ;
- marque son accord au décompte concernant les travaux de fourniture et de montage de tringles à rideaux électriques au hall sportif de Waldbillig au montant de 37.547,92 € ;
- marque son accord au décompte concernant les travaux de montage d'un abri fermé pour bicyclettes M-Box à Christnach au montant de 30.683,86 € ;
- décide unanimement de voter la création d'un nouvel article 3/120/613481/99001 Mise en conformité RGPD et suivi mission DPO avec un montant de 22.000 € ;
- décide avec six voix contre une voix (le conseiller Tobes) et une abstention (le conseiller Michels)
  - de réduire le crédit de l'article 4/910/221311/22009 - Extension de l'école fondamentale – de 400.000,00€ pour le porter à 600.000,00 € ;
  - de réduire le report de crédit de l'article 4/821/221311/20012 - Réaménagement de la buvette et annexes au terrain de football à Christnach – de 500.000,00€ pour le porter à 181.857,51 € ;
  - de voter sous l'article 4/630/222100/17001 - Conduite de connexion du réservoir central Seitert – un crédit spécial de 400.000,00 € ;
  - de voter sous l'article 4/630/222100/17002 - Conduite de connexion du réservoir central Seitert à Mullerthal – un crédit spécial de 500.000,00 € ;
- décide avec cinq voix contre deux voix (les conseillers Bender et Tobes) et une abstention (le conseiller Michels)
  - de donner son accord au déclassement du domaine public communal en domaine privé communal d'une partie du chemin rural situé au lieu-dit « Auf Kasselhoecht » à Christnach, section C de Christnach, et de donner en location au prix du marché une partie de ce chemin rural, notamment la parcelle inscrite au cadastre sous le numéro 143/4742 , sise à Christnach, section C de Christnach, d'une contenance totale de 8 ares 23 centiares ainsi que la parcelle inscrite au cadastre sous le numéro 143/4821, sise à Waldbillig, section B de Waldbillig, d'une contenance totale de 13 ares 76 centiares et prie l'autorité supérieure de bien vouloir y donner son attache ;
  - de demander l'avis du groupe de travail « Vëlos-a Wanderweeër » sur un concept de chemins piétonniers et cyclistes reliant les localités de Freckeisen, Christnach et Waldbillig ;
- se prononce unanimement en faveur de l'introduction d'une taxe de séjour dont le taux et la répartition restent à définir ;

- décide avec six voix et deux abstentions (les conseillers Barthelemy et Tobes) de fixer à partir du 1er janvier 2022 les jetons de présence

  – du président et du secrétaire des commissions légales et consultatives de la commune de Waldbillig à 75.- Euros TTC par réunion ;

  – des membres des commissions légales et consultatives de la commune de Waldbillig à 50.- Euros TTC par réunion ;

  – des experts et des agents communaux assistants aux commissions légales et consultatives de la commune de Waldbillig à 50,- Euros TTC par réunion ;

- décide à l'unanimité des voix de proroger l'heure d'ouverture jusqu'à trois heures du matin de tous les débits de boissons alcooliques à consommer sur place de la commune de Waldbillig aux dates suivantes :

| | |
|---|---|
| Fête Nationale : | du 22.06.2022 au 23.06.2022 |
| Kermesses : | |
| Haller : | du samedi au dimanche<br>du dimanche au lundi |
| Christnach : | du samedi au dimanche<br>du dimanche au lundi |
| Waldbillig : | du samedi au dimanche<br>du dimanche au lundi |
| Saint Sylvestre : | du 31.12.2022 au 01.01.2023 |

- décide unanimement d'accorder une concession pour la place J-6 au cimetière de Haller pour une durée de 30 ans ;

- décide unanimement de marquer son accord à l'acte de vente concernant l'achat des parcelles inscrites au cadastre de la commune de Waldbillig comme suit :

  – no 694/2006, sise à Haller, section A de Haller, avec une contenance de 83 ares,
  – no 229/2074 sise à Haller, section A de Haller, avec une contenance de 65 ares,
  – no 228, sise à Haller, section A de Haller, avec une contenance de 20 ares,
  – no 227/1375, sise à Haller, section A de Haller, avec une contenance de 85 ares,
  – no 1114/3498, section D de Mullerthal, avec une contenance de 14 ares,

  pour le prix total de 135.600 € (253 ares x 500 € + 14 ares x 650 €) ;

- décide unanimement de marquer son accord à l'acte d'échange, aux termes duquel l'administration communale de Waldbillig échange les parcelles suivantes :

  – no 933/2824, section B de Waldbillig, lieu-dit In Dixent, d'une contenance de 0ha 24a 30ca ;
  – no 933/2825, section B de Waldbillig, lieu-dit In Dixent, avec une contenance de 0ha 01a 65ca
  – no 933/2826, section B de Waldbillig, lieu-dit In Dixent, d'une contenance de 0ha 01a 55ca
  – no 800/1542, section A de Haller, lieu-dit Kleiner Seitert, d'une contenance de 1ha 62a 00ca

  contre les parcelles :

  – no 1114/3501, section D de Mullerthal, lieu-dit Möllerdall, d'une contenance de 0ha 10a 20ca
  – no 1114/3499, section D de Mullerthal, lieu-dit Möllerdall, d'une contenance de 0ha 12a 10ca
  – no 1060/4495, section B de Waldbillig, lieu-dit In Landschett, d'une contenance de 0ha 79a 44ca
  – no 1060/4496, section B de Waldbillig, lieu-dit In Landschett, d'une contenance de 00a 96 ca
  – no 1061/506, section B de Waldbillig, lieu-dit In Landschett, d'une contenance de 0ha 10a 00ca
  – no 1062/511, section B de Waldbillig, lieu-dit In Landschett, d'une contenance de 01a 72 ca
  – no 1079/3164, section B de Waldbillig, lieu-dit In Landschett, d'une contenance de 0ha 31a 50ca ;

- décide unanimement de marquer son accord à l'acte de vente concernant la vente d'une parcelle du domaine privé communal sise à Christnach, section C de Christnach, inscrite au cadastre sous le numéro 8/4694 d'une contenance de 42 centiares au prix de 25.200 € (vingt-cinq mille deux cents euros) ;

- approuve unanimement la convention relative à la mise à disposition d'un bien immobilier, la toiture de l'immeuble – bâtiment du service technique aux fins de l'exploitation d'une installation photovoltaïque, signée le 13 décembre 2021 entre l'administration

communale et la société coopérative « Energiepark Mëllerdall » ;

- approuve unanimement la convention relative au fonctionnement du Service régional conseil Pacte Nature du Natur- & Geopark Mëllerdall, signée le 24 janvier 2022 entre l'Administration communale et le Syndicat pour l'Aménagement et la Gestion du Parc Naturel du Mëllerdall ;

- donne unanimement son accord de principe concernant un approvisionnement occasionnel en eau destinée à la consommation humaine des habitants de la commune de Reisdorf, ceci annuellement pendant les mois d'hiver allant du 1er novembre au 31 mars ;

- décide unanimement de marquer son accord au projet de morcellement du terrain inscrit au cadastre sous le numéro 272/4594, section C de Christnach, en six lots, selon le plan joint à la demande ;

- marque son accord à la convention de droit de passage d'utilité publique du 3 décembre 2021 aux termes duquel l'administration communale de Waldbillig est autorisée de passer avec les conduites d'eau potable sur une longueur de 250 mètres par le terrain, inscrit au castre sous le numéro 1374/3203, section B de Waldbillig ;

- décide unanimement d'accorder un subside de 75 € aux associations suivantes :

    - Action Avenir Haïti asbl
    - Unicef Luxembourg
    - Action pour un Monde uni
    - Amnesty International Luxembourg
    - Memoshoah Luxembourg asbl
    - Amicale du Groupe Cynotechnique asbl
    - Treffpunkt ADHS

- décide avec cinq voix contre et trois voix (les conseillers Bender, Michels et Tobes) de ne pas charger le collège des bourgmestre et échevins d'élaborer des propositions en vue de la mise en place d'une cour pour le stockage de bois provenant de l'entretien paysager.



Foto: Damaris

# ZIVILSTAND // *ÉTAT CIVIL*

## Gebuerten // *Naissances*

| | | | |
|---|---|---|---|
| 10/12/2021 | **Fernandes Loegel** | Lévi | *Waldbëlleg* |
| 17/12/2021 | **Barrela Rocha** | Mía | *Haler* |
| 28/12/2021 | **Ribeiro Teixeira** | Léo | *Waldbëlleg* |
| 04/02/2022 | **Vondřich** | Wilhelm Ivo | *Waldbëlleg* |
| 17/03/2021 | **Grosbüsch** | Fynn | *Waldbëlleg* |
| 09/04/2022 | **Touffet Adrovic** | Elliot Ilyes | *Haler* |
| 12/04/2022 | **Gottal** | Lia | *Mëllerdall* |

## Stierffäll // *Décès*

| | | |
|---|---|---|
| 31/12/2021 | **Knepper** Yvette Alice Aloyssia | *Waldbëlleg* |
| 03/01/2022 | **Golda** Piotr | *Haler* |
| 08/02/2022 | **Ewers** Marcel Mathias Nicolas | *Haler* |
| 01/03/2022 | **Cuny** Anne-Marie Thérèse Romaine Antoinette | *Chrëschtnech* |
| 29/04/2022 | **Zocca** Steve | *Waldbëlleg* |



## Hochzäiten // *Mariages*

03/03/2022 **Marques Igrejas** Bruno &
**Dias Balsa** Regina
*Waldbëlleg*

22/04/2022 **Concepción Rodriguez** Yoanky &
**Arcia De Sosa** Daniela de Jesús
*Waldbëlleg*

## Pacs // *Partenariats*

31/03/2022 **Teixeira Ascenção** Filipe &
**Bessa Ribeiro** Virginia Patrícia
*Waldbëlleg*

28/04/2022 **Gouveia Da Costa** Jorge &
**Tavares Estrela** Céline
*Waldbëlleg*

# MIR GRATULÉIEREN





Den 3. Mäerz 2022 sinn d'Regina **Dias Balsa** an de Bruno **Marques Igrejas** bestuet ginn.



Den 31. Mäerz 2022 sinn d'Virginia Patrícia **Bessa Ribeiro** an de Filipe **Teixeira Ascenção** gepacst ginn.



Den 22. Abrëll 2022 sinn d'Daniela de Jesús **Arcia De Sosa** an de Yoanky **Concepción Rodriguez** bestuet ginn.



Den 28. Abrëll 2022 sinn d'Céline **Tavares Estrela** an de Jorge **Gouveia Da Costa** gepacst ginn.



D'Madamm **Felicie Hoss-Schabert** vu Waldbëlleg krut 90 Joer.

*Fotoen:*
*Gemeng Waldbëlleg,*
*Susanne Hangarter*

# PASCALE WILHELMY AM INTERVIEW

### Wéi bass de Buschauffeuse fir d'Schoulkanner ginn?

D'Gemeng hat en Aushang gemaach, datt si zwee Chauffere géinge sichen, fir Camionnette ze fuere fir de Schoultransport, a well ech erëm gäre wollt schaffe goen e puer Stonnen, hunn ech spontan eng Demande beim Gemengesekretär, dem Här Schlammes ofginn. Deemools war den Här Bender (Buergermeeschter) och do, a meng éierlech an direkt Äntwerten haten hinnen anscheinend gutt gefall. Ech hunn den Oktober 1999 duerften ufänken an hunn eng Woch iwwer déi aner geschafft.

### Wéi laang méchs du deen Job schonns?

Ma säit 23 Joer dierf ech schonn hei schaffen an 2001 huet Gemeng mech gefrot, ob ech de Busfürerschäin géing maachen, well mir du vill Flüchtlingskanner an eiser Schoul haten an et net méi duergaangen ass mat enger Camionnette. De 17. September 2001 si mir du mat zwee neie Busser duerch d'Dierfer eis Schoulkanner siche gefuer. Vun do un hunn ech och all Dag geschafft, wa Schoul war.

### Wat sinn déi gutt Säiten dovun?

Déi gutt Säiten dovu sinn: Ech hunn ee gereegelten Alldag, si mat Kanner ëmginn, ech hu ganz sympathesch Aarbechtskolleegen, a sinn houfreg drop an esou enger schéiner Gemeng ze schaffen, wou ech als Kand an der Schoul villes gezielt krut.

### Wat sinn d'Erausfuerderungen?

D'Kanner am Bus sinn heiansdo net esou einfach. Et si Kanner, a si vergiesse ganz séier, datt si net an der Paus sinn, a si schwätzen a streiden zimmlech haart am Bus, wat relativ stéierend ass beim Fueren, well ech immens konzentréiert muss sinn. Plus ou moins 50 Kanner, dat sinn der jo e puer, an dat ouni Opsiicht um Schoultour. Och beim Verkéier op de Stroossen, bei de Baustellen asw., muss een zu 100 Prozent opmierksam sinn, well et dréit een dee Moment eng riseg Verantwortung an dat sinn ech mir och all Dag bewosst a bréngen den Elteren hir Kanner gäre gesond a monter op de Busarrêt. Dofir sinn ech och e bësse méi streng, awer ech probéieren de Kanner dat dann och ze erklären, soudatt si d'Situatioun och verstinn. Bei ganz ville klappt dat och, a bei aneren alt leider net.

*D'Pascale tëscht dem Stefan Spaus an dem Willy Smit.*







**Wou has du virdrun geschafft?**

Mat 15 Joer hunn ech eng Léier als Coiffeuse ugefaangen. Déi huet dräi Joer gedauert an duerno hunn ech e bësse méi ewéi zwee Joer als Vendeuse geschafft, bis ech mäi Meedchen Sammy kritt hunn.

**Wat géifs du der fir d'Zukunft an dengem Beruff wënschen?**

Wat ech ganz flott géing fannen, wier erëm eng Verkéierssécherheetswoch an der Schoul ze organiséieren. Do léiert ee ganz interessant Saachen fir grouss a kleng Leit. Virun e puer Joren hu mir dat eng Kéier mat der Elterevereenegung gemaach, mat Police, Léierpersonal a villen aneren, an ech ka just soen, datt et eng super Erfarung war fir jiddereen.
Wat mir awer nach um Häerz läit, ass datt d'Elteren hire Kanner e gutt Virbild sinn, a si mat hinnen den Zebrasträife solle benotzen an och wgl. net direkt hanner oder virum Bus iwwer d'Strooss solle goen. Villäicht och eis Schëlder respektéieren a bei der Spillschoul op enger Parkplaz parken an net no hanne fueren, well esou e klengt Kand gesäit ee ganz oft net hanner dem Auto.

**Fënns du, datt et sech gutt an eiser Gemeng liewe léisst?**

Ech hu 14 Joer an der Gemeng Waldbëlleg gewunnt a si frou, datt mäi Meedchen do konnt seng Schoul maachen, well mir haten an hunn e super Léierpersonal do, déi eise Kanner villes bäibruecht hunn, vill spadséiere gaange sinn an esou villes gebueden hunn. Et ass e schéint Duerf, wou een nach e Landliewen huet, mat Baueren, villen Tréppelweeër; ëmmer begéint een e Mënsch fir e Wuert ze wiesselen an et ass keng Hektik ze spieren.

**Soll eis Gemeng onofhängeg bleiwen?**

Jo, ech wéilt schonn, datt d'Gemeng onofhängeg bleift.

**Wat méchs du gär an denger Fräizäit?**

A menger Fräizäit verbréngen ech gäre vill Zäit mat menger Enkelin, dem Romy. Et ass einfach ee Geschenk, wat dee klenge Mënsch engem u Léift a Liewensfreed gëtt. Ech liese gäre spannend Bicher, a genéissen et, Zäit mat der Famill, mat gudde Frënn a mat eise Mini-Shetland-Ponyen ze verbréngen.

**Wat méchs du am léifsten, wann s du no der Aarbecht heemkënns?**

Wann ech heemkommen, drénken ech gemittlech eng Taass Kaffi mat mengem Mann a genéissen de Feierowend.

*Interview: Corinne Meyers*
*Privat Fotoen: Pascale Wilhelmy*
*Foto vum Service: Gemeng Waldbëlleg*



# DE MARCEL EWERS (1938 – 2022)

De Marcel Ewers gouf den 3. Abrëll 1938 zu Haler gebuer an huet säi ganzt Liewen do verbruecht. Säi Papp hat do de Bauerebetrib A Schoustesch, esou wéi et an der Familljen zanter Generatiounen Traditioun war. D'Haus stoung do an der Henerecht, zanter datt et 1782 gebaut gouf vu Jean Kisch a Catherine Lannen, vun deenen déi haiteg Famill Ewers ofstaamt. Dem Marcel seng Mamm koum vun engem Bauerenhaff vu Bettenduerf; hien hat zwou Schwësteren, déi op Dippech an op Rolleng bestuet waren.

Et ass net ganz kloer, wouhier deen Numm A Schoustesch kënnt. De Marcel huet am Buet Nummer 2 vun 1994 geschriwwen, wat hien doriwwer erausfonnt hat. Jiddefalls waren et esouwäit bekannt ëmmer Baueren, déi do gewunnt hunn.

Als Kand hat de Marcel den Zweete Weltkrich materlieft, wat hie bis u säi Liewensenn net vergiess huet. Virun allem d'Rundstedtoffensiv ass him an Erënnerung bliwwen, wéi hien als Siwejärege mat senger Familljen huet misse fortlafen a bei Famill zu Dippech fir e puer Méint ënnerkoum. De Marcel war ewéi esou vill anerer markéiert vun där Experienz a wollt e Liewe laang net méi gär Kabes iessen, well däers vill op den Dësch koum an deem Stot, wou mat more Mëttele vill méi Leit ewéi geplangt hu missen z'iesse kréien.

Nom Krich ass de Marcel no der Primärschoul an de Lycée op Iechternach gaangen an huet dono seng Studien an der Akerbauschoul ofgeschloss. De Marcel hätt léiwer eppes anescht geléiert. Mee an där Zäit huet de Jong vun engem Bauer de Betrib iwwerholl, wéi him dat déi dräi Männer am Haus, de Papp, de Monni an de Groussmonni, kloergemaach hunn.

1974 huet de Marcel d'Marie-Anne Bartimes vu Beefort bestuet. Si koum net aus engem Bauerebetrib, soudatt déi jonk Fra sech emol huet missen u muenches gewinnen. Hire Papp an hire Monni haten eng Uniformschneiderei zu Beefort. De Monni Léon Bartimes war vun 1963 bis 1988 Buergermeeschter zu Beefort, soudatt d'Marie-Anne Bartimes wousst, wat et géif heeschen u gudden an u schlechten Experienzen, wann d'Famill am politesche Liewe mat dran ass.

Déi jonk Koppel sollt dräi Kanner kréien, de Jong huet de Betrib iwwerholl an déi zwee Meedercher schaffen als Léierin an als Juristin. An och déi Generatioun dono ass um Dill: op der Familljefoto déi nächst Säit ass ze gesinn, wéi frou de Marcel am Krees vu senger Famillje war, bei senger Fra, senge Kanner a Kandskanner.

De Marcel war gepaakt vun der Virgeschicht a vun der Archeologie. Hien hat duerch Zoufall an engem Stéck eng réimesch Mënz fonnt. Hien ass dunn op Iechternach an d'Librairie gaangen, fir e Buch doriwwer ze fannen. Esou eppes war zwar net do, mee awer eent iwwer d'Virgeschicht. Domat war et geschitt. Hien huet direkt ugefaange mat sichen. Hie muss e ganz speziell talentéiert A gehat hunn, well en huet direkt déi éischte Kéier eng Partie Silexe fonnt, de Grondstee vun enger imposanter Kollektioun.

Seng Sammlung ass esou gewuess, datt se bal net méi an dat grousst Haus zu Haler gepasst huet. Hie gouf Member a spéider President vun der 1979 gegrënnter Société préhistorique luxembourgeoise S. P. L. Wéi déi Societéit an der Stad net méi erwënscht war, huet de Marcel derfir gesuergt, datt si en neit Doheem fir hir Reuniounen, Aarbechtssëtzungen a fir d'Bibliothéik an der Sportshal

vun der Gemeng Waldbëlleg krut. Seng Fra huet dacks genuch fir d'Conferenciere gekacht, déi si agelueden hunn, an eng Partie hunn esouguer zu Haler iwwernuecht.

De Marcel huet an de Kreesser vun den Experte vun der Préhistoire eng grouss Renommée kritt. Verschidde vu senge Stécker sinn am nationale Musée um Fëschmaart ausgestallt. Seng Sammlunge sinn elo op säi Wonsch un d'S.P.L. gaangen, déi sech drëm këmmert, fir alles ze klasséieren. Dat ass net schwiereg, well de Marcel alles genee opgeschriwwen huet, wéini a wou en eppes fonnt huet. An de leschte Woche vu sengem Liewen huet hie seng Fra gefrot, him verschidden Etikettéierunge ze weisen, fir datt hien hir nach konnt genee explizéieren,



wat déi verschidden Ofkierzunge bedeiten. Näischt charakteriséiert de Marcel besser, wéi déi Suerg, seng Fondstécker korrekt ze hannerloossen. Hien huet seng Passioun mat Gewëssenhaftegkeet gelieft, a mat sengem wëssenschaftleche Geescht, deen hien op eege Fauscht developpéiert hat.

An der Gemeng hat de Marcel e puer mol seng Stécker gewisen, 1980 zu Haler, 1996 zu Waldbëlleg, vun 2010 un an der Heringer Millen. Mee 2018 konnte mer eis intensiv vun der Sammlung vum Marcel Ewers iwwerzeegen. Et war d'Kultur- an Tourissemskommissioun KTK, déi an der Kierch d'Ausstellung organiséiert hat vun dem Marcel senger imposanter Sammlung. De Marcel selwer war do permanent present, fir de Leit déi néideg Explikatiounen ze ginn. Hie krut dobäi gehollef vun senge Kolleegen aus der S. P. L. An hie war gutt encadréiert vun de Membere vun der KTK a speziell dem Damaris, déi gekuckt hunn, datt hien net ze vill däers Gudde gemaach an heiansdo no sech gekuckt huet.

De Marcel war den Historiker vun der Gemeng. Hien huet eng Abberzuel Artikelen an de Gemengebuet an an de FUUSS geschriwwen. Hie war speziell interesséiert un der Geschicht vum Zweete Weltkrich hei an den Dierfer, un der Virgeschicht natierlech mat de Sitten aus der Gemeng, mee awer och um Michel Rodange an deene anere Perséinlechkeeten a Plazen hei aus der Géigend an aus der Ëmgéigend. Hie war och politesch aktiv, de Marcel Ewers war Gemengeconseiller vun 1976 bis 1988 a Schäffe vun 2005 bis 2011. Doriwwer schreiwen an dëser Zeitung déi deemoleg Buergermeeschteren.

De Marcel Ewers war e gehéieregen Deel vun Haler a vun der Gemeng Waldbëlleg. Hien hat e räicht an interessant Liewen an huet der Gemeng vill matginn. Hien ass den 8. Februar 2022 zwee Méint viru sengem 84. Gebuertsdag gestuerwen.

*Marc Barthelemy*
*Foto vun der Famill: Caroline Evers-Osweiler*

# INTERVIEW MAM MARCEL EWERS



*Dësen Interview huet de Maxime Bender am Joer 2018 mam Marcel Ewers gemaach. E gouf am Fuuss 2018/2 publizéiert.*

**Wie sidd Dir?**

Ech sinn de Marcel Ewers, gebuer den 3. Abrëll 1938 zu Haler a mengem Heemechtshaus, A Schoustesch. D'Haus ass vu 1782, an eis Famill ass säit néng Generatiounen an dësem Haus a féiert zanterhier de Bauerebetrib. Ech si bestuet mam Marie-Anne Bartimes vu Befert. Mir hun dräi Kanner, d'Francine, d'Marielle an de Georges.
Ech sinn diploméiert vun der Akerbauschoul an hunn esou och de Bauerebetrib gefouert. Säit e puer Joren hunn ech meng Pensioun, an eise Bouf, de Georges, féiert den Betrib virun.

**Dir hutt eng besonnesch Passioun. Kënnt Dir eis dovun erzielen, a wéi Dir dozou komm sidd?**

Meng Passioun ass d'Préhistoire. Duerch Zoufall hat ech an engem Stéck vun eis, warscheinlech e Gromperefeld um Schreineschbierg am Niesendall, eng réimesch Mënz fonnt. Do war eng réimesch Villa.
Et war eng selwer Mënz (mat Koffer dran), déi ech an de Musée bruecht hunn. Duerno war ech op Iechternach an d'Librairie, wou ech mer Bicher iwwer réimesch Mënze kafe wollt. Si haten awer keng, an ech hu mer amplaz e Buch vum Marcel Lamesch iwwer d'Préhistoire am Marscherwald matgeholl. An ech hu mech gefrot: Wann ee Saachen am Marscherwald fënnt, wisou dann net och an eiser Gemeng?
Déi Woch drop sinn ech sonndes an den Immendall (vis-à-vis vum Marscherwald) zwou Stonnen an e Stéck siche gaang, a wéi ech heemkoum, hat ech iwwer zwanzeg Silexen opgeraf, mat enger Feilspëtzt. Sou war et ugaang. An där Zäit, 1979, ass zu Lëtzebuerg eng wëssenschaftlech Gesellschaft gegrënnt ginn, d'Société préhistorique luxembourgeoise.

**Dir sidd säit e puer Joren President vun der Société préhistorique luxembourgeoise. Wat ass dat fir e Veräin, aan wat si seng Aktivitéiten?**

D'Société préhistorique luxembourgeoise huet 200 Memberen. Si huet hire Sëtz an der Gemeng Waldbëlleg an der Sportshal an huet do och hir Bibliothéik. Mir kruten am Joer 2006 d'Méiglechkeet vun der Gemeng Waldbëlleg, an dës Lokalitéiten eranzeplënneren. An eis d'Bibliothéik kënnen interesséiert Leit kommen, wann se bei mir e Rendez-vous froen.
Mir hu reegelméisseg Konferenzen, déi mer an der Gemeng Waldbëlleg maachen. Mir bedeelegen ons un Ausgruewunge vum Musée hei am Land, an all Joer bréngе mir e Buch eraus. Mir hunn an eiser Societéit international renomméiert Wëssenschaftler fir d'Préhistoire.
Mir hu kee Musée hei zu Waldbëlleg mat eise Saachen, mee et fënnt een der am Musée um Fëschmaart an der Stad. Do ass esouguer d'Karelslee nogebilt, déi hei an der Gemeng ass.

**Dir sidd zanter ville Joer ënnerwee an der Gemeng op der Sich no raren Objeten. Wéi eng besonnesch interessant Objeten hutt Dir fonnt? Wou sinn déi interessantste Plazen hei an der Géigend?**

Um Reineschhaf (Gemeng Miedernach) hunn ech Outile vum Magdalénien (20.000-12.000 viru Christus) fonnt.

Déi sinn elo an enger Vitrinn am Staatsmusée.
Den Immendall hei an der Gemeng bleift ëmmer nach eng vun den interessante Plazen. Do fënnt ee vill aus dem Mesolithikum, der Mëttelsteenzäit (10.000-7.000 viru Christus). De Gréiwenhaff ass déi Plaz, wou een am meeschte fënnt. Do hunn ech an engem Joer bis zu zwanzeg Feilspëtzte fonnt.
Ech hunn hei an der Géigend och eng ganz Partie Aaxten aus Silex vu verschiddenen Type fonnt.

**Dir waart och jorelaang an der Gemengepolitik aktiv, zwielef Joer als Conseiller a sechs Joer als Schäffen. Wéi ass et dozou komm, a wisou wollt Dir Iech engagéieren?**

Ech hunn deemools virun 30 Joer, wéi ech mech engagéiert hunn, wëlle Saache veränneren. Als Conseiller ass et schwéier, fir kënnen eppes ze änneren oder sech duerchzesetzen. D'Majoritéit hält zesummen.
Mee ech hunn awer, mengen ech, déi Zäit verschidde Saachen zum Gudde gedréint kritt an diplomatesch nei Impulser ginn, och wann ech heiansdo méi haart Oppositiounsaarbecht hu misse leeschten. Doduerch war et mir an där Period och net méiglech, an de Schäfferot ze kommen. Meng Demissioun no zwielef Joer Conseiller huet, mengen ech, bei den nächste Walen eng komplett Ëmwälzung bruecht.
No enger Paus vun 18 Joer huet den deemolege Buergermeeschter Gérard Bender mech erëm dovun iwwerzeegt kritt, fir matzegoen. Ech gouf du Schäffe fir sechs Joer, wat eng schéin Zäit war.

**Wat sinn Är markantste Souvenire vun all deene Joren am Déngscht vun der Gemeng?**

Déi Zäit am Schäfferot war eng ganz flott Zäit, an där mer bis bal zum Schluss allen dräi ganz gutt zesummegeschafft hunn. Mir hunn deemools vill realiséiert a sinn och gären dorëmmer am Déngscht vun der Gemeng ënnerwee gewiescht, sief et fir Aweiungen oder Reuniounen.
Ech sinn houfreg op déi Aarbechte vun deemools, ewéi zum Beispill déi nei Maison relais, oder och dorobber, wat aus der Heringer Millen am Mëllerdall entstanen ass.

**Entwéckelt sech d'Gemeng esou virun, ewéi Dir Iech dat virgestallt hat?**

Ech sinn der Meenung, datt bis elo d'Gemeng ëmmer moderéiert gewuess ass. Mir hunn eng Infrastruktur, déi an der Rei ass, déi eventuell op der enger oder anerer Plaz muss verbessert ginn. Mat deem moderate Wuesstem sinn ech ganz zefridden.
Wat ech net gäre géif gesinn, ass, datt op eemol vill Residence géife kommen an esou den Duerfcharakter verluer géing.

**Wat sinn Är perséinlech Zieler? Gëtt et eventuell eng Ausstellung vun Ären Objeten ze gesinn?**

Natierlech wënschen ech mir eng gutt Gesondheet fir déi nächst Joren.
Et gëtt eng Ausstellung vun der Kultur- an Tourismuskommissioun mat mengen Objeten am Oktober organiséiert. Do géif ech mech natierlech freeën, wa vill Leit déi interessant Objeten aus der Préhistoire bewonnere kéimen.

**Marcel Ewers, mir soe Merci fir dat interessant Gespréich a wënschen Iech weiderhin alles Guddes, eng gutt Gesondheet an nach vill nei Entdeckunge bei Äre Recherchen.**

*Interview a Foto: Maxime Bender*

*De Marcel Ewers mam Maxime Bender*



# NORUFF OP DE MARCEL EWERS

*De Gérard Bender, deemolege Buergermeeschter an haitegen Éierebuergermeeschter vun der Gemeng Waldbëlleg, huet am Luxemburger Wort vum 7. Mäerz 2022 op der Säit 93 en Noruff op de Marcel Ewers geschriwwen. Wéi mir hie gefrot hunn, huet den Auteur eis déi frëndlech Erlabnis ginn, deen Noruff och hei am FUUSS ze publizéieren.*

De Marcel huet ons viru kuerzem verlooss a feelt ons schonn all immens. Hie war ee vun de wéinegen, deen seng Gemeng Waldbëlleg bis an de leschten Detail kannt huet. Geschichten an Erënnerungen, vun haut, vu gëschter a vu viru laanger Zäit waren an him ganz lieweg; hie war den Historiker vun der Gemeng, hie war de Geograph vun der Gemeng, hie war eng Quell vu Wëssen, déi mir zu all Moment konnten unzapen.



Gérard Bender

Déi Leit, déi d'Chance haten, mat dem Marcel zesummenzeschaffen, wëssen ëm dat Wëssen, dat de Marcel an esou villen Domainen hat. D'Gemeng hat d'Gléck, de Marcel laang Joren als Mataarbechter ze hunn: Hien huet onzieleg Artikelen an dem Gemengebuet geschriwwen; do war rieds vum Michel Rodange, vum 2. Weltkrich, vu Geschichten aus der Gemeng, vu Flouernimm an hir Bedeitung, vu Weekräizer, vu prehistoresche Faustkäiler oder Feilspëtzten, vum Kallekbrennen oder vu Kiermesham, vun allerhand klenge Geschichten aus der Geschicht. Mat der Rubrik „Kennt Dir ons Gemeng?" huet hie sou munnech Ecken aus der Gemeng virgestallt.



*De Marcel Ewers 2010 nieft dem Jean-Luc Schleich vis-à-vis vum Buergermeeschter Gérard Bender bei der Aweiung vum Fuussepad*

De Marcel war eng dreiwend Kraaft an der Kultur- an Tourismuskommissioun, hien huet Wanderungen organiséiert op Plazen an onser Gemeng, déi vill Leit net kannt hunn, seng Erklärungen a Kommentaren op munche Plaze waren oft spannend, ëmmer iwwerraschend.

Dem Marcel seng absolut Passioun war awer di prähistoresch Zäit. Hien huet Këschte voll wäertvoll Stecker iwwer d'Préhistoire am Mëllerdall gesammelt. Méi wéi eng Kéier war ech bei him doheem an hu vun engem begeeschterte Mann vill interessant a flott Saache gewise kritt. Allerhand Fondstécker sinn op den Dësch komm, di engem Laien näischt gesot hunn, awer mat him senge fachmännesche Kommentaren e groussen Interessi ervirgeruff hunn.

Dat alles an nach vill méi huet de Marcel a senge bal alldeegleche Sortien iwwer de Flouer vun Haler, Miedernach, Beefort, asw. fonnt. Vill vu senge Fondstécker, sief dat Silexen an Aaxten aus der Géigend, Handwierksgeschier aus dem Paléolithique supérieur (vu 15 000 viru Christus), oder Feilspëtzte sinn haut an der Stad am Musée ze gesinn. Dobäi muss ee wëssen, datt de Marcel doheem e Bauerebetrib hat an hien oft an d'Stécker ploue gefuer ass; säi Bléck war derart geschoult, datt hie vum Trakter erof an enger geplouter Fuer di klengste Feilspëtzt oder Faustkeil gesinn huet.

2018 huet de Marcel an der Waldbëlleger Kierch eng Ausstellung organiséiert ënner dem Titel „Préhistoire am Mëllerdall". All Exponate ware vun him. Mat der Hëllef vun der „Société préhistorique luxembourgeoise", dem „Service d'archéologie préhistorique" vum CNRA, der Kultur- an Tourismuskommissioun vun der Gemeng, huet de Marcel Ewers a ville Vitrinne ganz wäertvoll Stecker aus onser Mëllerdaller Géigend, déi bis zu 20 000 Joer viru Christus datéiert sinn, virgestallt.

D'Société préhistorique luxembourgeoise ass natierlech e Schwéierpunkt am Marcel senger Geschicht; wéi dës wëssenschaftlech Gesellschaft 2007 aus de Lokalitéiten an der Stad huet missen eraus plënneren an di staatlech Kulturverantwortlecher keng Platz fir si fonnt hunn, huet den deemolege Gemengerot, op Nofro vum Marcel, si zu Waldbëlleg opgeholl, wou si an de Raimlechkeeten niewent der Schoul eng Bibliothéik mat iwwer 5000 Bicher bedreiwen a permanent Publikatiounen an Austausch mat auslänneschen Instituter, Universitéiten, Muséeën

an aner Fuerschungszentre maachen. Och dat ass dem Marcel, dee President vun der Gesellschaft war, säi Verdéngscht.

De Marcel war vun 1976 bis 1988 Gemengeconseiller. Leider ass hien 1988 bei der Bildung vun engem Schäfferot iwwergaange ginn, obschonn dat sou geplangt. war. Doropshin huet hien sech aus der kommunaler Politik zréckgezunn an ass sengem Beruff, senger Famill a sengem Hobby nogaangen.

Wéi awer no de Gemengewale vun 1993 eng nei Equipe d'Geschécker vun der Gemeng iwwerholl huet, huet dem Marcel seng Schwächt fir d'Gemeng Waldbëlleg neien Opschwong kritt a mir haten d'Chance, hien als permanenten Auteur vun onzielegen Artikelen am Gemengebuet ze hunn. Och als Member vu kommunale Kommissioune konnt d'Gemeng op hien zielen.

Fir d'Gemengewalen 2005 war de Marcel séier bereet matzegoen an hien ass direkt gewielt ginn. Hie war dunn de richteg Mann fir an de Schäfferot a mir haten eng immens Chance, e Mann mat senge Kenntnisser vum Terrain, sengem Feigefill, sengem Wësse vun der Geschicht vun onser Gemeng an onser Mëtt ze hunn.

Mat Begeeschterung ass hien un d'Aarbecht gaangen, war an all Schäfferot present, huet oft säi Pefferkär bäigeluecht, war praktesch an all Kommissiounssëtzung, wou hie Member war, huet weider vill Artikele geschriwwen an ass glécklecherweis doheem am Betrib vu sengem Jong voll a ganz ersat ginn. Senger Fra Marie-Anne gëllt e grousse Merci,, datt si de Marcel sou grousshäerzeg mat der Gemeng gedeelt huet.

Mir haten d'Freed an d'Gléck, net nëmmen de Marcel ze kennen; mir hunn och däerfe mat him schaffen, vu sengem Wësse profitéieren, u senger Begeeschterung deelhuelen an e Stéck Wee mat him goen, leider e vill ze vill klengt Stéck. Merci fir dat alles.

Aus engem Mënsch, deen ech kannt hunn, ass e Mataarbechter ginn an aus deem Mataarbechter ass e Frënd ginn, deen ech geschätzt hunn, deen ech geéiert, deem ech absolut vertraut hunn. Elo ass dee Frënd mir geholl ginn.

Ee wéi de Marcel Ewers ass net ze ersetzen:
Äddi Marcel.

*Gérard Bender,*
*Éierebuergermeeschter vun der Gemeng Waldbëlleg*

# MERCI, MARCEL!

*De Jean-Luc Schleich, mam Marcel zesumme Schäffen an dono Buergermeeschter an haitegen Éierebuergermeeschter vun der Gemeng Waldbëlleg, huet fir de FUUSS senger Unerkennung fir de Marcel Ewers Ausdrock ginn.*

Wann ee gudde Mënsch dës Welt fir ëmmer verléisst, dann hannerléisst dat an den Häerzer vu senge Familljen a Frënn ee Lach, dat nëmme schwéier verheelt. Fir déi aner Leit ass et schwéier ze begräifen, datt ee Mënsch, deen ee gutt kannt huet, net méi do ass. Dat bréngt engem ee schwéiert Gefill an d'Mokaul. Wat zeréckbleift ass eng schéin Erënnerung un déi Zäit wou ee mat deem Mënsch ee Stéck Wee konnt zesumme goen. Mat groussem Respekt an Dankbarkeet wëll ech dem Marcel Äddi soen a Merci fir déi Zäit wou ech mat him an der Gemengepolitik a bei séllege Projete verbréngen duerft. Senger Famill wëll ech main häerzlecht Bäileed a Matgefill ausdrécken!


*Jean-Luc Schleich*

De Marcel Ewers war fir déi allermeescht Leit an der Gemeng ee bekannten a beléifte Mënsch, eng prägend Perséinlechkeet an eiser Gemeng. Ech wousst zwar als Kand schonns wien hie war, ma richteg kennegeléiert hunn ech de Marcel - de Mars, wéi e genannt gouf - eréischt duerch d'Aktivitéiten an der Gemengepolitik. An de Joren 2004 an 2014 war hie ganz aktiv an d'Organisatioun vun den Erënnerungen un d'Ardennenoffensiv vun 1944 agebonnen. Hien hat déi schrecklech Zäit als Kand nach selwer erlieft. Mat sengen ergräifenden Temoignagen huet hien 2014 de Schoulkanner am Seiterter Bësch zu Haler erzielt, wéi vill Angscht a Leed de Krich iwwer d'Leit aus eiser Gemeng bruecht hat. Dem Marcel säin Engagement an der Resistenzorganisatioun LPPD (Sektioun Iechternach), säin Engagement fir Fridden an Toleranz ënner de Mënsche bleiwe mir a gudder Erënnerung.

Ech hunn de Marcel empfonnt als ee Mënsch, dee ganz déif mat senger Heemechtsgemeng, mam Buedem an de Leit, verbonne war. Hie war mat Leidenschaft am landwirtschaftleche Betrib aktiv a mat nach méi grousser Begeeschterung huet hien déi national a lokal Geschicht studéiert. Ongezielt sinn seng interessant geschichtlech

Artikelen am Gemengebuet an herno am De FUUSS. Doranner huet hie ville Leit eist kulturhistorescht lerwe méi nobruecht. Ech géif mir wënschen, datt dem Marcel seng Artikelen enger breeder Lieserschaft aus eiser Gemeng eng Kéier a Buchform kéinte verierft ginn. Mam Marcel verléiert eis Gemeng hire gréisste Lokalhistoriker aus der moderner Zäit. Als President vun der SPL (Société préhistorique luxembourgeoise) war hie matverantwortlech derfir, datt dës nobel Societéit hire Sëtz an eis Gemeng verluecht huet. D'Vir- an d'Fréigeschicht haten him et staark ugedoen a seng Sammlung vun Objeten aus där Zäit hunn national Bekanntheet. An enger schéiner Ausstellung an der Waldbëlleger Kierch konnt een sech ee Bild dovunner maachen.

D'Joren vun 2005 bis 2011 konnt ech mam Marcel zesummen am Schäfferot verbréngen. Seng empathesch an zilorientéiert Aart a Weis, seng Positivitéit a säi Wëssen hunn ech bewonnert. Seng Fairness och! Dem Marcel ass et ëmmer ëm d'Saach gaangen!

Ganz besonnesch bleift mir och d'Zesummenaarbecht um Buch iwwer de Michel Rodange am Joer 2017 a schéiner Erënnerung. De Marcel war duerch an duerch ee Spezialist vum Renert a Rodange-Stoff.

Dem Marcel säi Liewen a Wierken am Déngscht vu senge Matmënschen a senger Gemeng bewonneren ech. Ech wäert déi schéi Momenter wou ech mat him konnt erliewen net vergiessen! Merci fir déi schéi gemeinsam Zäit, Marcel!

*Jean-Luc Schleich*
*Éierebuergermeeschter*

## DEN HISTORIKER AUS DER GEMENG



*Andrée Henx-Greischer*

Zwee Méint viru sengem 84. Gebuertsdag huet eis déi traureg Noriicht erreecht, dass de Marcel Ewers vun Haler gestuerwen ass.

Perséinlech hunn ech de Marcel 2007 besser kennegeléiert bei de Virbereedunge fir d'Feierlechkeete vun 200 Joer Par Chrëstnech. Ech war begeeschtert vum grousse Wësse wat de Marcel hat. Hie war bewandert an der Geschicht vun den alen Haiser am Maria-Theresia-Stil wéi och vun de Kapellen a Weekräizer, wouriwwer hien och Artikele geschriwwen huet. Duerno hu sech eis Weeër nees bei verschiddene Geleeënheeten an der Gemeng gekräizt wéi bei der Ausstellung an der Sportshal wou hie villes iwwer d'Rundstedtoffensiv am Zweete Weltkrich erzielt huet. De Marcel war och laangjärege President vun der Société préhistorique luxembourgeoise S. P. L. a seng grouss Sammlung a säi Wësse waren iwwer eis Landesgrenzen eraus bekannt. Dat konnt ee gesi bei der Ausstellung an der Kierch zu Waldbëlleg, déi 2018 stattfonnt huet.

Bei all sengen Artikelen am FUUSS oder a verschiddene Bicher konnt ee seng Begeeschterung erausspieren. Him konnt ee stonnelaang nolauschteren oder mat him diskutéieren, et war ni langweileg wann een a Gesellschaft vum Marcel war.

De Marcel war DEN HISTORIKER AUS DER GEMENG, hie war eng Quell vun Wëssen op déi een zu all Moment konnt zréckgräifen. Ech hunn dat bewonnert.

De Marcel Ewers war iwwer laang Joren am Gemengen- a Schäfferot aktiv, fir säin Asaz fir d'Gemeng kënne mir him nëmme Merci soen.

De Marcel ass net méi do wou hien ëmmer war a säi Feelen deet senger Famill a ville Leit wéi. Mir mussen ouni de Marcel weiderfueren an wäerten net vergiessen, wat hie fir seng Matbierger an d'Gemeng Waldbëlleg geleescht huet. D'Spuere vun senger wäertvoller Aarbecht bleiwen eis erhalen a ginn net verluer.

*Andrée Henx-Greischer*
*Buergermeeschterin*



## HIE WÄERT EIS FEELEN

Perséinlech hunn ech de Marcel Ewers kenne geléiert, wéi ech un engem vun him geféierte Tour duerch Chrëschtnech deelgeholl hunn. Ech hunn do geléiert, datt déi schéin Haiser an deem Duerf vun Éisträicher gebaut goufen, am Maria-Theresia-Stil, an datt déi Helleg Walburga zu Chrëschtnech present ass. Kapellen a Weekräizer waren och e Gebitt, iwwer dat de Marcel vill ze erziele wousst an wouriwwer en dacks geschriwwen huet.

Ech hat natierlech mat vill Interessi dem Marcel seng Artikelen am Gemengebuet gelies, an hu profitéiert, fir hien ze froen, ob ech eng Kéier seng Sammlunge kéint kucke kommen. Mat mengen deemools nach klenge Meedercher sinn ech bei en heem gaangen, an hien huet eis Këschte voll Faustkeiler, Steebeiler, Feilspëtzen asw. gewisen. Mir ware ganz paff iwwer déi vill Këschten, mee seng Fra déi sot: „Dat ass nach guer näischt. De ganze Späicher läit voll."

Mir hunn him stonnelaang nogelauschtert. Iergend wéini hunn ech e gefrot: „Wou hutt Dir da studéiert?" „Studéiert? Ech si Bauer", sot de Marcel an huet gelaacht.

Spéiderhi sollt ech nach vill mam Marcel ze dinn hunn. Mat him an dem Jean-Luc Schleich hu mer dat schéint Buch fir déi 190 Joer vum Michel Rodange geschriwwen an zesummegestallt. An en huet nach vill Artikele fir de FUUSS geschriwwen.

Hie wäert eis feelen. A senger Famill nach vill méi, där onst ganzt Matgefill gëllt.

*Marc Barthelemy*



## FIR SENG 80 JOER!

Eng Delegatioun vun der Kultur- an Tourismus-kommissioun war dem Marcel Ewers wënschen, fir seng 80 Joer: Marc Barthelemy, Maxime Bender, Marc Feidt, Henry Wickens.

Dobäi ass natierlech och d'Gespréich op dem Marcel Ewers seng Sammlunge komm an eng Partie vun de schéinste Stécker si sech ugekuckt ginn.

*Fotoen: Marc Barthelemy*





# AUSSTELLUNG ZU WALDBËLLEG

*Am éischte FUUSS vun 2019 war en ausféierleche Bericht iwwer d'Ausstellung an der Waldbëlleger Kierch. Hei sinn e puer Auszich doraus:*

## Ausstellung Préhistoire am Mëllerdall vum 20. bis den 28. Oktober 2018 an der Kierch zu Waldbëlleg



An der Ausstellung sinn dem Marcel Ewers seng Fondstécker an néng Vitrinnen a mat siwe Plakater gewise ginn. D'Ausstellung wor 66 Stonnen op, an zwar vun 10 bis 18 Auer di zwee Weekender, soss vu 15 bis 18 Auer a moies fir d'Primärschoulsklassen. Affichen an e Programmheft hunn informéiert iwwer Inhalt, Vernissage a Konferenz.

Den Tri an den Op/Ofbau huet d'Société préhistorique luxembourgeoise mam Marcel Ewers di Woch virdru sur place gemat. Mat der Hëllef vun de Gemengenaarbechter hunn de Fernand Spier an de Johny Karger alles getässelt; de Johny Karger huet eng professionnell Power-point-Präsentatioun gemat. D'Zeechnunge si vum Benoît Clarys.

D'Ekipp vun der Kultur- an Tourismus-Kommissioun huet d'Permanence assuréiert an esou den omnipräsenten Marcel Ewers bei senge Féierungen begleet an ënnerstëtzt, an och den Accueil vun de Kanner encadréiert.

Et haten sech sechs Klassen ugemellt, véier vu Waldbëlleg an zwou vu Konsdref. Sou konnte moies 104 héich interesséiert Kanner mat de Léierinnen d'Ausstellung vum begeeschterte Marcel Ewers erkläert kréien. Si kruten eng bis annerhallef Stonn vill gewisen a kruten och hir Froe beäntwert.

318 erwuesse Visiteure si kucke komm. Ganz vill Leit wore Préhistoire-Experten a Bekannter vum Marcel Ewers, regional an landeswäit! Et sinn och vill Bauere kucke komm, a vill Leit hate Steng oder soss Saachen dobäi fir dem Marcel Ewers ze weisen.

Samsdes, den 20. Oktober um 10 Auer wor de Vernissage mat enger 30 Leit. De Maxime Bender huet eng Ried gehal, wouran hien dem Marcel Ewers säi Liewenswierk gewierdegt huet. De Fernand Spier huet d'Ausstellung virgestallt. Den Tom Lucas huet mat Stativer all d'Vitrinne geknipst.









Donneschdes, de 25. Oktober, ab 19 Auer wor eng Konferenz, wou mir eng 90 Leit gezielt hunn! D'Madame Buergemeeschter Andrée Henx-Greischer huet eng Ried gehalen, an de Marcel Ewers an och déi zwee Conférenciere mat enger Corbeille geéiert. Exposéeë si gehale gi vum Prähistorik-Fachmann Fernand Spier vun der Société préhistorique, a vum Foni Le Brun-Ricalens, Direkter vum Service d'archéologie préhistorique vum Centre national de la recherche archéologique, iwwer L'homme du Loeschbour.



Den Här Le Brun-Ricalens huet en Eloge op de Marcel Ewers gehalen an ënnerstrach, datt de Marcel him de Wee gewisen hat, fir Archeolog ze ginn. An datt hien, den Här Le Brun-Ricalens, dësen Owend dofir op Waldbëlleg komm ass, obschonns hien op d'Séance académique vun dem Institut grand-ducal sengem Anniversaire invitéiert war. Hien huet dem Marcel zwee Bicher geschenkt.

D'Expositioun wor e Risesuccès, wéi mir eis en net erwaart haten. Jideree wor déck zefridden. Fir de Marcel Ewers wor et spannend a flott. Mee e wor frou, wéi di Woch eriwwer wor, déi hie mat stralendem a phänomenalem Asaz gemeeschtert huet!

*Text: Damaris Pletschette*
*Fotoen: Damaris, Tom Lucas (MNHA)*





# DEM MARCEL EWERS SENG ARTIKELEN AN DER GEMENG WALDBËLLEG

*zesummegestallt vum Marc Barthelemy*

## Gemengebuet

94/2, S. 29-31: Chronik eines alten Bauernhauses. „A Schoustesch" in Haller
95/1, S. 26-27: Die „Uelegsmillen" in Christnach
95/2, S. 17-22: Wer war Professor Jean Engling?
96/1, S. 29-31: Archäologische Befunde der Ausgrabungen in der „Karelslee"-Höhle bei Waldbillig
96/1, S. 31-33: Grüne Kaffeebohnen
96/2, S. 26-32: Das gallo-römische Grabdenkmal des C. Sattonius in Waldbillig
97/1, S. 19-23: Ein Acheuléen-Faustkeil aus Christnach
97/2, S. 14-23: Vor 270 Jahren qualmte in Haller ein Hochofen
97/2, S. 23-24: Das Projekt einer Eisenschmelz in Müllerthal
98/1, S. 12-15: Die Holzkohlenproduktion und ihre Nebenwirkungen
98/1, S. 15-16: Kantonalfest der freiwilligen Feuerwehren des Kantons Echternach in Haller
98/2, S. 12-25: Die Flurnamen der Haller Gemarkung, eine Bestandsaufnahme
99/1, S. 15-24: Als Luxemburg von der Landkarte verschwinden sollte I. Geburt einer Nation
99/1, S. 25: Eng kleng Geschicht aus der Geschicht. Die kriege mer auch
99/2, S. 9-18: Als Luxemburg von der Landkarte verschwinden sollte II. Resistenz an Zwangsrekrutéierung
99/2, S. 19: Eng kleng Geschicht aus der Geschicht. Dat Sécherst
00/1, S. 19-23: Als Luxemburg von der Landkarte verschwinden sollte III. D'Rundstedt-Offensiv
00/, S. 23-24: Eng kleng Geschicht aus der Geschicht. Heubläseridylle, oder: eine feine Maschine
00/1, S. 24-26: Eng Grimmel Kulturgeschicht. Du herdier et de sa herde
00/2, S. 15: Die letzten Tage im Leben des Louis F., Schwall, GI bei der 5th U.S. Infantery Division
00/2, S. 16: General Pattons genialer Plan
00/2, S. 16-19: Das 11. Regiment der U.S. Infanterie befreit Waldbillig, Müllerthal und Haller
00/2, S. 20-23: 1. Oktober 2000. Die Gemeinde Waldbillig ehrte einen in Haller gefallenen amerikanischen Soldaten
00/2, S. 24-25: Eng kleng Geschicht aus der Geschicht. Allerlei über das Schmalz
00/2, S. 26: Die Kapelle im Niesenthal
00/2, S. 27: Wegkreuz auf der Anhöhe zwischen Christnach und Heffingen
00/2, S. 27-28: Wegkreuz in Waldbillig, Ecke Rue Michel Rodange - Kalkewee
01/1, S. 10-13: Zum 125. Todestag unseres Nationaldichters Michel Rodange
01/1, S. 14-16: Zum 200. Geburtstag von Prof. Jean Engling aus Christnach
01/1, S. 27-29: Eindrücke einer heimlichen Erinnerungsfahrt nach Natzweiler-Struthof
01/1, S. 32-33: Eng kleng Geschicht aus der Geschicht. Verkehrsunfall Anno 1925
01/1, S. 34: Kapelle am Römerweg in Christnach
01/1, S. 34-36: Wegkreuz an der Felser Strasse, gegenüber dem Christnacher Schloss
01/1, S. 36-37: Wegkreuz in der Gässel, in Christnach
01/2, S. 18: Eng kleng Geschicht aus der Geschicht. Dicke Kartoffeln
01/2, S. 28: Riemenscheibe an der ehemaligen Werkstatt von Wagnermeister J. P. Alff, Rue des Fleurs
01/2, S. 29: Steinernes Kreuz an der Kirchenmauer in Waldbillig
01/2, S. 29: Eingangstor zum Bour-Haus, Rue André Hentges, Waldbillig
02/1, S. 14-15: Eng kleng Geschicht aus der Geschicht. Kirsch? Queetsch? ... oder?
02/1, S. 15-17: Eng kleng Geschicht aus der Geschicht. Geschichte um einen Hasen, oder: dumm gelaufen
02/1, S. 28-30: Den Nationaldichter Michel Rodange – e Bëlleger Jong
02/1, S. 36: Skulptierter Steinbock in Form einer Muschel, in der Umfassungsmauer Ecke Am Améscht – Rue de Hallerbach, Haller
02/1, S. 36: Statue des guten Hirten über dem Portal der Kapelle von Haller
02/1, S. 36-37: Gallo-römisches Reiterbild in der äußeren Chormauer der Haller Kapelle
02/2, S. 14-15: Eng kleng Geschicht aus der Geschicht. Die Abrechnung

02/2, S. 15-19: Gab es im Mittelalter in Christnach eine Münzprägestätte?
02/2, S. 20-21: Harthaff
02/2, S. 21: Haus Bour neben der Waldbilliger Kirche
02/2, S. 21: Wegkreuz an der Uelegsmillen
03/1, S. 14-17: Eng kleng Geschicht aus der Geschicht. Verständigungsprobleme. Déi Eechternoacher kommen ëmmer no. Der greise Lateinschüler
03/1, S. 18-20: Der Weltkrieg 1940-1945. Einwohner der Gemeinde Waldbillig als Freiwillige in der Brigade Piron. Teil 1
03/1, S. 21-24: Aus dem Tagebuch von Jean-Pierre Majerus, Mitglied der Brigade Piron
03/1, S. 28: Haus Nummer 14 in der Rue du Hallerbach in Haller
03/1, S. 28: Der Schwarze Mann
03/1, S. 28-29: Hougeriicht
03/2, S. 21-23: Kleng Geschichten aus der Geschicht. Von Hasen und Wilddieben
03/2, S. 24-27: Rundstedt-Offensive 1944. General George S. Ruhlen, der Verteidiger von Haller, ist tot
03/2, S. 31: Magnumflasche der Brennerei Pierre Walch
03/2, S. 31: Reklametafel der Brennerei Emile Richard
03/2, S. 31: Wegweiser zur Brennerei Distillerie du Mullerthal Ed. Lies
04/1, S. 15-18: Kleng Geschichten aus der Geschicht. Von Hasen und Wilddieben Teil II
04/1, S. 20-25: Der Weltkrieg 1940-1945. Einwohner der Gemeinde Waldbillig als Freiwillige in der Brigade Piron. Teil 2
04/1, S. 40-41: Das sogenannte Christnacher Schloss
04/1, S. 41: Grundhofer Schloss
04/1, S. 41-42: Heringer Bannmühle
04/2, S. 10-13: Kleng Geschichten aus der Geschicht. Von Hasen und Wilddieben Teil III
04/2, S. 27-29: We remember 5th Red Diamond Infantery division, 18. Dezember 2004 (Auteur net uginn)
04/2, S. 30: Dixebuer, beim Millepitter
04/2, S. 30-31: Schiessentümpel
04/2, S. 31: Sirene auf dem Vereinsbau in Christnach
05/1, S. 32-34: Kleng Geschichten aus der Geschicht. Eine runde Sache – e Kranz Kuch



Promenade archéologique am Mëllerdall am Joer 2000

05/1, S. 54: Erinnerungsdenkmal auf der Anhöhe zwischen Waldbillig und Christnach
05/1, S. 54: Erinnerungsdenkmal in Haller
05/1, S. 54-55: Lourdesgrotte in der Siwebaach
05/2, S. 15-17: Kleng Geschichten aus der Geschicht. Vom Gesinde und guten Kartoffelessern
05/2, S. 17-22: Erlebnisse von Jacques Engling aus Christnach. Jahrgang 1923
05/2, S. 28: Birnbäume Neelchesbierebeem am Weg nach Harthof in Haller
05/2, S. 28: Torbogen zur Uelegsmillen
05/2, S. 28: Denkmal 100 Joer Chorale Ste-Cécile in Waldbillig
06/1, S. 32-33: Kleng Geschichten aus der Geschicht. Harte, Steine. Aus der Chronik der Waldbilliger Familie Hertz
06/1, S. 33-35: Kleng Geschichten aus der Geschicht. Die Entscheidung
06/1, S. 35-38: Die Odyssee von Fred, Schuller
06/1, S. 38-40: Brian Schwall ist tot.
06/1, S. 45-46: Alte Kaminplatte im Haus Nummer 2 in der Rue de la Montagne
06/1, S. 46: Portal der Haller Kirche
06/1, S. 47: Prozessionskapelle Rue de la Montagne-Rue des Fleurs
06/2, S. 26: Kleng Geschichten aus der Geschicht. Erny Gillen
06/2, S. 28-29: Kleng Geschichten aus der Geschicht. E Krack an enger Taass



2005: De Buergermeeschter Gérard Bender vereedegt de Marcel Ewers als Schäffen, an och d'Conseillèren Anne-Rose Simon an Diane Tobes.

06/2, S. 30: Kreuz über dem Erinnerungsdenkmal in Waldbillig
06/2, S. 30: Unterstand auf dem Friedhof in Haller
06/2, S. 30: Quellenfassung im Müllerthal
07/1, S. 29-30: Kleng Geschichten aus der Geschicht. Das kleine „Wort" von hier und dort
07/1, S. 30: Kleng Geschichten aus der Geschicht. Verkauf 1858 des Landgutes A Barthels
07/1, S. 30-37: Kleng Geschichten aus der Geschicht. Von Mistwagen und starken Männern
07/1, S. 39-40: Villa Heintz van Landewyk in Müllerthal
07/1, S. 40: Pavillon im Langebësch in Haller
07/1, S. 40: Landmarken-Standpunkt in Müllerthal
07/2, S. 21-22: Die Société préhistorique luxembourgeoise hat ihren Sitz nach Waldbillig verlegt
07/2, S. 22-24: Kleng Geschichten aus der Geschicht. Eine kalte Dusche. Erny Gillen & Marcel Ewers
07/2, S. 24-25: Kleng Geschichten aus der Geschicht. Gepanschtes Benzin
07/2, S. 25-26: Kleng Geschichten aus der Geschicht. Der preußische Eidam
07/2, S. 27-30: 200 Jahre Pfarrei Christnach
07/2, S. 32: Blumenschmuck vor der Gemeinde
07/2, S. 32: Fußgängerbrücke über die Schwarze Ernz in Müllerthal
07/2, S. 32 Pavillon beim Haus Tavares in Waldbillig „in Kilker"
08/1, S. 36-37: Einmaliger Grenzstein auf der Christnacher Gemarkung
08/1, S. 39: Kleng Geschichten aus der Geschicht. Déi mat de blénkege Knäpp
08/1, S. 40-42: Brief von der russischen Front vom 6. Juni 1943
08/2, S. 24-27: Das Buch vom „Hoff Crüsnach"
09/1, S. 44-47: Kleng Geschichten aus der Geschicht. Namensänderungen
09/2, S. 23-28: 65 Jahre Rundstedt-Offensive
10/1, S. 28: Kleng Geschichten aus der Geschicht. Die Ramerfrächen
10/1, S. 29-31: Ein seltenes eisenzeitliches Keramikgefäss vom Typ „marnien" aus der Karelslee-Höhle bei Waldbillig
10/2, S. 22-23: Zur Person des Dichters Auguste Liesch (Auteur net uginn)
11/1, S. 21- 24: Brandkalk aus Christnach
11/1, S. 24: Kleng Geschichten aus der Geschicht. Waterloo

## DE FUUSS

2013, S. 122- 125: Pfarrkirche und Pfarrei Waldbillig
2014, S165-168: Die Société préhistorique luxembourgeoise, S. P. L. hat ihren Sitz in Waldbillig (mat Foto!)
2014, S. 174-184: Wie der erste Weltkrieg Luxemburg überraschte – Paralysie eines Landes
2014, S. 185-193: Sorgen und Nöte der luxemburgischen Zivilbevölkerung im Ersten Weltkrieg
2015, S. 234-239: Lebenslauf von Professor Jean Engling 1801-1888. Der große Gelehrte von der „Uelegsmillen" bei Christnach
2016, S. 244-251: Michel Rodange (1827-1876). Sein Leben und Werk
2017, S. 245-248: 1917-1920, Geburtswochen einer „Neuen Zeit" (B. Weber. 13.6. 1919)
2018/1, S. 64-66: Luxemburgische Ausdrücke mit gallo-römischen Ausdrücken
2018/2, S. 75-77: Über das Loheschälen bei uns
2020/1, S. 98-107: Vor 75 Jahren überrannte uns die Rundstedt-Offensive

## Soss Publikatiounen

1977: 150e anniversaire Michel Rodange –
75e anniversaire Fanfare Waldbillig.
S. 389-397: Kanonen aus Haller
S. 399-400: Haaler am Krich

Waldbëlleger Musek Centenaire 1902-2002
S. 146-167: Das Müllerthal in der Vorgeschichte

2002: De Michel Rodange 1827-1876 a seng Heemechtsgemeng Waldbëlleg.
Verschidden net gezeechent Artikele vun der Kulturkommissioun
S. 7-10: Michel Rodange und seine engere Heimat
S. 11-18: Kurzer Lebenslauf unseres Nationaldichters Michel Rodange

2008: 200 Jar Par Chrëstnech 1808-2008
S. 54-59: Professor Jean Engling (1801-1888)
S. 72-79: Die Gründung der Kirche von Christnach, von Heinrich Adolf Reuland
S. 92 -97: Ein Acheuléen-Faustkeil aus Christnach
S. 98-101: Gab es im Mittelalter in Christnach eine Münzprägestätte?
S. 102-106: Das Buch vom „Hoff Crüsnach“
S. 144-146: Die Uelegsmillen in Christnach
S. 148-149: Einmaliger Grenzstein auf der Christnacher Gemarkung
S. 150-155: Der Schiessentümpel
S. 156-159: Große Wäsche am Reedgesbuer
S. 160-163: D'Holzsee vu Befort, Gedicht von Joseph Keup
S. 190-195: Erlebnisse von Jacques Engling aus Christnach. Jahrgang 1923
S. 196-198: Geschichtliches zur Brigade Piron
S. 200-205: Die Kriegserlebnisse von Joseph Jung, Mitglied der Brigade Piron

2017: 190 Joer Michel Rodange
S. 11-23: Michel Rodange. Sein Leben und Werk
S. 102-107: D'Porkierch vu Waldbëlleg
S. 130-134: Die Karelslee-Höhle in Waldbillig
S. 134-136: Der Pseudo-Dolmen im Schnellert



## Iwwer de Marcel Ewers

Buet 00/1, S. 37: Promenade archéologique au Müllerthal
Buet 05/2, S. 3: Vereidigung der neuen Gemeinderatsmitglieder
Buet 09/2, S. 1: Aweiung Heringer Millen
Buet 10/1, S. 20: Aweiung Fuussepad
Fuuss 2015, S. 207: Commemoratiounsfeierlechkeeten 70 Joer Ardenneroffensiv
Fuuss 2015, S. 212-214: Am Bësch
Fuuss 2015, S. 217: Organisatiounscomité
Fuuss 2017, S. 267: Foto Vernissage Ausstellung „Et war eemol ... zu Waldbëlleg“
Fuuss 2018/2, S. 78-80: Interview (Maxime Bender) a Gratulatioun fir déi 80 Joer vun der Kulturkommissioun
Fuuss 2018/3, S. 91-92: Ukënnegung Ausstellung Marcel Ewers
Fuuss 2019/1, S. 56-71: Reportage Ausstellung Marcel Ewers
Fuuss 2019/2, S. 61: A. G. vun der S.P.L. mat Foto
Fuuss 2020/2, S. 56-57: A. G. vun der S.P.L. mat Foto
Fuuss 2021/2, S. 57-58: A. G., S.P.L., mat senger Ried als President
200 Jar Par Chrëstnech 1808-2008, S. 19, S. 238: Fotoen
190 Joer Michel Rodange, S. 306-307: Fotoen

# DE MARCEL EWERS AN DER SOCIÉTÉ PRÉHISTORIQUE LUXEMBOURGEOISE S.P.L.

1981 ass de Marcel Member gi vun der S.P.L.
Vun 1987-2020 war hie Member vum Comité.
Zwee Joer, vun 2012-2014, war hie Vizepresident.
Sechs Joer, vun 2014-2020, war hien de President.

## Table ronde, visites guidées et expositions par M. Ewers

**Table ronde 1990**

17-18.11.1990 : Table ronde de Beaufort

Cette table ronde succédait à celles de Besançon, Bâle, Strasbourg et Ancerville.

Marcel s'occupait de l'hébergement des participants dans un hôtel à Beaufort avec salle pour les communications.

Deux participants logeaient chez Marcel à Haller, à savoir Erwin Cziesla (Uni. Köln) et Detlef Gronenborn (Uni. Frankfurt).

**Visites guidées par M. E.**

24.06.1992: Visite de l'exposition de la collection M. Ewers au Musée de la Ville d'Esch-sur-Alzette : « L'occupation préhistorique du Plateau de Beaufort ».

11.06.1994 : « Sur les traces du Dr. Ernest Schneider.

30.06.2001 : Excursion archéologique à « Beaufort et alentours : Incisions rupestres ».

18.09.2010 : Promenade au Mullerthal. Présentation de l'Homme noir, de l'éperon barré : de l'Incision rupestre de la Heringerburg.

02.07.2011 : Promenade dans les environs de Beaufort, Aalebuerg Kleisjesdelt.

29.09.2018 : Visite Aalebuerg, Rëtschlee, Klingenbuer, Kleisjesdelt.

**Expositions M. E.**

1980/1981 : Exposition artefacts collection Ewers dans une salle de l'école primaire de Haller.

24.06.1992 : Exposition de la collection M. Ewers au Musée de la Ville d'Esch-sur-Alzette : « L'occupation préhistorique du Plateau de Beaufort ».

06.-08.04.1996 : « Bekanntschaft mat denen déi virun eis do waren. E Blék an d'Urgeschicht ». Ausstellung im Vereinsbau Jos. Rennel zu Waldbillig.

À partir du 17.03.2010, exposition d'artéfacts de la période néandertalienne dans une des salles de la Heringer Millen. Collection : Marcel EWERS, Haller

20.-28.10.2018 : Ausstellung Marcel Ewers, mat senge schéinste Fondstécker, vum 20. bis 28. Oktober 2018 an der Kierch zu Waldbëlleg.

**Participations de M. Ewers à l'étranger**

Printemps 1993 : Visite à l'Université de Louvain-la-Neuve par Jean Heim, palynologue, du laboratoire de faible radioactivité pour les dates C14, responsable M. Étienne Gilot, et du laboratoire de palynologie, responsable M. Jean Heim.

Été 1994 : Inauguration officielle du Préhistosite de Ramioul (Flémalle).

La grotte de Ramioul fut découverte en 1911 par des membres des Chercheurs de la Wallonie qui y créèrent un petit musée. En 1994 le musée fut remplacé par le préhistosite de Ramioul.

**Groupe de contact Préhistoire du FNRS belge**

15.12.2000 : Réunion à Bruxelles à l'Institut Royal des Sciences Naturelles de Belgique.
14.12.2002 : Réunion à l'Université de Liège, place du 20. Août.
16.12.2006 : Réunion à l'Université de Liège, place du 20. Août.
19.12.2009 : Réunion au Moulin de Beez, Namur.
18.12. 2010 : Réunion à Tongres. Marcel Ewers ne pouvait pas y participer en raison d'importantes chutes de neige. Impossibilité de se rendre à Luxembourg-Ville.

## E puer Gedanken un de Marcel (1938-2022)

Haut hätt de Marcel 84 Joer kritt. Mir hate scho fir d'Porte ouverte, och wa se nëmme vag geplangt war, un den Datum vum 3. Abrëll geduecht, fir dann, mam Marcel, säi Gebuertsdag ze feieren. Et ass awer leider anescht komm. Dir wësst, dass de Marcel Ewers ons den 8. Februar 2022 fir ëmmer verlooss huet. Un der Comitéssëtzung vum 19. Januar 2022 konnt de Marcel schonn net deelhuelen, well hien sech net esou gutt gefillt huet.

Als jonke Kärel hat de Marcel duerch Zoufall an engem Stéck vun hirem Betrib eng réimesch Mënz fonnt. Dat war ënner anerem sécher den Ustouss zu senger Passioun, awer warscheinlech och doduerch, dass am Mëllerdall duerch Leit wéi de Nicolas Thill (1885-1967) vun Hiefenech an den Michel Hoss (1895-1971) vun der Reilander Millen, d'Préhistoire an den 1930er-Joren schonns gutt bekannt war.

1980 hat de Marcel an der Schoul vun Haler eng kleng Ausstellung gemaach iwwer seng prähistoresch Trouvaillen aus senger Géigend. An der Presse hat hien iwwer d'Société préhistorique luxembourgeoise gelies, déi deemools en internationale Colloque organiséiert hat. Dorops huet de Marcel d'S.P.L. kontaktéiert an ass 1981 Member ginn. Vun 1987 bis 2022 war hie Member vum Comité, vun 2012 bis 2014 Vizepresident an ass dunn vun 2014 bis 2020 President vum Veräin ginn.

Duerch seng intensiv Prospektioun vun de geploute Felder ëm Haler, Waldbëlleg, Beefort, Miedernach, Reisduerf, asw, konnt de Marcel eng grouss Sammlung vun dausende prähistoreschen Artefakten opbauen, vum Alpaläolithikum bis zur Bronzezäit, eng Sammlung déi wëssenschaftlech vu groussem Wäert ass an op eng grandios Manéier dat ergänzt, wat bis elo vun der Préhistoire am Mëllerdall bekannt ass.

Dem Marcel ass et awer net eleng ëm d'Sammelë gaangen. Hien huet a munchem Artikel seng Fondstécker beschriwwen a chrono-kulturell ausgewäert. Seng Fondplazen huet hien mam Flouernumm uginn a ganz akribesch op der topographescher Kaart agedroen, wat jo besonnesch wichteg ass fir spéider Ënnersichungen respektiv Gruewungen. An deem Kontext muss och gesot ginn, dass de Marcel eis am Aarbechtsgrupp oft mat deem engen oder aneren apaarte Fondstéck iwwerrascht huet. Ech hat d'Freed an d'Éier, mam Marcel verschidde Fondplazen vum Mesolithikum a fréineolithesch Fondstécker ze publizéieren. De Marcel selwer huet schonn an den 1980er-Joren iwwer de



*Fernand Spier*

Professer, den Abbé Jean Engling (1801-1888) vun der Uelegsmillen bei Chrëschtnech, e groussen Archäolog aus dem 19. Joerhonnert, geschriwwen. Hien huet och iwwer neolithesch Planze publizéiert, wéi de Speltz an d'Léngent. Eng ganz grouss Aarbecht vum Marcel iwwer seng Fondplazen fannt Dir am 1. Band vum Buch „Beaufort – Im Wandel der Zeiten" dat 1993 erschéngen ass.

De Marcel war e ganz aktive Member. Hien huet gäre fir d'Membere vun der S.P.L. an aner Interesséierte Visitten duerch de Mëllerdall gemaach, ënner anerem „Sur les traces du Dr. Ernest Schneider" wou et ëm Schläifrillen an aner Incisiounen an de Fielse gaangen ass. E besonnesch Thema vum Marcel war d'Besichtigung vun der Aalebuerg bei Beefort, eng eisenzäitlech Befestigung aus dem 6. Joerhonnert viru Christus, déi 1940/41 duerch den Tübinger Universitéitsprofesser Gustav Riek (1900-1976), am Rang vun SS-Obersturmführer bei der SS-Ahnenerbe, mat méi oder wéineger gezwongener Hëllef vun 17 Zaldoten aus der Lëtzebuerger Freiwëllegekompanie, ausgegruewe gouf. Mir däerfen net vergiessen, dass de Marcel schonn als Kand vu 6 Joer huet misse flüchten; Haler louch nämlech an der Südfront vun der Ardennenoffensiv.

De Marcel war och bei de Prähistoriker am Ausland gutt bekannt. Esou war hien 1994 um Vernissage vum Préhistosite zu Ramioul bei Flémalle no bei Léck an der Belsch. Hien ass och matgefuer op Reunioune vum Groupe de contact préhistoire vum FNRS belge. Bal all Prähistoriker dee fir d'S.P.L. e Virtrag gehalen huet, war beim Marcel zu Haler, wou se vun him a senger Fra Marie-Anne ëmmer léif empfaange goufen. Dofir ass et och net verwonnerlech, dass d'Table ronde iwwer de

Mesolithikum, déi de Professer André Thévenin (1930-2017) vun der Universitéit Besançon reegelméisseg organiséiert huet, vum 17.-18. November 1990 zu Beefort war. De Marcel hat deemools en Hôtel zu Beefort organiséiert wou d'Participanten iwwernuechte konnten an deen och e Sall hat, wou déi verschidde Virträg konnte gehale ginn.

De Marcel hat och sou munch Ausstellung vun senger Sammlung, schonns 1992 am Musée vun Esch-Uelzecht, awer och zu Waldbëlleg am Veräinsbau oder an der Heringermillen. Am Oktober 2018 hat d'Gemeng Waldbëlleg mat der Kultur- an d'Tourismuskommissioun, dem Syndicat d'initiative, dem CNRA an der S.P.L. eng Ausstellung mat dem Marcel senge schéinste Fondstécker an der Kierch zu Waldbëlleg organiséiert an dat, fir säin 80. Gebuertsdag ze feieren.

Dass mir haut hei an dësem Gebai sinn, verdanke mir och dem Marcel. Wéi d'S.P.L. aus de Lokalitéiten vum Centre Albert Wagner um Kierchbierg an der Stad huet misse plënneren, huet de Marcel op seng Nofro beim Gemengerot, déi Säll hei am Centre scolaire et sportif Michel Rodange fir d'S.P.L. kritt.

Bei Geleeënheet vun der Porte ouverte den 3. Abrëll, dem Marcel säi Gebuertsdag, wäerte mir besonnesch un hien erënneren an him villmools Merci soen. De Marcel war e grousse Prähistoriker deen net vergiess gëtt. Madamm Ewers, de Comité vun der S.P.L. huet decidéiert lech als Éieremember, d.h. als Member à vie ze ernennen.

*Fernand Spier*
*Foto: Damaris*

## Bibliographie Marcel Ewers


Ewers, M. 1986, Triticum spelta, le « Blé » du Néolithique. Réflexions sur l'épeautre. Bull. Soc. préhist. luxembourgeoise 8, 1986, 107-121.

Ewers, M. 1987, L'abbé Jean Engling 1801-1888. Portrait d'un grand archéologue luxembourgeois. Bull. Soc. préhist. luxembourgeoise 9, 1987, 147-154.

Ewers-Bartimes, M. 1988, Das „Steinalter" von Prof. J. Engling. Prähistorische Forschung in Luxemburg vor 120 Jahren. Bull. Soc. préhist. luxembourgeoise 10, 1988, 229-247.

Ewers, M. 1989, Linum usitatissimum L. Le lin, une plante cultivée du Néolithique. Avec en annexe : L'homme et la femme sur la roche à Altlinster, par J. Engling, professeur de philosophie, membre effectif de la Société pour la recherche et la conservation des monuments historiques dans le Grand-Duché de Luxembourg. Publ. Sect. Hist. Inst. Gr.-Ducal de Luxembourg, 2, 1846, 95-103. Bull. Soc. préhist. luxembourgeoise 11, 1989, 169-202.

Ewers-Bartimes, M. 1993, Die vorgeschichtliche Besiedlung der Hochebene von Befort. In: Beaufort. Im Wandel der Zeiten (Bd. 1). Imprimerie Saint-Paul 1993, 19-53.

Ewers, M. 1996, Archäologische Befunde der Ausgrabungen in der Karelslee-Höhle bei Waldbillig. Gemengebuet, Gemeng Waldbëlleg N° 1-1996.

Ewers, M. 1996, Das gallo-römische Grabdenkmal des C. Sattonius in Waldbillig. Gemengebuet, Gemeng Waldbëlleg N° 2-1996.

Ewers, M. 1997, „Ein Acheuléen-Faustkeil aus Christnach, aus der Viirgeschicht vun der Bëlleger Gemeng". Gemengebuet, Gemeng Waldbëlleg N°1-1997, 19-23.

Ewers, M. 2009, „Ein Acheuléen-Faustkeil aus Christnach". 200 Jar Par Chrëstnech 1808-2008. Erausgi vum Organisatiounscomité Abrëll 2009. © Kierchefabrik Chrëstnech, 92-95.

Ewers, M. 2009, Gab es im Mittelalter in Christnach eine Münzprägestätte? 200 Jar Par Chrëstnech 1808-2008. Erausgi vum Organisatiounscomité Abrëll 2009. © Kierchefabrik Chrëstnech,98-101.

Ewers, M. 2010, Nicolas Thill, Pionier der Luxemburger

Vorgeschichtsforschung. Hiefenech, en Duerf - eng Par. Bd 2. Erausgi vu „Gesank a Kierch 2008“, Hiefenech am Februar 2010, 380-397.

Ewers, M. 2010, Ein keltisches Wagengrab im Koon bei Heffingen. Hiefenech, en Duerf-eng Par. Bd 2. Erausgi vu „Gesank a Kierch 2008“, Hiefenech am Februar 2010, 398-400.

Ewers, M. 2011, Die Alebuerg bei Befort. Begleittext der Besichtigung vom 02.07.2011.

**In Zusammenarbeit**

Spier, F., Ewers, M. 1987a, Le Mésolithique de la région Ermsdorf-Medernach. Bull. Soc. préhist. luxembourgeoise 8, 1986, 53-66. 1988, 229-247.

Spier, F., Ewers, M. 1991, Contribution à l'inventaire des éléments du Néolithique ancien trouvés au Grand-Duché de Luxembourg. Actes de la table ronde de Beaufort 17 et 18 novembre 1990. Bull. Soc. préhist. luxembourgeoise 12, 1990, 139-148.

Spier, F., Ewers, M., Stein, J.-P. 2002a, Le site mésolithique de Pletschette « Baachbierg », commune de Medernach et ses alentours. – Une aire de prospection. Bull. Soc. préhist. luxembourgeoise 22, 2000, 95-115.

Spier, F., Ewers, M., Stein, J.-P. 2003, Le Mésolithique de la région Medernach-Ermsdorf-Eppeldorf – Une aire de prospection. Bull. Soc. préhist. luxembourgeoise 23-24, 2001-2002 (2003), 51-73.


Ewers, M., Spier, F. 2009, Virtuelle Heimkehr eines Mikrolithen vom Marscherwald. Eine Erinnerung an Univ.-Professor Dr. Wolfgang Taute. Bull. Soc. préhist. luxembourgeoise 27-28, 2005-2006, 173-178.



# D'PUBLIKATIOUNE VUN DER GEMENG WALDBËLLEG












All Publikatioune vun der Gemeng stinn um neien Internet-Site *https://waldbillig.lu* am Kapitel *Commune* an der Rubrik *Publications et photos* oder an der Rubrik *Archives Publications*.

Do stinn elo schonns all Nummere vum **Gemengebuet 1994-2011** an déi vum **De FUUSS 2012-2022**. Och eng Partie Bicher a Veräinsbrochurë konnte gesammelt ginn – Merci Jacqueline Penning a Jean-Luc Schleich. Déi stinn do um Internet oder sinn amgaangen, gescannt ze ginn.

Dat Scanne geschitt am Kader vum Leader-Projet *ARNu - Archives régionales numérisées* fir d'Digitaliséierung vun historeschen Dokumenter. D'Zil vum Projet ass d'Erhale vun der kultureller an historescher Erënnerung vun de Leader-Regiounen Éislek, Atert-Wark, Lëtzebuerg-West a Regioun Mëllerdall. Dëst gëtt duerch digital Archivéierung gemaach. Eng grouss Varietéit vun Dokumenter, wéi Postkaarten, Broschüren, Kaarten, Bicher oder Diae ginn digitaliséiert an digital zur Verfügung gestallt, och an nationalen oder europäeschen Datenbanken.

Hei ass eng Lëscht vun den Dokumenter, déi do sinn. **Wann Dir nach eppes hutt, wat net do derbäi ass, da wiere mer frou, wann Dir eis dat kéint léinen,** fir et scannen ze loossen: *fuuss@waldbillig.lu*


**Veräinsbrochuren a -bicher:**

- Fanfare de Waldbillig 60 Joer 1962
- Chorale Ste Cécile 50 Joer 1963
- Chorale Ste Cécile 75 Joer 1988
- FC Olympia 50 Joer 1946-1996
- Waldbëlleger Musek Centenaire 1902-2002

**Bicher**

- François Decker. Waldbillig
- Johann Engling. De Mathes vu Miedernach
- De Michel Rodange 1827-1876 a seng Heemechtsgemeng Waldbëlleg. Erausgi vun der Kulturkommissioun Waldbëlleg fir den 175. Gebuertsdag 2002























- Gëllent Buch Quinzaine culturelle Michel Rodange 1977, Fanfare Waldbillig 1902-1977
- Christnach. Ein Juwel im Kronenkranz unserer Dörfer. Norbert Thill. In: Bekannte und verborgene Schönheiten in Luxemburg. Band 4. Heimat und Mission 2006.
- 200 Jar Par Chrëschtnech 1808-2008
- 190 Joer Michel Rodange. 2017
- Waldbëlleg 1989 Livre d'or

**Dokumenter**

- Jean Engling. Die zu Luxemburg eingemauerten Bildsteine, Copie, aus: Société pour la recherche et la conservation des monuments historiques 1852 VIII
- Jean Engling. Die Römerbegräbnisse auf den Gemarkungen der Gemeinden Waldbillig, Ernzen und Steinfort. Copie, aus: Société pour la recherche et la conservation des monuments historiques 1856 XII
- Jean Engling. Die Römertumuli im Großherzogtum Luxemburg. Copie, aus: Société pour la recherche et la conservation des monuments historiques 1851 VII
- Jean Engling. Die Gemeinde Waldbillig archäologiesch-statistisch dargestellt. Copie, aus: Société pour la recherche et la conservation des monuments historiques 1847 III
- Gemeinde Waldbillig Kirchhofreglement der Sektion Haller 1904
- Gemeinde Waldbillig Schließungsstunden in den Schankwirtschaften 3. Juni 1920
- Gemeinde Waldbillig Schließungsstunden in den Schankwirtschaften 13. November 1920
- Gemeinde Waldbillig Reglement der Wasserleitung, Reglement betreffend das Umherlaufen der Hunde auf öffentlicher Strasse sowie die Verhütung der Tollwut 1910
- Staatstierarzt: Maßregeln gegen die Maul- und Klauenseuche
- Gemeinde Waldbillig Reglement über den Schutz der öffentlichen Gesundheit 1907
- Gemeinde Waldbillig Polizeiregelement betreffend die öffentlichen Kanalisationen 1917

*Marc Barthelemy*



# D'INTEGRATIOUNSKOMMISSIOUN

D'Integratiounskommissioun ass obligatoresch an all Gemeng; dat schreift den Artikel 23 vum Gemengegesetz vir. Déi Kommissioun ass „chargée globalement du vivre ensemble de tous les résidents de la commune et plus particulièrement des intérêts des résidents de nationalité étrangères".

Am éischten Artikel vum groussherzogleche Reglement vum 15 November 2011 ginn d'Missioune vun der Integratiounskommissioun präziséiert:

- déi sozial, ekonomesch politesch a kulturell Integratioun vun de Bierger;
- den Dialog, den interkulturellen Echange an d'Versteesdemech tëscht de Bierger;
- d'Informatioun vun de Gemengenautoritéiten iwwer d'Situatioun vun den auslännesche Bierger an der Gemeng;
- d'Erliichtere vun administrativen Demarchen;
- Léisunge fir Probleemer bei der Integratioun an d'Gemengepopulatioun vun auslännesche Bierger an hire Familljen;
- Zesummeschaffe mat de Veräiner fir Fräizäit-, kulturell, edukativ a sportlech Aktivitéiten;
- Suerg droen, datt reegelméisseg all Stot iwwer d'Aarbecht vum Gemengeconseil a vun der Integratiounskommissioun informéiert gëtt, op Franséisch an och op Däitsch oder Lëtzebuergesch;
- dru schaffen, datt auslännesch Bierger an den anere Kommissioun vertruede sinn.

De Gemengeconseil muss den Avis vun der Integratiounskommissioun froen iwwer den Accueil an d'Integratioun vun auslännesche Bierger, iwwer hir Sensibilisatioun fir d'Gemengewalen an iwwer d'Reglementatioun vum Zougang an déi sportlech a kulturell Infrastrukture vun der Gemeng.

An der Integratiounskommissioun musse wéinstens sechs Membere sinn, déi groussjäreg sinn an an der Gemeng wunnen. Et muss ee Member vum Schäfferot an en plus en zweete Member vum Gemengerot an der Integratiounskommissioun sinn.

D'Integratiounskommissioun gëtt dräi Méint genannt, nodeems de Conseil communal no de Wale säi Mandat ugetrueden huet.



Hei sinn d'Membere vun der Integratiounskommissioun vun der Gemeng Waldbëlleg, vun lénks no riets: Sybille Damme, Jean-Paul Greisch, Andrée Henx, Jojo Tholl, Rose Majerus

Et feelt op der Foto: Jean-Yves Lushiku

*Marc Barthelemy*
*Foto: Gemeng Waldbëlleg*

# WIEN DIERF E GEFÉIERLECHE MUPP HALEN?



Als geféierlech Muppen zielen d'Rassen American Staffordshire Terrier, Staffordshire Bull Terrier, Mastiff, Tosa oder Hënn, déi deene gläichen, ewéi Pit-Bull oder Boer-Bull.

Wien esou en Hond wëllt, muss groussjäreg sinn an als éischt e Cours maachen an den Diplom „Hondsführerschäin" kréien. Dat zielt och fir all Persoun, déi wëllt mat esou engem Hond spadséiere goen.

Dee Cours ass op Däitsch oder Franséisch samschdes, zwee Mol sechs Stonnen, a schléisst mat engem Test of. Aschreiwe kann ee sech op *chiens@asv.etat.lu*.

Mam Diplom ass dann eng Demande néideg un de Landwirtschaftsministère, mat och derbäi engem Extrait aus dem Casier judiciaire an enger Kopie vum Pass oder der Identitéitskaart. Mat der Autorisatioun kënnt Dir deen Hond kréien, mee musst an den éischten 18 Méint mat dem Déier an e Cours an enger agreéierter Hondsschoul.

All Hond muss jo an den éischte véier Méint bei der Gemeng ugemellt ginn. Fir geféierlech Hënn muss do eng extra Deklaratioun gemaach gi mat de gefroten Diplomer a Certificaten.

Informatiounen:

Gesetz a Reglemenger op Legilux:
*https://legilux.public.lu/eli/etat/leg/loi/2008/05/09/n2/jo*

Hondsschoulen ënner Hunde-Kursanbieter
*https://agriculture.public.lu/de/*

*Marc Barthelemy*
*Fotoen: Karin Enser*













## ENDLECH ERËM E MEEKRANZ!

Dëst Joer huet d'Musek sech erëm där schéiner Traditioun ugeholl an ass an de Bësch Meekränz maache gaangen. Déi kruten dann de Schäffen- a Gemengerot mat engem schéine Ständchen iwwerreecht, an och d'Presidentin an den Éiere-president vun der Musek.

*Fotoen: Camille Goedert*








Gemeng





# MERCI FIR ÄR GENEROSITÉIT!

De Schäfferot huet Enn Februar decidéiert, d'Haus um Camping am Mëllerdall, dat a Gemengebesëtz ass a fir dat nach kee konkrete Projet besteet, zäitweileg fir eng Flüchtlingsfamill aus der Ukrain zur Verfügung ze stellen. Se huet d'Haus nei usträiche gelooss, an en Opruff gemaach, fir Miwwelen a Geschier ze sammelen, fir d'Haus nees bewunnbar ze maachen.







De Schäfferot seet en häerzleche Merci fir déi grouss Generositéit vun de Leit. Geschwënn zitt eng ukrainesch Famill do an.

Hei fannt Dir eng Foto vun der Stuff a Kichen, fir en Androck ze kréien, wéi déi Famill am Mëllerdall liewe wäert. Mir heeschen si wëllkomm an eiser Gemeng an hoffen, dass et hinne gutt hei geet.

*Martine Dimmer*






Foto: Damaris



# SCHOUL & MAISON RELAIS // *ÉCOLE & MAISON RELAIS*

## OUSCHTEREEËRSICH

Och dëst Joer gouf et déi mëttlerweil traditionell Ouschtereeërsich am Cycle 2.

Nodeems den Ouschterhues all Kand eng kleng Schneekegkeet op seng Bänk geluecht hat, goungen de Kanner hir Blécker zur Fënster eraus, wou si dat eent oder anert gefierften Ee entdeckt hunn. Trotz deem méi kale Wieder hat de Gesell mat de laangen Oueren sech e Spaass draus gemaach, e ganze Koup Ouschtereeër an a ronderëm de Schoulhaff ze verstoppen.

D'Kanner ware begeeschtert fir raus an den Haff, a sech op d'Sich no de schéine faarwegen Eeër ze maachen. Och dem Ouschterhues seng onméiglechste Stoppe ware virun de Kanner net sécher, wou si Ouschtereeër an alle Faarwe konnte fannen.

No enger laanger Sich haten d'Kanner schlussendlech iwwer 120 Eeër gesammelt. Dës goufen dunn ënner de Kanner vum Cycle 2 opgedeelt.

E ganz flotte Moment fir jiddwereen als Ofschloss vum 2. Trimester.

*D'Enseignanteë vum Cycle 2*













# AIRTRAMP SCHOUL WALDBËLLEG

Schonn am Joer 2020 huet d'Gemeng Waldbëlleg entscheet, en Airtramp ze kafen, fir de Schoulkanner zegutt kommen ze loossen. Den Airtramp ass séier bestallt a geliwwert ginn an d'Enseignanten hunn eng Formatioun continue geplangt. Leider koum du Corona a sämtlech Formatioune goufen ofgesot. Den Airtramp louch ongenotzt an der Hal. Nodeems d'Formatioun dunn nach zwee Mol aus diverse Grënn reportéiert ginn ass, konnt se endlech op zwee Sonndeger am Mäerz 2022 wärend jeeweils néng Stonne stattfannen.

Dës Formatioun war fir eis Enseignanten zwar ustrengend, mee immens wichteg, flott an differenzéiert. Eis ass bewosst ginn, datt en Airtramp net just als Sprangschlass ze gesinn ass. Nee, et ass vill, vill méi ...

Eng Airtrampstonn bitt de Kanner ganz nei Erfarungen, si léiere sech an hire Kierper besser kennen an aschätzen. Den Opbau vun der Stonn mat Opwiermphas, Haaptdeel an, ganz wichteg, der Relaxatioun zum Schluss bitt eng Hellewull u Méiglechkeeten an Aktivitéite fannen net nëmmen um Airtramp mee och ronderëm, drënner a souguer dra statt. E wichtege Volet vun der Formatioun war och d'Sécherheet fir jiddereen. Mir si frou, datt mir dës Formatioun lo endlech konnte maachen. Mir hunn an deenen zwee Deeg zwar gutt geschweesst, mee hate selwer vill Freed, eng Onmass un Aktivitéite selwer auszeprobéieren, ze diskutéieren an Iddie kennen ze léieren. Dës sinn och direkt no der Formatioun mat de Kanner ëmgesat ginn, déi wierklech all hellop begeeschtert sinn.

Mir freeën eis op weider flott Stonnen um Airtramp a soen der Gemeng e grousse Merci, datt si de Kanner dës Méiglechkeet offréiert.

*Joëlle Niederweis*






# MAISON RELAIS

An der Maison relais gouf fläisseg gebastelt, gespillt, gebutt, sech verkleet, gekacht a gebak. D'Kanner waren op de Bauerenhaff an an de Bësch.



















JOHN DEERE




Küchenregeln
Wenn du etwas leerst - Füll es auf
Wenn du etwas schmutzig machst - Putz es
Wenn du etwas öffnest - Schließ es
Wenn du etwas verschüttest - Wisch es weg
Wenn du etwas kochst - Teile es

SCHOUL & MAISON RELAIS I ÉCOLE & MAISON RELAIS

# GENERALVERSAMMLUNG VUN DER ELTEREVEREENEGUNG

Den 9. Mäerz hu mir eis Generalversammlung an der Cafeteria vun der Sportshal ofgehalen.

Am Joer 2021 war keng Generalversammlung; dofir hu mir dës Kéier iwwer déi lescht zwee Joer geschwat.

Deelgeholl hunn:

- als Gemengevertriederin d'Corinne Meyers,
- als Vertriederin vum Personal vun der Maison relais d'Tilly Felgen,
- véier Elteren,
- als Vertrieder vum Comité vun de Fiissercher de Jean-Marc Felgen.
- Vum Léierpersonal war leider kee vertrueden.

Et ass gutt, datt eis Kanner erëm kënnen zu 100 Prozent an d'Schoul an an hir Veräiner goen. Dëst deet der ganzer Gemeinschaft gutt a bréngt si erëm an e soziaalt Liewen zeréck. Mir drécken eis all ganz fest d'Daumen, datt mir esou kënne weidermaachen an zréck an eng Normalitéit kommen.

Dat wat an der Ukrain geschitt, léisst eis net kal a mir hunn am Mäerz zesumme mat der Gemeng reagéiert. Mir hunn eng Kollekt organiséiert, a mat der Ënnerstëtzung vun der Amicale vun de Pompjeeën 250 Këschten op de Kierchbierg bruecht.

Mir setzen domat gären en solidarescht Zeechen. Dat un éischter Platz fir ze hëllefen, awer och fir eise Kanner bewosst ze maachen, wéi gutt et hinnen hei geet.

Mir all kënnen eraus aus eiser Confortzon kommen an eppes dozou bäidroe fir ze hëllefen.

Dat hei ass vläicht eréischt en éischte Schrëtt, do kënnt bestëmmt nach no a mir sinn als Eltere prett, fir eis anzesetzen.



Mir soe Merci,

- der Gemeng (fir hier finanziell Ënnerstëtzung an d'Infrastrukturen, déi mir benotze kënnen),
- dem Gemengepersonal, dat eis tatkräfteg hëlleft wa mir eng Upak brauchen,
- dem Léierpersonal mat deem mir ëmmer rëm a Kontakt sinn (och en vue vun Aktivitéiten an der Schoul an och vum Schoulfest 2022),
- dem Personal vun der Maison relais,
- den Elteren an hire Familljen, dëst well Dir eis ëmmer weider ënnerstëtzt a bei eisen Aktivitéite matmaacht.

Ee grousse Merci och un all déi, déi eis Cadeaue sponsore fir eis Tombolaen.

Merci fir déi grouss Hëllef beim Bastele vun den Adventskränz, un de Roby Baden fir d'Schneide vun den Holzscheiwen.

Eise Comité ass eestëmmeg nei gewielt ginn.
Member sinn elo:

Albert Chantal, Baden Catalina, Chevalier Nathalie,
De Montigny Zara, Hild Martine, Mathes Mireille,
Menster Annick, Reinert Nathalie, Reuter Carole,
Schumacher Jessica, Tobes Katrin

Si hunn e Mandat fir zwee Joer.

- Nei Präsidentin: Chantal Albert
- Nei Caissière: Katrin Tobes
- Sekretärinnen: Mathes Mireille a Schumacher Jessica

Eisen Aktivitéitsrapport an eise Keessebericht goufe präsentéiert.

Hei sinn eis Pläng fir de Rescht vun 2022:

- Memberskaarte verkafen
- Comitésiessen
- Liesmoien den 30.04. an den 2.7. am Veräinshaus
- Bei der Coupe scolaire (den 3.6. 13:00-17:00 Auer) hëllefen, wa mir gebraucht ginn
- Schoulfest den 11.6. wou mir all Upak gebrauche kënnen!
- Ofschloss C.4.2. (Grillen um Terrain am Juli)
- Don fir d'Schoulkanner (Ausflug)
- Don un d'Schoul/MR









# D'ELTEREVEREENEGUNG VU WALDBËLLEG ORGANISÉIERT ENG SAMMELAKTIOUN FIR D'UKRAIN!


WALDBËLLEG
COMMUNE DE WALDBILLIG

Frënn vum CIS Waldbëlleg

D'Gemeng Waldbëlleg hëlleft

**Sammelaktioun fir d'Ukrain**

ASSOCIATION DES PARENTS D'ELEVES DES ECOLES PRESCOLAIRE ET PRIMAIRE DE LA COMMUNE DE WALDBILLIG A.S.B.L.

**Gebraucht ginn:**

- ✓ Warm Decken
- ✓ Këssen
- ✓ Schlofsäck
- ✓ Schlofmatten (Yoga Matten)
- ✓ Ënnerwäsch
- ✓ Pampers an alle Gréißten
- ✓ Weiblech Hygièneartikelen
- ✓ komplett lessen (Dousen Ravioli, Dousenzoppen, Babyfood) a Snacks mat héijer Energie a mat laanger Haltbarkeet (Müsli-Riegel, Nëss...)
- ✓ Täscheluuchten (mat Batterien)
- ✓ Powerbanks fir Handy'en
- ✓ Déierefudder

**d´Sammelstell an der Bushal zu Waldbëlleg ass op :**

| | | |
|---|---|---|
| Meindeg | 14.3.: | 14h15 - 15h45 |
| Dënsdeg | 15.3.: | 18h00 - 19h00 |
| Mëttwoch | 16.3.: | 14h15 - 15h45 |
| | | 18h00 - 19h00 |
| Donnesdeg | 17.3.: | 18h00 - 19h00 |
| Freideg | 18.3.: | 14h15 - 15h45 |
| Samsdeg | 19.3.: | 09h00 - 11h00 |

All är Artikelen mussen an enger Katongskëscht verpaakt sinn.

D'Saachen ginn un d'Hopital Robert Schuman geliwwert, wou d'asbl LUkraine den Transport vun de Saachen iwwerhëlt.

E grousse MERCI un iech all !

**Benevolat:**
Wann Dir un engem Benevolat interesséiert sidd, kuckt w.e.g. op der Websäit www.ukrainians.lu oder benevolat@draieck.lu

**Famill ophuelen:**
Wann Dir interesséiert sidd fir eng Famill opzehuelen, da mellt Iech bei ukraine@zezummeliewen.lu

**Direkt Spenden:**
Lukraine ASBL, IBAN LU48 0019 4355 7152 8000, BIC: BCEELULL, Ref: Donation Ukraine
Luxembourg Red Cross, IBAN LU52 1111 0000 1111 0000, Ref: Ukraine Emergency
Caritas Luxembourg, IBAN LU34 1111 0000 2020 0000, Ref: Crisis in Ukraine

**Kontaktpersounen:** just iwwer WhatsApp oder per SMS
Chantal 691 23 03 78
Zara 691 560 284
Catalina 691 687 528



De 24. Februar 2022 koum et a der Ukrain zum Krich. Dëst huet all eis Memberen aus dem Comité net kal gelooss a mir wollten de Betraffene gären iergendwéi hëllefen. Op engem Freidegowend hu mir an eiser Grupp decidéiert, eng Aktioun ze starten. An nëmmen engem Weekend hu mir eis Iddien am Comité ausgetosch, eis mat der Gemeng kuerzgeschloss an e Flyer erausginn.

Wärend enger Woch hu mir zesumme mat der Waldbëlleger Gemeng an de Pompjeeën vun der Gemeng Waldbëlleg iwwer 250 Këschte mat Spende gesammelt an dës dank ville fräiwëllege Chauffeuren beim Hôpital Robert Schumann ofginn. Eis Aktioun war e grousse Succès a mir wëllen heimadden jiddwerengem MERCI soen, deen eis heibäi ënnerstëtzt huet.



**Benevolat:**
Wann Dir un engem Benevolat interesséiert sidd,
kuckt w.e.g. op der Websäit www.ukrainians.lu oder
benevolat@draieck.lu

**Famill ophuelen:**
Wann Dir interesséiert sidd eng Famill opzehuelen, da mellt Iech bei *ukraine@zesummeliewen.lu*

**Direkt Spenden:**
Lukraine ASBL,
IBAN LU48 0019 4355 7152 8000,
Ref: Donation Ukraine

Luxembourg Red Cross,
IBAN LU52 1111 0000 1111 0000,
Ref: Ukraine Emergency

Caritas Luxembourg,
IBAN LU34 1111 0000 2020 0000,
Ref: Crisis in Ukraine



**Kontaktpersounen:**
just iwwer WhatsApp oder per SMS

Chantal 691 23 03 78
Zara 691 56 02 84
Catalina 691 68 75 28









## D'SCHOULKOMMISSIOUN

Am Artikel 50 vum Gesetz vum 6. Februar 2009 iwwer d'Organisatioun vun der Grondschoul ass d'Schoulkommissioun als Berodungsorgan vum Gemengerot definéiert. Hir Missioune sinn:

- Propositioune betreffend d'Organisatioun vun de Schoulen ze maachen;
- d'Réussite scolaire, d'Schoulorganisatioun, déi schouleschen Erfollegspläng, d'Rapporte vun der Agence fir d'Entwécklung vun der schoulescher Qualitéit an de Schoulbudget ze aviséieren;
- déi ausserschoulesch Betreiung vun de Kanner ze fërderen am Austausch mat den Elteren;
- dem Buergermeeschter- an de Schäffen alles ze signaliséieren, wat fir den Enseignement kéint nëtzlech oder schiedlech sinn;
- un der Entwécklung vun de Schoulinfrastrukturen deelzehuelen.

Den Artikel 51 hält fest, datt d'Schoulkommissioun vum Buergermeeschter oder sengem Delegéierte presidéiert gëtt, an datt op d'mannst véier Membere vum Gemengerot ernannt a jee zwee Vertrieder vum Schoulpersonal a vun den Eltere gewielt ginn.

D'Schoulkommissioun aus der Gemeng Waldbëlleg huet déi heite Memberen, vu lénks: Danielle Mehlen, Lena Krier, Tilly Felgen, Christine Kieffer, Mike Michels, Corinne Meyers, Chantal Albert, Annick Menster, Andrée Henx-Greischer, Joëlle Niederweis, Robert Brachmond an, net op der Foto drop: Sybille Dammé, Jean-Marc Felgen.

*Marc Barthelemy,*
*Foto: Martine Dimmer*

# VERÄINER // *ASSOCIATIONS*

## AGENDA 2022 VU JONK & AL

Dem Kommitee vu Jonk an Al war et eng Freed, den 18. Januar dëst Joer déi laangjäreg Member, d'Madame Félicie Hoss-Schabert doheem ze besichen, fir hir zum 90. Gebuertsdag ze gratuléieren. Bei engem gudde Glas Schampes an engem Stéck Kuch hu mir ee schéinen Nomëtteg am Krees vun der Famill verbruecht. Vun hei aus nach eng Kéier der Félicie alles Guddes a nach vill Joren bei beschter Gesondheet, dat wënscht Iech de Kommitee vu Jonk & Al.



**Choucroute, den 30. Januar 2022**

Och 2022 war et ons net méiglech, d'Choucrouteiessen ewéi gewinnt zesummen an der Cafeteria bei der Sportshal ofzehalen. Mir hunn et nees missen als „Take away" ubidden an haten och dëst Joer nees eng gutt Resonanz bei eisen treie Memberen an och neie Frënn vun enger gudder Choucroute, mat 115 Umeldungen. Et war och déi éischte Kéier, datt Marie-Ange Ivelj aus dem Restaurant Mato vun Beefort eis Choucroute preparéiert huet, well de Romain Thielen no 13 Joer treiem Déngscht et un d'Marie-Ange ofginn huet; fir all déi Jore soe mir dem Romain villmools Merci.







**Generalversammlung, den 13. Abrëll 2022**

Op den Datum virun zwee Joer, engem Mount an zwee Deeg, war eis lescht Generalversammlung nach virum 1. Lockdown de 16. Mäerz 2020. Et sollt eng Zäit ubriechen, déi eis an d'Isolatioun geschéckt huet, fir ee Virus ze bekämpfen, dee mer esou nach net kannt haten. Eng Zäit, déi d'Zesummeliewen komplett onméiglech gemaach huet an no där mir laangjäreg Memberen ze bekloen hunn, déi eis fir ëmmer verlooss hunn. Wou et eis net méiglech war, deenen Äddi ze soen, well et eis verbuede war zesummenzekommen. Ëmsou méi huet et eis gefreet, nees zesumme mat eise Memberen dës Generalversammlung ofzehalen an ee schéine Nomëtteg ze verbréngen.



Nom traditionelle Protokoll, Begréissung vum President Willy Smit, den Aktivitéitsberichter 2020 an 2021 vun der Sekretärin Henriette Baden, de Rapporte vun der Keess 2020 an 2021 vun der Keessjär Marianne Diederich wéi och dem Bericht vum der Keesserevisorin Cécile Welter an der Neiwal vun den erëm wielbare Kommiteesmemberen Willy Smit an Henriette Baden, déi mat Acclamatioun vun de Memberen confirméiert si ginn.

Dono huet d'Buergermeeschtesch Andrée Henx-Greischer d'Wuert ergraff an ass op déi wichteg Roll agaangen, déi de Veräin Jonk an Al an eiser Gemeng mat sengen Aktivitéiten iwwerhëlt. Doriwwer eraus begréisst si déi gutt Zesummenaarbecht mat der Gemeng iwwer all déi Joren a wënscht dem Kommitee och an Zukunft déi néideg Kraaft, dëse Wee weiderzegoen. De Kommitee seet der Gemeng villmools Merci fir hir Ënnerstëtzung, sief dat op materieller oder finanzieller Aart a Weis.



Bei der fräier Aussprooch hate mir d'Éier, d'Madame Nicole Greiweldinger ze begréissen, déi eis d'Aktivitéiten vun der Fondatioun Wonschstär virgestallt huet, an där si Kommiteesmember ass. De Kommitee vu Jonk an Al hat am Virfeld d'Decisioun geholl, der Fondatioun Wonschstär een Don ze maachen an Héicht vu 1500 €, deen d'Madame Greiweldinger bei dëser Geleeënheet entgéintgeholl huet.

Den Nomëtteg ass duerno mat engem frouen Zesumme-sinn bei engem gudde Patt en engem klenge Maufel op en Enn gaangen.

*De Kommitee vu Jonk an Al.*

# D'AEROMODELLISTE VU CHRËSTNECH

Fléien am neie Joer: ... Haartmount, Spierkel, Lenzmount an Ouschtermount um AMC-Airfield ... wat eng Freed !



Dëtt Joer gouf et näischt mat Schnéi- an Äisfléien ... de Wanter war an der Moyenne esou warem wéi nach ni ... a wann et net (ze vill) gereent huet, an de Piloten hir erfruere Fangeren de Knëppel nach eenegermoosse gespiert hunn, ass natierlech mat eisen RC-Konstruktiounen um Fons Mehlen Aéroport geflu ginn! D'Gras war just am Schiet e bësse mat Bromee garnéiert!



Dräikinneksdag war d'Wieder wonnerbar ... an dëtt Joer war eise Präsi och Kinnek fir en Dag! D'Kaffispaus um 3 Auer op der Terrass vum Clubhaus war och am Haartmount méiglech ...



... (natierlech mat enger klenger Wëllche weider!)

Stiwwele fir am Bulli, Mutzen, Kaputzen a Kapen, Moulen ... hunn do jett gehollef, awer nawell dack war och de Sonnebrëll néideg!



Enn Januar ass d'Stëmmung um Terrain richteg gutt trotz dem kalen Nord- an Ostwand.





Nei Konstruktioune ginn ageflunn ...



Den traditionelle Mokka op der sonneverwinnter Terrass bleift en Highlight bei den AMC Aktivitéiten!



Handlaunching vun Elektroseegler e pakende Moment!



A net jidder Landung ass eng Reussite ...!




... mir schaffen awer haart un der Perfektionnéierung!



Krukerten sinn der dëtt Joer eng sëllege méi erop komm, wéi der am Hierscht an de Süde geflu sinn ... mir waren do, an hunn se gesinn!

De Panewippchen huet nees beim Chalet, Quartéier bezunn;





an de Remorquage vu Seegelfligeren mat 4 - 5m Spannwäit ass nees äerdeg praktizéiert ginn!





Ee Boeing Stearman, Doppeldecker ass och um AMC Terrain gesi ginn.



… D'Aeromodeliste vu Chrëstnech kënnen op en intensivt Fléi-Fréijoer zeréckkucken …



An dann, owes virum heemgoen …

… dee wonnerbare Sundown iwwer der Hierheckstroos, Richtung Hiefenech!

Ugangs Oustermount ass d'Wanterkeelt nees zeréck … doheem gëtt gebastelt a gefléckt; d'Generalversammlung vum AMC ass geplangt … an da klappt alles ewéi Zitz!

Wann en intresséierte Lieser Info bräicht iwwer eisen Hobby oder den AMC, da kënnt Dir gären de Paul Mehlen, um Tel. 621 21 91 29, kontaktéieren.

Dem Lieser vum FUUSS wënsche mir e friddlecht Fréijoer an e schéine Summer bei gudder Gesondheet vu Kierper a Gemitt !

*Redaktioun a Biller:*
*Henri Beissel, Marcel Delleré, Alex Federmeyer,*
*Jos Gaspard, Romain Hanten, Push Steffen*



# DE CLUB DES JEUNES CHRËSCHTNECH

No laanger Zäit ass de Club des Jeunes Chrëschtnech, endlech nees zeréck!

Duerch d'Pandemie huet de Club des Jeunes eng Zäit laang seng Dieren zou gehalen an et huet een am Duerf net méi vill vun eis héieren. Am Abrëll d'letzt Joer hate mer een Take-away organiséiert, deen e grousse Succès hat. Mee leider duerfte mir net ewéi gewinnt ënner de Leit sinn.

**Elo ass et endlech nees sou wäit.**



Ënner nach méi strenge Mesure ware mir de 5. Dezember mam Kleeschen bei d'Kanner aus der Gemeng heem. No laanger Zäit huet eise Kleeschen endlech nees Kanner laache gesinn a krut dobäi eppes Schéines gesongen.

Duerch d'Lockere vun de Mesuren konnte mir bal ganz normal an d'Joer starten an eis Aktivitéiten nees ufänken. Mir hunn de Clubsall erëm méi oft opgemaach fir eis Memberen.

De 5. Mäerz ware mir mam Fueswon duerch Chrëschtnech ophiewe fir d'Buergbrennen. D'Buerg gouf de 6. Mäerz owes um Hougeriicht gebrannt. Do kënne mir als Club des Jeunes einfach nëmme Merci soen. Et war flott, nees esou vill Leit aus der Gemeng ze gesinn!

Weider ass et gaange mat der Escher Kavalkad den 20. Mäerz. Nodeems eise Fueswon wärend zwee Joer dobanne stoung, konnte mer deen endlech erëm eraushuelen. Bei net esou guddem Wieder hu mir trotzdeem am Minett e super Dag verbruecht, wou mer gemittlech ee Patt gedronk hunn.

Dëst sollen net déi letzt Aktivitéite fir dëst Joer sinn!
De Club ass nees reegelméisseg op, a mir si frou, wa Jonker aus der Gemeng era luusse kommen.

*Club des Jeunes*











# KALATOU ASBL

Am FUUSS vu September 2021 hu mir bericht, datt eng Liwwerung vu Schoulsaachen aus Waldbëlleg vun der Associatioun Kalatou am Summer an den Togo geschéckt ginn ass. Ausserdeem wiere mir um gudde Wee, der Schoul zu Dapaong, am Norde vum Togo, mat engem Infrastruktur-Projet ze hëllefen.

De Schüler zu Dapaong feelt et nämlech net nëmmen u Materialien, si leiden och ënner schwéiere Problemer vun Hëtzt a Waassermangel. Dofir war bis elo d'Haaptuleies vu Kalatou d'Buere vun engem Pëtz, fir Waasser un d'Schoul zu Dapaong ze bréngen.

Am November 2021 ass eis Presidentin, d'Mme Thérèse Bagnah, also nees eng Kéier an hiert Heemechtsland geflunn, fir d'Situatioun um Buedem ze kucken.

Si huet festgestallt, datt an der Tëschenzäit d'Lag an der Schoul esou schlëmm gi war (e.a. Fäll vun Dehydratioun ...) datt den togolesesche Staat ageschratt ass a selwer e Pëtz gebuert huet. Deen ass zwar net op deem Niveau, wéi sech Kalatou dat gewënscht hat (d'Waasser gëtt mat der Hand gepompelt ...), awer waassertechnesch ass et elo net méi méiglech, en 2. Pëtz an dat selwecht Grondwaasser ze bueren.

Also geet et elo dorëm, mat de Ressource vu Kalatou en aneren Infrastruktur-Projet an der Schoul zu Dapaong ze ënnerstëtzen.

Nieft dem Volet Waasser war schonn ëmmer de Gedanken do, fir d'Schoulstrukturen zu Dapaong ze verbesseren. Eis schéngt et en ugepasste Projet ze sinn, en Ënnerdaach fir d'Schüler ze bauen, oder wéi et am westafrikanesche Franséisch heescht, en Apatam. Hei uewendriwwer ass eng Foto vun engem Apatam, ewéi mir en eis fir Dapaong virstellen. Op der 1. Foto gesitt Dir d'provisoresch Gebaier, wou d'Schüler am Moment ënnerbruecht sinn.

D'Mme Bagnah huet schonn en Devis fir déi Aarbechten zréckbehalen, a fiert am Juni 2022 hannescht an den Togo fir op der Plaz nozekucken, datt déi uerdentlech ausgefouert ginn. Bei der selwechter Geleeënheet begleet si eng weider Liwwerung vu Schoulmaterialien aus Lëtzebuerg, dorënner Schoulbänken, déi d'Gemeng Waldbëlleg generéis zur Verfügung gestallt huet.

De Comité hält Iech weider um Lafenden vum Projet.

Am Comité vu Kalatou sinn: Bagnah Thérèse (Presidentin), Wickens Henry (Sekretär), Stevens Elli (Caissière) a Baden-Lobitz Danielle.

*Text: Henry Wickens*
*Fotoen: Thérèse Bagnah*


Foto: Damaris

# KULTUR A GESCHICHT // *CULTURE ET HISTOIRE*

## CONCERT ALBAN KWARTET



Freides, den 8. Abräll hat d'Kultur- an Tourissemskommissioun e Concert an der Porkierch zu Waldbëlleg organiséiert mam Alban Kwartet. Eng Hand mat ugepaakt hunn d'Uergelfrënn, d'Buergermeeschtesch an de Service technique vun der Gemeng.

Den Alban Kwartet gëtt et zanter 2018 an d'Zil ass et, d'Wiener Klassik mat der neier Wiener Schoul ze verbannen. Dofir spillt d'Quartett engersäits zum Beispill Wierker vu Wolfgang Amadeus Mozart oder Joseph Haydn, an anersäits vun Anton Webern oder Alban Berg. De Charme vum Concert ass grad déi ongewéinlech Mëschung aus méi alen a carrement moderne Wierker.

Déi véier Musekerinnen a Museker kommen aus Lëtzebuerg, Katalounien, Portugal a Spuenien. Si hunn zesummen op der Konschthéichschoul vun Utrecht studéiert. Den Alban Kwartet huet an Holland, zu Lëtzebuerg an a Spuenien Concerte ginn. En huet och 2020 an 2021 beim NJO Muziekzomer, engem bekannten hollännesche Festival fir jonk Museker, matgemaach.

Den Numm vum Grupp geet natierlech op de Komponist Alban Berg vun der Zweeter Wiener Schoul zréck. Mee well et schonns e ganz bekannten Alban Berg Quartett gëtt, huet dës Grupp sech duerch hir Schreifweis differenzéiert.

Den Alban Kwartet besteet aus Isaac Pérez Riera an Anne-Catherine Feltgen op de Geien, Rodrigo de Freitas mat der Bratsch a Glòria Expósito Pérez um Cello. Um Programm vum Owend zu Waldbëlleg stounge klassesch Wierker vu Johannes Brahms a Wolfgang Amadeus Mozart, dann awer och déi ganz schéin 6 Bagatellen vum Anton Webern a schliisslech als Friemkierper e Wierk vum haut 85-järege katalounesche Komponist Jordi Cervelho.

Et hate leider net allze vill Interesséierter de Wee an d'Waldbëlleger Kierch fonnt. Mee déi do waren, hunn en aussergewéinlech schéine Museksowend erlieft, deen et hinnen erlaabt huet, de Lien ze maachen tëscht der aler, gutt bekanntener a beléifter Wiener Schoul an deene méi neie Wierker vu Komponisten, déi dacks als méi schwéier zougänglech empfonnt ginn.

*Marc Barthelemy*

## KULTUR- AN TOURISSEMSKOMMISSIOUN KTK

D'Kultur- an Tourissemskommissioun vun der Gemeng Waldbëlleg huet dräi Memberen, vu lénks op der Foto de Marc Barthelemy, de Maxime Bender an de Marc Feidt.

No enger laanger Paus geet et elo lass mat Aktivitéiten an der Gemeng; et si Concerten a Liesunge geplangt.














# IWWER D'SPROOCH AUS DEM RENERT

Wie schonn eng Kéier e ganze Gesank vum Renert beieneen duerchgelies huet, dee weess, datt dat net ëmmer ganz einfach ass.

Dat läit op där enger Säit dorun, wat fir eng Zort Text et ass, op där anerer Säit awer och dorun, datt eis d'Sprooch am Renert zum Deel vereelzt virkënnt, wat se och ass.

Ma et gi ganz einfach Saachen, bei deenen een als Mammesproochler mol gären einfach driwwer liest a sech de Kontext am Kapp zesummesetzt. Mee als een, dee Lëtzebuergesch réischt méi spéit geléiert huet, do kéint et mol Problemer ginn. Zum Beispill kommen nach Plurielle bei Wierder vir, déi et haut kaum nach gëtt. Sou schreift de Rodange zum Beispill *Béngen*, wann hien de Pluriel vu *Been* mengt. Oder *Etem* fir de Pluriel vun *Otem*.

Déi meescht Leit hunn nach ni vun *zwee Béngen* an *Etem* héieren, well déi Wierder hautdesdaags ganz einfach net benotzt ginn. Aner Saache sinn d'Zäiten, déi de Rodange nach gebraucht. Et komme vill Imparfaiten a Konjunktive vir, vun deenen et der haut manner gëtt ewéi deemools.

De Rodange benotzt zum Beispill fir d'Verb *behalen* den Imparfait *behoul* an de Konjunktiv behéil.

Et fënnt een am éischte Gesank an den Zeile 535 a 536:

> *Seng Schweeër drouchen doudeg seng Fra op enger Bier*

fir:

> *seng Schwoeren hu seng doudeg Fra op enger Brëtsch gedroen.*

Am véierte Gesank an der 187. Zeil heescht et:

> *dann dréich en d'Schléi gedëlleg*

fir:

> *da géing en d'Schléi gedëlleg erdroen.*

Bei deem leschte Beispill ass d'Bedeitung vum Verb droen dann och e bëssen anescht. Sou eppes kënnt méi oft vir an et ass och ee Grond, firwat een heiansdo eng Zeil oder ee Vers zweemol liese muss.

Mir kennen hautdesdaags jo nach d'Adjektiv kéng, also, et huet ee Courage, wann ee kéng ass. Am Renert fënnt een awer d'Verb erkingen.

Am zwielefte Gesank an der 311. Zeil steet:

> *Schunns ier se sech erkingen.*

Gemengt ass hei:

> *Schonn ier se kéng ginn.*

Et si sou Saachen, déi et méi schwéier maachen, de Renert hautdesdaags ze liesen.

Mee en ass awer flott, et soll een sech roueg trauen en ze liesen. Et muss een heiansdo just e bësse méi genau kucken an iwwerleeën.

Am zéngte Gesank, an den Zeile 513-516, steet:

> *„Kuraasch", sot Dachs zum Renert,*
> *„A weist Iech hei als Mann;*
> *Bedenkt nu, datt de Kingen*
> *Sech d'Gléck erzwange kann!*

Direkt fält engem d'Schreiwung fir d'Wuert *Courage* (als Kuraasch) op. Et gesäit een, datt keen Artikel virun den Nimm (hei den *Dachs*) steet. Dat kënnt am Renert méi oft vir. Haut musse mer dat jo awer maachen. Déi lescht zwou Zeile muss ee sou op modernt Lëtzebuergescht iwwersetzen:

> *Bedenk(t) also, datt deen, dee Courage huet, dee kéng ass, dee ka sech d'Gléck erzwéngen.*

Am zweete Gesank, an den Zeilen 129-132, heescht et:

> *De Roude goung de Viischten,*
> *De Brongen daast em no,*
> *De Fiische war e Schellem,*
> *Dat héiert Der elo.*

Prinzipiell kann een de Saz verstoen, wann een d'Wierder alleguerte kennt. D'Wuert Schellem fir en Näischnotz kéint nach sou munchereen erëmerkennen, mee beim Verb



dasen ass et scho méi schwéier. Dat heescht just schnell lafen an haut géing ee soen:

> *Hien düüst em no.*

Et gi sou munch interessant al Tournuren am Renert, déi et derwäert maachen, sech den Text méi genau unzekucken. Villes versteet een direkt, bei anere Saache muss een e bësse besser oppassen a bei nach anere Saache muss een och als Mammesproochler mat engem Dictionnaire an engem gudde philologesche Versteesdemech virgoen.

*Dr Sam Mersch (Zenter fir d'Lëtzeburger Sprooch)*

*Deen Text ass um Radio 100,7 den 3. Mee 2021 gesent ginn an der Emissioun Kuriositéiten aus der Lëtzebuerger Sprooch, déi all Méindeg um 16h kënnt.*

*Fotoen: Pierre Haas*

# D'WALDBËLLEGER MUSEK

2022 ass dat drëtt Joer am Zeeche vun der Corona-Pandemie. Ewéi bei anere Veräiner och, hu mir eis Aktivitéite reduzéiert a versichen, de Veräin an eis Musikanten zesummenzehalen. Ufank Mäerz hate mir nees eng net virtuell Generalversammlung wou mir, a Präsenz vun eiser Buergermeeschtesch, de Bilan vun deene leschten zwee Joer gemaach hunn. Finanziell sti mir net schlecht do, haaptsächlech well mir keng Revisiounen a Reparaturen un Instrumenter ze bezuelen haten an eis Gemeng an och eis Supporteren eis, speziell bei den Hämmelsmärsch, super ënnerstëtzt hunn. Heifir nach eng Kéier e grousse Merci!



**Eise Galaconcert „Back to Music" ass e Samschdeg, 4. Juni 2022 um 20:00 Auer an der Sportshal zu Waldbëlleg**

Fir d'Saison 2022 hu mir niewent eisem Galaconcert nach Optrëtter geplangt, wéi den 10. Juli um 11:45 Auer zu Pärel (Perlé) oder de 17. Juli um 18:00 um Waldfest zu Bäertref. Zënter Woche gëtt fläisseg geprouft.

De 26. Juni organiséiere mir en éischte Museksdag mam Motto Waldbëlleg - in Concert bei der Sportshal. Fir de Concert-Apero um 11:45 Auer spillen d'Pink Notes, de Jugendensembel vun der Bech-Berbuerger Musek, um 14 Auer iwwerhëlt d'Päreler Musek an um 16 Auer spillt d'Fanfare Miedernach. Fir Iessen an Drénken ass beschtens gesuergt, ob e Wupp vum Grill oder e killen Gin Tonic. Mir freeën eis op e schéinen Nomëtteg. Sollt et reenen, gi mir an d'Bushal.



Eisen Ofschlossconcert spille mir dëst Joer samschdes moies, de 16. Juli, um 10:45 Auer am Musekssall, iwwer dem Pompjeesbau zu Waldbëlleg. Bei dëser Geleeënheet wëlle mir profitéiere fir den interesséierte Kanner eis Instrumenter virzestellen.

Mir wäre frou, Iech do begréissen ze kënnen, an eis Saison mat engem flotte Concert ofzeschléissen.

*Text: Annik Reinert a Camille Goedert*
*Fotoen: Camille Goedert*



# SOCIÉTÉ PRÉHISTORIQUE LUXEMBOURGEOISE

## Le mot de la présidente

Léif Memberen,

e puer Deeg ier deen heiten Text un Iech sollt verschéckt ginn, hu mir di traureg Noriicht kritt vum Verscheeden vun eisem fréiere Präsident (2014-2020) a laangjärege Member vum Comité (1987-2022) Marcel Ewers. Hie wäert ons feelen. Der Famill onst opriichtegt Bäileed.

D'Majoritéit vum Comité huet sech fir eng schrëftlech Assemblée générale entscheet, wéi dat schonn d'lescht Joer de Fall war a wéi d'Gesetz vum 17. Dezember 2021 et an der haiteger Situatioun vun der COVID-Pandémie erlaabt (loi du 17 décembre 2021 portant modification de la loi modifiée du 23 septembre 2020 portant des mesures concernant la tenue de réunions dans les sociétés et dans les autres personnes morales). Dat mécht d'Kommunikatioun net einfach, mä mir versichen mat Ärer Hëllef dat Bescht draus ze maachen. Merci also am Viraus dofir, dass Dir eis Är Meenungen zu den eenzele Punkte vum Ordre du jour matdeelt, fir dass mir d'Gesellschaft trotz allem kënne weider um Liewen halen a weiderentwéckelen. Mir hoffen och, dass mir Iech e Programm kënnen zesummestellen deen ons et erlaabt ons erëmzegesinn a weiderzeschaffen. Well mir wëllen trotz der Pandemie mat neie Projeten an d'Zukunft blécken, esou gutt et geet.



Am Laf vum Joer 2021, hu mir e puer Memberen duerch den Doud verluer. Et sinn dat d'Madamm Grisse an hire Mann Aender Grisse, e laangjäregen an aktive Member vun der S.P.L., d'Madamm Marie-France Vacciani an den Här Fernand Emmel. Mir wëllen e Moment stëll u si denken an si op dës Manéier an ons Versammlung aschléissen.

Mir hunn awer och e puer nei Memberen ze begréissen: d'Hären Denis Colin, Norbert Lindenlaub a Mike Rippinger. Mir freeën ons iwwer hiert Interessi un der Urgeschicht a wënschen hinnen eng gutt Zesummenaarbecht mat ons. All neie Member encouragéiert ons weiderzemaachen a gëtt ons Hoffnung, dass eng Relève méiglech ass.

Dëst Joer muss de Comité net nei gewielt ginn (nëmmen all 2 Joer). Mir kënnen erfreelecherweis weider op all 12 aktuell Memberen zielen, woufir mir hinne Merci soen, ganz besonnesch der Generalsekretärin Marie Paule Wagener, déi eng Schlësselfunktioun an der Gesellschaft huet.

Wéi Dir aus dem Aktivitéitsbericht 2021 erfuere wäert, huet de Comité an der zweeter Hallschent vum Joer, nodeem mir all geimpft waren, erëm méi aktiv dat neit Joer virbereet, wéi och den nächste Bulletin.

Éier mir d'Assemblée générale ufänken wëlle mir Iech awer zwou wichteg Informatioune matdeelen, an zwar eng schlecht an eng gutt:

Ufank 2021 hu mir erfuer dass d'Gemeng Iechternach de Bail vum Musée de Préhistoire Hihof opgeléist huet an dorop hin de Musée definitiv zougemaach gouf. Elo gëtt d'Sammlung vum Centre national de recherche archéologique (CNRA) iwerholl an zu Beringen am Depot erhal. Den Hihof war den eenzege Musée am Land dee ganz der Urgeschicht gewidmet war. Hie gouf vun onsem laangjärege Member André Grisse opgebaut a mat der Ënnerstëtzung vun der Gemeng Iechternach verwalt. D'S.P.L. war zwar net direkt u senger Ariichtung 1990 bedeelegt, mä 2018 hat den Änder de Wonsch geäussert, e puer Neierungen ze ënnerhuelen an hat mech gefrot him dobäi ze hëllefen, an dësem Sënn e Projet ze



schungs- a Vermëttlungszentrum opbauen, fir deene Leit, déi hei spadséiere kommen, interessant Informatiounen a Gedanke mat op de Wee ze ginn, a fir se un der laanger Mënschheetsgeschicht ze interesséieren. An hei kënnten och d'Schoulen Steenzäit op eng lieweg Aart a Weis experimentéieren. Mir wëllen ënnersträichen dass Urgeschicht méi ass wéi al Steng, well alles wat mir denken, maachen a fillen huet déif Wuerzelen an dëser Geschicht.

Opbauend op der riseger Sammlung vum Marcel Ewers vun Haller, a vill anere Sammlungen aus dëser Géigend, kënne mir ons gutt virstellen speziell iwwer dräi Fondkategorien ze fuerschen an ze vermëttelen. Et sinn déi folgend dräi Kategorien vun deenen enorm vill Beweismaterial virläit an iwwer déi trotzdeem zu Lëtzebuerg nach kaum gefuerscht ginn ass.

entwéckelen. Zum Schluss war hien dann awer net iwwerzeegt datt ee misst ganz fundamental Ännerungen maachen an d'Gemeng Iechternach hat och vläicht eege Pläng, eppes aneres aus dem Hihof ze maachen, soudass et schlussendlech zu kenger Ännerung koum. Dass dëse Musée verschwënnt ass sécher keng gutt Saach, mä wa kaum een an e Musée geet, muss ee sech froen wat ee falsch mécht an et muss ee versichen et besser ze maachen. Mir kënnen der Gemeng Iechternach hier Entscheedung verstoen; well esou wéi an de leschte Joren konnt et net weidergoen.

Déi gutt Nouvelle koum vum FUUSS, dem Gemengeblat vu Waldbëlleg, an dem den Här Barthelemy, Member vun der S.P.L. a Präsident vun der Kulturkommissioun vun dëser Gemeng, ëmmer ganz detailléiert iwwer ons Gesellschaft bericht, woufir mir him besonnesch Merci soen. Aus dem zweete Blat vu 2021 hu mir erfuer, dass de Conseiller Maxime Bender sech Suergen iwwer d'Schléissung vum Musée zu Iechternach gemaach huet, an dass hien ugefrot huet, ob een net e puer al Steng aus dem Hihof an engem Sall vun der Gemeng Waldbëlleg ausstelle kënnt. Mir soen dem Här Bender Merci fir dës Propositioun an mir soen och dem Gemengerot Merci dofir, dass hien d'Kultur an Tourismuskommissioun domat ugestallt huet sech iwwer d'Zukunft vun dësem Musée ze informéieren.

Mir sinn dovun iwwerzeegt, dass de Mëllerdall de vill bessere Standuert fir d'Vermëttlung vun Urgeschicht wär. Hei komme vill Leit aus dem In- an Ausland laanscht, déi sech mat der Natur verbonne fillen oder déi sech erëm méi staark mat der Natur verbanne wëllen. Op dëser Plaz kënnt een, zum Beispill zesumme mam Natur & Geopark Mëllerdall, eng Zort Mini Fuer-

Un éischter Plaz: esou komesch wéi dat och am Mëllerdall klengt sinn et d'Millesteng, déi säit dem Ufank vum Bauerentum, viru 7500 Joer, eng wichteg Roll an der Wirtschaft gespillt hunn. Déi allermeescht Steng, déi an der Urgeschicht fir d'Muelen vun de Käre benotzt si ginn, kommen aus den Nopeschlänner, der Eifel, der Belsch, dem Saarland an aus Lothringen. Do wou dës Millesteng haut op de Felder leien, stoung en Haff oder en Duerf wou Mënsche gelieft hunn. Mee et gëtt bis haut weder eng genau Opnam, nach eng Verbreedungskaart, nach eng präzis petrografesch Bestëmmung vun dëse Steng.

Als zweet wichtege Fuerschungsobjet sinn d'Steebeiler ze nennen, vun deene mir hei zu Lëtzebuerg un der Ënnersauer – tëscht Dikkrech a Wasserbëlleg – e bedeitenden Hierstellungszentrum noweise kënnen. Dës schwaarz Beiler (aus Devongeröller), déi iwwer d'ganzt Land, a souguer bis wäit iwwer d'Grenzen, verbreet sinn, sinn eng interessant prähistoresch „Spezialitéit" aus eiser Géigend, déi erstaunlecherweis bis elo nach kaum ënnersicht gouf. Duerch hier geographesch an topographesch Verdeelung kann een och zimmlech genau novollzéien wéi, wou a wéini d'Ofholze vun de Bëscher ofgelaf ass.

Den drëtten Objet, deen dréngend sollt ënnersicht ginn, sinn d'Feiersteng (Silexen), dat heescht dat Material aus dem an der Steenzäit all déi Saache gemaach goufen, déi


hu misse schaarfkanteg sinn, wéi zum Beispill Feilspëtzen a Messeren. Lëtzebuerg huet praktesch keng natierlech Virkommen vun dësem gudde Material a praktesch alles kënnt dofir aus de Nopeschlänner, un éischter Plaz aus der Belsch an Holland, mä och aus dem Rheinland an aus de Silexgrouwen vu Lothringen.

Iwwer dës dräi Stengkategorien kann ee ganz vill iwwer di virgeschichtlech Gesellschaften erfueren, wann een et richteg ugeet. Well mir wëlle keng Märercher erzielen An dofir brauche mir dës Steng. All Steen ass e Stéck vum grousse Puzzle vun der mënschlecher Urgeschicht, vun der mënschlecher Kultur a vum mënschlechen Agréff an d'Natur. Et geet drëm, des wäertvoll Dokumenter gewëssenhaft opzehuelen an d'Informatiounen di se enthalen an dat grousst Bild anzesetzen. Zu Lëtzebuerg ass dës Aarbecht praktesch nach ganz ze maachen! Dausende vu Steng leien a Sammlungen wéi där vum Här Ewers. Wéi hien, hunn och vill aner un Urgeschicht interesséiert Leit mat vill Enthusiasmus wärend de leschte 50 Joer vill prähistoresch Artefakte richteg erkannt an opgeraf. Mee dat Allermeescht ass ni ausgewäert ginn an elo sti mer virun engem risege Bierg, an dat muss sech an de nächste Joren änneren, well soss déi ganz Méi ëmsoss war, a wäertvollt Material a Wësse verluer geet.

Mir hu vill Iddien wéi esou e Mini Fuerschungs- a Vermëttlungszentrum am Mëllerdall kënnt ausgesinn, wéi een de Leit aus Lëtzebuerg an deenen aus de Nopeschlänner eppes Interessantes iwwer déi fréi Vernetzung vun de verschiddene Regioune wärend der Urgeschicht ganz konkreet kann erzielen. A wann d'Gemeng Waldbëlleg, der mir schonn esou vill ze verdanken hunn, dat wënscht, hëlleft d'Société préhistorique luxembourgeoise gär mat beim Nodenken iwwer esou e Projet, wéi och iwwer seng Ëmsetzung.

Domat kënne mir zum „Ordre du jour" vun onser 42. „Assemblée générale" iwwergoen. Ech wënschen Iech alleguer eng interessant Ausenanersetzung mat dem Erreechten aus dem vergaangene Joer a mat den Ziler vun dësem neie Joer, a soen Iech alleguer nach eng Kéier Merci, dass Dir Iech dofir interesséiert.

*Denise Leesch, Präsidentin*
*Fotoen: Johny Karger*



## Bibliothèque et local de la S.P.L. à Waldbillig

### *Historique*

**01.08.1985 :** Location d'un petit local, démuni d'eau et de sanitaire, au Centre Albert Wagner, rue Albert Wehrer à Luxembourg-Kirchberg.

**07.04.1986 :** Signature du contrat avec l'État.

**11.02.1993 :** Inauguration officielle en présence de M. Marc Fischbach, Ministre de l'Éducation nationale et de la Recherche scientifique.

**11.09.2001 :** Les événements du 11 septembre rendaient l'accès plus compliqué, accès aux personnes figurant sur une liste déposée à la réception etc.

À partir de ce moment la S.P.L. se mettait à la recherche d'un local adéquat.

**22.02.2006 :** Résiliation du bail de location par l'État pour le 16.06.2006

**06.09.2006 :** Entrevue avec M. Ewers, en sa qualité de deuxième échevin du Conseil communal de Waldbillig, pour un éventuel local.

**13.11.2006 :** Entrevue à la mairie de Waldbillig avec le conseil communal représenté par MM. Gérard Bender, bourgmestre, Jean-Luc Schleich et Marcel Ewers échevins et la S.P.L.

**29.11.2006 :** Transfert de la bibliothèque dans les locaux de la S.P.L au Centre scolaire et sportif Michel Rodange à Waldbillig.

**24.01.2007 :** Signature de la Convention avec la commune de Waldbillig. Siège social de la S.P.L. dorénavant à l'Administration communale de Waldbillig.

*Fernand Spier*

# Porte ouverte bei der Société préhistorique luxembourgeoise (S.P.L.) zum Gedenken un de Marcel Ewers



Sonndes den 3. Abrëll hat d'S.P.L. eng Porte ouverte fir hir Memberen an och fir net Memberen. Um 10 Auer mueres sinn d'Dieren vun hirem Lokal am Centre scolaire et sportif vu Waldbëlleg opgaangen, a scho kuerz duerno sinn di éischt interesséiert Leit erakomm, fir sech iwwer d'Gesellschaft ze informéieren an d'Exponaten unzekucken, déi gréisstendeels aus der Sammlung vum Marcel Ewers waren. Och aner Memberen haten e puer Stécker speziell fir dësen Dag zur Verfügung gestallt. Hinnen all e grousse Merci dofir.

No den Erklärungen vun der Denise Leesch zu den ausgestallten archeologesche Stécker, déi een all selwer an d'Hand konnt huelen, hunn sech d'Leit och di grouss wëssenschaftlech Bibliothéik vun der S.P.L. ugekuckt. Hei konnten si sech e Bild maachen a kruten en Abléck mat Erklärunge vun der Marie Paule Wagener. Wien sech fir Urgeschicht interesséiert fënnt doran eng ganz Rei gutt Bicher an Zäitschrëften aus verschiddene Länner, déi een och ausléinen kann.

Well den Dag ënner dem Thema „Geofakt oder Artefakt?" (Natur oder Kultur?) stoung, sinn och Leit komm, déi e Steen matbruecht hunn fir ze verstoen ëm wat et sech genau handelt a wéi al dat Stéck ass. Och hei haten d'Denise Leesch an e puer aner Memberen, déi matgehollef hunn, all Hänn voll ze dinn, fir vill Froen ze beäntweren a fir d'Informatiounen déi si kruten ze notéieren. En Här vu Jonglënster hat zum Beispill e klengt, interessant, schwaarzt Steebeil matbruecht, dat säi Grousspapp ëm 1920 bei engem Bam zwëschent Hiefenech a Reiland fonnt hat. Dat weist, dass d'Steebeiler heiansdo nach laang no hirer Entdeckung an der Famill bleiwen. Et ass wichteg, dass d'S.P.L. net nëmme grouss Sammlunge wéi déi vum Marcel Ewers opschafft mä och versicht, all Eenzelstécker ze inventariséieren an hire Fonduert op eng topographesch Kaart anzedroen, fir dass dës Informatioun der Forschung zougänglech bleift. An dësem Sënn konnten nach aner Kontakter mat Leit hiergestallt ginn, déi un enger zukünfteger Zesummenaarbecht mat der S.P.L. interesséiert sinn.

Sou ass de Muere séier erëmgaangen, an no enger kuerzer Mëttespaus sinn di nächst Leit komm, fir d'Sammlung an di zwee Säll vun der S.P.L. ze gesinn, mä och fir deelzehuelen um Hommage un de Marcel Ewers, dee laang Member vum Kommitee an och eng Zäitlaang Präsident vun der S.P.L. war. Fir des Éierung um hallwer véier si mir all zesummen eriwwer an d'Caféteria gaangen. Do huet de Fernand Spier de Liewenslaf vum Marcel senger Zäit an der S.P.L. un d'Leit geriicht an d'Denise Leesch huet an d'Zukunft gekuckt mat Froen op déi de Marcel sécher eng Äntwert gehat hätt, mä déi mir elo mat der Hëllef vu senger Famill a mat senge Frënn selwer mussen erausfannen.

No de Rieden huet d'Gemeng Waldbëlleg en Éierewäin gestëft an et gouf nach e bësse gepotert. D'Buergermeeschtesch hat frëndlecherweis eng léif Foto vum Marcel Ewers matbruecht, soudass hie beim Pättchen „dobäi" war. De ganzen Dag iwwer konnte mir eng gutt 30 Leit begréissen an interessant Gespréicher féieren. Mir soen hinnen all Merci fir hiert Interessi un der S.P.L., an och fir mat äis un de Marcel ze denken.

*Marie-Paule Wagener*
*Fotoen: Johny Karger, Marie-Paule Wagener*







*Hei ass en onveröffentlechten Text vum Marcel Ewers iwwer eng Visite, déi hien 2018 mat der S.P.L. zu Beefort organiséiert hat.*

# Die Alebuerg bei Befort

Begleittext der Besichtigung vom 29.09.2018

Bei der Alebuerg handelt es sich um eine eisenzeitliche Abschnittsbefestigung (éperon barré) aus dem 6. Jahrhundert vor Chr. Während diese vorgeschichtliche Befestigung zu drei Seiten mit steilen, bis zu 30 m hohen Felsformationen gesichert war, musste sie im Norden durch einen künstlichen Erdwall geschlossen werden.

Hier erstreckt sich das weite Plateau der Beforterheide, war also gegen fremde Eindringlinge ungeschützt.

Der Wall hat eine Länge von 160 m und misst an der Sohle 12-18 m. Die bis heute überdauerte Höhe beträgt 0,80 bis 2,40 m. Die Innenfläche von 120 x 90 m ist rund 1 ha groß. Der dem Wall vorgelagerte Graben ist 8-10 m breit und bis zu 1 m tief. Der Zugang befand sich an der Südostecke zur Conterdellt.


In den Jahren 1940/41 führte Prof. Gustav Riek (1900-1976), Inhaber des Lehrstuhls für Ur- und Frühgeschichte an der Universität Tübingen, im Rang eines SS-Obersturmführers, in der Alebuerg bei Befort archäologische Ausgrabungen durch. 1940 bediente er sich dabei der Mithilfe von 17 Soldaten der Luxemburger Freiwilligenkompanie. Die Bezeichnung „Luxemburger Freiwillige“, führte nach dem Krieg und ebenso heute, häufig zu falschen Interpretationen und dies besonders im Ausland. Die Luxemburger Freiwilligenkompanie wurde bereits am 16. Feburar 1881 konstituiert. Es war eine kleine Truppe, welche der Ausbildung für den Nachwuchs von Gendarmerie-, Polizei-, Zoll-, Forst- und Gefängnisverwaltung diente.

Bei der Konstruktion der Befestigung handelt es sich um eine Pfostenschlitzmauer. Die Außenfront bestand aus einer Verblendmauer mit Sandsteinen ohne Mörtel. Dahinter kam eine Trockenmauer, verstärkt durch senkrechte Holzpfosten im Abstand von 70-80 cm (die Pfostenschlitze). Die Mauerbreite betrug ca 5,60 m. Mehrere Lagen horizontaler Querbalken verstärkten das Mauerwerk, dessen Innenraum mit Erde und Steinen verfüllt wurde. Der Beforter Wall wurde durch Feuer zerstört und die zahlreichen verkohlten Holzfragmente erlaubten eine sichere Jahresringdatierung. Diese dendrochronologische Datierung auf Eichenholzproben ergab ein Alter von 509 v.Chr., was der Späthallstattzeit oder der Hunsrück-Eifel-Kultur I (HEK I) entspricht.

Die Grundrisse von insgesamt 16 Gebäuden wurden ausgegraben. Davon sind aber nur fünf auf den Grabungsplänen im Grundriss aufgezeichnet. Im Sommer 1941, machte man die Entdeckung eines großen, dreischiffigen Wohn- und Stallhauses, ein sogenanntes Fletthaus, von 31 x 9 m. Nördlich befand sich ein 11 m langer Wohnteil, im Südosten ein 20 m langer Stall für ca 30 Stück Großvieh. Der Wohnraum war mit Sandsteinen gepflastert. Im Stall war nur ein 3,20 m breiter Mittelgang gepflastert. Der Boden in den 2,40 bzw. 3,20 m breiten Seitenschiffen war durch den Viehbestand geschwärzt und verfettet. Beidseitig des Hauses wurden jeweils 15 Pfostenlöcher festgestellt, 0,55-0,60 m in den Felsen vertieft und mit Verkeilungssteinen verfüllt. Verkohlte Holzteile aus Eichenholz verweisen ebenfalls hier auf eine Feuersbrunst. Das steingepflasterte Viereck bildete das sog. Flett. Hier gab es zwei große, ebenerdige Feuerstellen. Unverzierte Tonscherben von Schüsseln und Töpfen der Hunsrück-Eifel-Kultur (HEK), ein Spinnwirtel aus Ton, sowie mehrere Mahlsteine wurden gefunden. Bei den Scherben handelt es sich um typisch eisenzeitliche Siedlungskeramik. Zwei Scherben gehören zur jungbronzezeitlichen Urnenfelderkultur und stammen eventuell aus der Wallaufschüttung (300 m nordöstlich befindet sich ein mehrere Hektar großer Siedlungsplatz der Urnenfelderkultur).







*Marcel EWERS*
*Präsident*
*Société Préhistorique Luxembourgeoise asbl*

*Foto: Johny Karger*



zu Bëlleg. Foto: Damaris

# LIEWEN AN DER GEMENG
## *VIE RURALE*

## BUERGBRENNEN 2022

Zu Waldbëlleg, zu Haler an zu Chrëschtnech goufen erëm Buerge gebrannt.

Dëst Jar konnten di Haler Lett hiert Buergbrennen nees op der Hicht organiséieren. Well dat traditionellt Buergbrenne mat Consomatioun op der Plaz nach ëmmer just mat Covid-Check hätt kënne stattfannen, gouf et erëm eng nei, eng hybrid Buergbrenn-Versioun. Virmëttes konnten di Haler Awunner sech eng lecker Gulasch-Zopp oder/an e Wirschtchen mat Sauerkraut mam GMC-Truck liwwere loossen.

*zu Haler*





*d'Chrëschtnecher Jugend um Freckeisen*

Mee och un di Net-Haler-Lett war geduecht, di konnten d'Zopp oder/an de Wupp op de Fléckenhaff siche kommen.

Wéi all Jar gouf et keng Präislëscht, mee et stoung eng flott, selwer kreéiert Këscht do, wou di hongreg Lett hiren Don konnten dra geheien.






Di Haler Lett selwer hu sech et mëttes awer och gutt goe gelooss, et gouf uerdentlech gegrillt, entweder fir d'Kräften no deem ustrengende Kachen an Ausliwweren erëm opzefëllen, oder sech ze stäerke fir d'Kräiz opzeriichten, well et heescht jo net fir näischt: „Ouni Mampf kee Kampf!".

Owes ginnt 7 Auer war et da souwäit, d'Kräizer sënn ugefaange ginn. Jo, Kräizer, well et war méi wi just ee Kräiz. D'Haler Kanner haten den Dag iwwer, wéi iwwregens di Jare virdrun och, e Kräiz gebaut a sech gutt derbäi ameséiert.

Et hate sech nawell vill Lett op der Hicht zesummefonnt fir där Traditioun bäizewunnen.

Wéi all Jar gouf den Inhalt vun der flotter, selwer kreéierter Këscht gespent, dës Kéier un d'ALA, d'Association luxembourgeoise Alzheimer. Duerfir war jiddereen, dee Buergsonndeg selwer, awer och schonn di Deeg virdrun eng Hand mat ugepaakt hat op d'Scheckiwwerreechung agelueden. Déi war den 30. Mäerz am Restaurant Gudde Kascht zu Haler an d'Mme Halsdorf vun der ALA huet sech gefreet, fir 1000 € fir hir Associatioun mat heemzehuelen.

Selbstverständlech huet deen Owend kee Mënsch Honger oder Duuscht gelidden.

Domat ass d'Buergbrennen 2022 lo och Geschicht. Loosse mer hoffen, datt et 2023 nees wäert méiglech sënn, fir d'Kräiz op der Hicht ze brennen an d'Gulaschzopp mat engem Patt direkt bäim Feier ze genéissen.

*Haler Lett*








## DAG VUN DE SEELENE KRANKHEETEN

Wéi all Joer zanter 2008 war de leschten Dag am Februar dee vun de seelene Krankheeten. Zu Lëtzebuerg gëtt do zanter dem Ufank matgemaach, speziell vun der Alan – Maladies rares Luxembourg *https://alan.lu*, mee awer och an de Gemenge mat der Beliichtung vu Gebailechkeeten an de Faarwe gréng, blo, mof a rosa vun der *Global Chain of Lights*.

Eng Krankheet ass seelen, wa se manner wéi eng Persoun op 2000 Leit betrëfft. Et ginn awer vill där Krankheeten, soudatt net manner ewéi 30.000 Awunner vun eisem Land dovu betraff sinn an et also e wierklech grousse Probleem vun der ëffentlecher Gesondheet ass.

De Probleem ass natierlech, datt et dacks schwéier ass, esou eng Krankheet ze diagnostizéieren an ze behandelen, well se eeben esou aussergewéinlech ass. Fir de Patienten an hire Familljen an och den Dokteren ze hëllefen, huet d'Regierung 2018 den Nationale Plang fir rar Krankheeten (PNMR) guttgeheescht.

*Marc Barthelemy*
*Foto: Filipe Soares*

# NEI BIERGER FIR D'GEMENG



De Méindeg 21. Mäerz war ëm 18:00 Auer déi offiziell Iwwerreechung vum Bam fir déi Neigebueren an der Bushal bei der Schoul, mat enger klenger Receptioun. Et gouf och e Käschtebam direkt owes bei der Schoul geplanzt.

*Fotoen: Filipe Soares*











# SAND AUS DER SAHARA

Sand aus der Sahara ka bis op Lëtzebuerg kommen. Dee renge Stëbs gëtt duerch de waarme Wand bis heihinner gedroen. Bis zu 20 Mol am Joer kann dat gemooss ginn. Och auslännesch Pilzer a Bakterië kommen esou bis bei eis. De Reen verdënnt d'Konzentratioun dovunner an et besteet kee Risiko.

De Sand an der Loft kann d'Siicht begrenzen. Wann da Reen erofkënnt, kann dee rout sinn a sech op Autoen an aner Saachen nidderschloen. „Bluttreen" soten se am Mëttelalter, a roude Reen huet als gëttlech Strof gegollt oder als en Zeeche fir schlecht Zäiten.

Wat bei eis ukënnt, ass de ganz renge Stëbs. Am Verglach mat Stëbs aus Auspuffen oder Kamäiner ass de Saharasand däitlech manner geféierlech fir d'mënschlech Gesondheet. Mee et ginn heiansdo Problemer fir Asthmatiker a Leit mat Pollenallergien. De Polle verbënnt sech mam feine Stëbs an der Loft a gëtt doduerch méi aggressiv. Sahara-Stëbs ass kee Problem fir gesond Leit, mee Leit mat Asthma oder Pollenallergie sollte bei Saharasand besser dobanne bleiwen.

Am Opfällegsten ass natierlech d'Faarf vum Himmel, dee sech wéi dëst Joer am Mäerz bei Sonnenopgang oder -ënnergang spektakulär rout an orange fierft a schéi Fotoen erlaabt.

*Marc Barthelemy*







*Foto: Marc Barthelemy*


Foto: Damaris

# PAR MËLLERDALL ST. MÉCHEL // *PAROISSE MULLERTHAL ST MICHEL*

**Informatioune fir déi Elteren, déi interesséiert sinn, datt hier Kanner eng reliéis Formatioun kréien.**

Kateches an der Par gëtt wärend der Schoulzäit organiséiert, entweeder dënschdes, donneschdes nomëttes oder samschdes am Laf vum Dag.

Déi éischt helleg Kommioun kann een no 3 Joer Kateches maachen.

Och no der Kommioun gëtt d'Kateches nach weider ugebueden.

D'Aschreiwung fir d'Katechesejoer 2022/23 gëtt **bis de 15. Juli am Parbüro** an der Fiels (2, rue du Pain, L-7623 Larochette) ugeholl.

Fir weider Informatioune schéckt eis wgl. eng Mail op *cate.mellerdall@cathol.lu* oder rufft un um Parbüro - Telefon 83 70 91. Den Aschreiwungsziedel fannt Dir iwwer follgende Link: *https://cathol.lu/mellerdall* ënnert der Rubrik „Kateches".





*Foto: Filipe Soares*

**Information aux parents intéressés à la formation religieuse de leurs enfants.**

La catéchèse en paroisse est organisée pendant la période scolaire, les mardis et les jeudis dans l'après-midi ou bien les samedis.

L'admission à la première communion se fait après 3 ans de catéchèse.

La catéchèse est encore organisée après la 1ère communion.

Les inscriptions pour l'année de catéchèse 2022/23 se font **jusqu'au 15 juillet au bureau paroissial** (2, rue du Pain, L-7623 Larochette).

Pour plus d'informations veuillez nous envoyer un courriel à *cate.mellerdall@cathol.lu* ou téléphoner au bureau paroissial (Tél : 83 70 91). Pour inscrire votre enfant à la catéchèse veuillez télécharger la fiche d'inscription à l'aide du lien suivant *https://cathol.lu/mellerdall* sous la rubrique « Kateches ».

# LÉIWER HERRGOTTSBLIESCHEN

Mir, d'Kanner vu Chrëschtnech, si voller Freed den zweete Februar duerch Chrëschtnech liichte gaangen. Niewent ville Schneekereien hu mir och nach 820.- € gesammelt, déi integral gespent goufen.

Jeeweils 410.- € goungen un d'Associatioun Pets Angels an un d'Wëll-Déierestatioun vun Diddeleng.







Mir hunn eis fir dës zwou Associatiounen entscheet, déi sech duerch Donen finanzéieren, fir den Déieren ze hëllefen:

**Pets Angels** ass eng Organisatioun, déi am Süde vu Spuenien privat Leit ënnerstëtzt, déi sech ëm Hënn këmmeren, déi op der Strooss liewen. Si finanzéiert déi Plazen (zum Beispill Fudder, Operatiounen ...) a probéiert och gesond Hënn vun do hei am Land ze vermëttelen. Weider Informatioune fannt Dir ob dësem Site: *www.pets-angels.org*

*E grousse MERCI geet duerfir*
*un d'Chrëschtnecher Leit*
*fir déi grousszügeg Spenden an*
*un all d'Kanner vu Chrëschtnech*
*fir hiert Engagement.*

De **Centre de soins pour la faune sauvage** (Fleegestatioun fir wëll Déieren) ass en Haus vun der Organisatioun Natur an Ëmwelt, wou sech ëm verletzte wëll Déieren hei am Land gekëmmert gëtt; si gi gefleegt an nees fräigelooss, wann se gesond sinn. Wann een e verletztent Déier fënnt, kann een dëst bei si op Diddeleng bréngen oder an eng vun hire véier Wëlldéier-Drop-off-Statiounen (Jonglënster, Nidderfeelen, Klierf, Diddeleng).



Bei eiser Visitt waren ënner anerem Igelen, Kaweechelcher, Marderen, Vigel, e Schwan, e klenge Fuuss ... bei hinnen. Weider Informatioune fannt Dir op dësem Site: *www.naturemwelt.lu/nous-decouvrir/centre-de-soins*

*D'Chrëschtnecher Kanner aus dem C4.2*


Foto: Susanne Hangarter



© Damaris

# KLIMAPAKT // *PACTE CLIMA*

## MIR SINN UNESCO GLOBAL GEOPARK!

De Mëllerdall Natur & Geopark NPGM ass en Unesco Global Geopark! Op senger 214. Sessioun zu Paräis am Abrëll 2022 huet den Exekutivrot vun der Unesco den NPGM an de World Network of Unesco Global Geoparks opgeholl. Vun 18 Kandidate sinn der just aacht zu där Éier komm. Et ass also e feine Succès vun der Ekipp vum NPGM.

Den internationale Reseau vun Unesco Global Geoparks besteet domat aus 177 där Parken aus 46 Länner. Dat si Regioune mat Sitten a Landschaften vun international unerkanntener geologescher Wichtegkeet, woubäi de Schutz dovunner, den edukative Wäert an déi nohalteg Entwécklung musse garantéiert sinn. Et geet drëm, den Awunner hire geologesche Patrimoine méi nozebréngen, Geotourissem a regional Entwécklung ze färderen an natierlech den aktuellen Erausfuerderunge gerecht ze ginn ewéi dem Klimawandel an den natierleche Geforen – Stéchwierder hei am Mëllerdall: Schloreen an Héichwaasser.

Den NPGM gëtt gemeinsam vun den eelef Gemenge geréiert, déi Member sinn: Beefort, Bäerdref, Fëschbech, Fiels, Hiefenech, Iechternach, Konsdref, Noumer, Rouspert-Mompech an natierlech Waldbëlleg. Eng ausféierlech Beschreiwung iwwer de Park stoung am FUUSS an der Nummer 2021/1 op de Säiten 89-94, vun der Madame Birgit Kausch, déi zanter 2017 als Geowëssenschaftlerin am NGPM schafft an de Projet Unesco Global Geopark leet.


*© Caroline Martine*

Och virdru goung schonns dacks doriwwer rieds an eiser Gemengenzeitung, an den Nummeren FUUSS 2013, S. 76-77, FUUSS 2014, S. 94, FUUSS 2015, S. 114-177, FUUSS 2016, S. 122 an 130-132, FUUSS 2017, S. 118-123, FUUSS 2018/2, S. 98, FUUSS 2019/2, S 94-95, FUUSS 2020/1, S. 134 a, FUUSS 2020/2, S. 75. Alles dat kënnt Dir um neien Internet-Site *https://waldbillig.lu* vun der Gemeng nokucken, am Kapitel *Commune* an der Rubrik *Publications et photos*.

Déi grouss Auszeechnung ass natierlech vu ville Leit begréisst ginn.


Claude Petit, Direkter vum Natur- & Geopark Mëllerdall: „Et ass en onbeschreiflecht schéint Gefill ze gesinn, datt all eis Efforte sech gelount hunn an datt d'Regioun et wäert ass, en Unesco Global Geopark ze sinn."

Camille Hoffmann, President vum Natur- & Geopark Mëllerdall a Buergermeeschter vun der Gemeng Beefort: „D'Mataarbechter vum Natur- & Geopark Mëllerdall sinn eng staark Ekipp, déi alles mécht, fir d'Ziler vun der Regioun ze erreechen. Net ze ënnerschätzen ass awer déi regional, national an international Zesummenaarbecht, déi an de leschte Joeren däitlech eropgaang ass a sécherlech der Unesco-Kandidatur profitéiert huet. Schlussendlech wëll ech den Engagement an d'Zesummenaarbecht vun eisen eelef Membergemengen ënnersträichen. Si sinn de Pilier vum Natur- & Geopark Mëllerdall! "

D'Kulturministesch Sam Tanson huet de kulturelle Patrimoine vum Mëllerdall Natur & Geopark gewierdegt mat den aussergewéinleche geologesche Featurë vun der Regioun, déi elo weltwäit unerkannt sinn.

Tourissemsminister Lex Delles: „Den Unesco-Label ass eng Garantie fir den Erhalt an de Schutz vun eisem kulturellen an natierleche Patrimoine. Donieft ënnersträicht en d'Lëtzebuerger touristesch Attraktivitéit. D'Generaldirektioun vum Tourissem engagéiert sech fir eng qualitativ héichwäerteg Tourissemsoffer, déi souwuel un Touristen wéi och un d'Awunner appeléiert. "

Carole Dieschbourg, Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung: „D'Regioun ass e Virbild fir nohalteg


© Susanne Hangarter


© Pierre Haas

Gestioun a weist, wéi Naturschutz Hand an Hand mam Tourissem kann en erfollegräiche Bäitrag zum Erhalen vun natierlechen a kulturelle Liewensraim leeschten."


Claude Turmes, Minister fir Regionalplanung: „Dës eenzegaarteg Auszeechnung bedeit e klore Méiwäert fir d'Regioun a weist nach eng Kéier, datt mir eng besonnesch Verantwortung hunn, eise kulturellen, natierlechen a geologesche Patrimoine fir eis selwer a fir zukënfteg Generatiounen ze erhalen. "

Simone Beck, Presidentin vun der Lëtzebuerger Kooperatiounskommissioun mat der Unesco a Presidentin vum Comité Géoparc: „Nohalteg Kultivatiounsmethoden, duussen Tourissem, Fuerschung a lokal Produkter hëllefen, d'Ziler vun der Uno-Agenda 2030 an de Käpp vun de Visiteuren an Awunner vum Natur- & Geopark Mëllerdall ze verankeren, an erhalen esou en natierlech schéint a kulturell räicht Gebitt fir d'Zukunft."

### Wat geschitt elo?

En Unesco Global Geopark ze sinn heescht, ëmmer weider Bäiträg zur Entwécklung vun der Regioun ze maachen, och well Unesco Global Geoparks all véier Joer nei bewäert ginn.

Dobäi stinn d'Recommandatioune vun der Unesco am Mëttelpunkt. Déi beschäftegen sech zum Beispill domat, wéi Awunner an Touristen Zougank zu de Geotopen hunn, also wéi gutt se dohinner kommen a wéi verständlech si dat erkläert kréien. Do ass et natierlech grad hei zu Lëtzebuerg immens wichteg, datt d'Besicher vun hei a vu méi wäit d'Méiglechkeet hunn, déi Explikatiounen an hirer Sprooch ze kréien.



© Susanne Hangarter

### Woch vum Natur- & Geopark Mëllerdall

Vum 30. Mee bis de 5. Juni ass eng extra grouss Editioun vun der Woch vum Natur- & Geopark Mëllerdall. Nieft Aktivitéite fir d'Schoulklassen ginn de Weekend e Quizowend, geféiert Wanderungen, Atelieren a geologesch Vëlostouren ugebueden.

All Detailer zum Programm an och soss Informatiounen fannt Dir op *www.naturpark-mellerdall.lu*

### Ausstellung zu Beefort

Zu Beefort an de Lokaler vum NGPM, 6, rue de l'Auberge ass eng Ausstellung iwwer den Natur- a Geopark. Steng aus der ganzer Welt ginn do gewisen. Dëse *Wall of Geoparks* konkreetiséiert d'Verschiddenheet vun den Unesco Global Geoparks an illustréiert de geologesche Patrimoine.

D'Ausstellung ass vu méindes bis freides vun 10 bis 17 Auer op an den Entrée ass gratis. De Weekend gëtt opgemaach, wa virdrun ugefrot gëtt.

*Matgedeelt vum NGPM*



© Susanne Hangarter

# REPAIR CAFÉ, ORGANISÉIERT VUM NATUR A GEOPARK MËLLERDALL

## E Gespréich mam Julian Heinze vun Natur-a Geopark Mëllerdall, Coordinateur vun dësem Projet

***Dir hat jo richtege Succès mat der 1. Editioun vum Repair Café am Centre polyvalent Kuerzwénkel zu Consdorf. Wat war gutt gelaf a wat wollt Der di nächste Kéier besser maachen?***

Eigentlech war alles sou gelaf wéi mer et eis virgestallt haten. Déi 1. Kéier, den 12. Februar ware jo nach d'Corona Virschrëften ze beuechten, an d'Hal Kuerzwénkel ass wierklech grouss genuch, fir d'Dëscher wäit auserneenzestellen an sou di néideg Distanzen ze halen. Den 12. Mäerz war eisen 2. Repair Café op der selwechter Plaz, an do waren d'Corona Mesurë just ewechgefall. Vill Leit haten sech awer nach net un di nei Verhältnisser gewinnt an dofir war et gutt, datt mir sou vill Plaz zur Verfügung haten.




***Wéi ass den 2. Repair Café den 12. Mäerz gelaf? Hat Dir nach ëmmer vill elektresch Apparater fir ze flécken?***

Jo, d'Leit hunn eis och erëm vill elektresch an elektronesch Apparater bruecht. Villes konnt gefléckt ginn, och bei de Computeren: Software an Hardware. Bei de Volontaire ass och en Informatiker dobäi. Heiansdo konnt eppes net reparéiert ginn, well Deeler gepecht waren. Wann Deeler gefeelt hunn, huet de Besëtzer se nobestallt, an da konnt den Apparat gefléckt ginn. Eis Reparaturquoten am Allgemengen sinn ëm déi 75%.



***Wéi eng aner Objeten hutt Dir entgéintgeholl, fir ze reparéieren?***

Nieft den elektreschen an elektroneschen Apparaten hate mer och klassesch Véloen ze reparéieren, wat kee Probleem war, soulaang mer d'Ersatzdeeler haten. Dann hate mer nach vill Aarbecht am Bitzatelier: do si Boxen a Kësse gefléckt, Rideauen ëmgebitzt ginn. Mir hunn 3 Volontairë fir de Bitzatelier.

***Braucht Dir nach weider Volontairen?***

A wéi enge Sparten? Jo, mer brauchen ëmmer Fräiwëlleger fir all eis Atelieren; och fir am Agank ze stoen an d'Leit ze empfänken; oder fir Kaffi a Kuch (1 Euro) ze verkafen. Net jiddereen huet ëmmer Zäit: dofir ass et gutt, e Pool mat Volontairen ze hunn. Et meld ee sech einfach bei: *info@naturpark-mellerdall.lu*

***Wéi sinn da konkret d'Preparatioune fir e Repair Café?***

Well mer am Centre Kuerzwénkel alles hunn, brauche mer just 1-2 Stonnen am Viraus fir d'Dëscher an d'Infostänn opzestellen. D'Théik, wou mer de Kaffi an de Kuch zerwéieren, ass schonns do, sou geet alles relativ schnell.

***Wéi geet et lo weider?***

De Grupp huet mehrheetlech entscheet, déi 3. Editioun vum Repair Café nach eng Kéier am Centre Kuerzwénkel ze maachen an dat de 14. Mee. Natierlech kënne mer och op aner Plaze goen; just d'Infrastruktur muss stëmmen: Mer brauche vill Plaz fir eis Atelieren an e Parking dobäi.



***Wat wënscht Dir Iech fir d'Zukunft?***

Mer hate schonns vill Erfolleg, mee eis Reechwäit kéint nach méi grouss sinn. Schlussendlech ass et eng Saach vun der Zäit. D'Leit si schonns sensibiliséiert wat d'Ëmwelt ugeet. Lo kuerz eréischt ass zu Iechternach de Lëtzebuerger Film „Eis Äerd" gewise ginn. Lues a lues gëtt de Repair Café méi bekannt, well iwwerall Initiativen entstinn, fir vun eiser Ewechgeheigesellschaft ewechzekommen a fir déi Ressourcen déi mer hunn, ze valoriséieren an ze schounen.

Op Repaircafé Luxembourg gesäit een, datt nach weider sou Plazen zu Lëtzebuerg amgaang sinn, opgebaut ze ginn.

*Interview: Isabelle Oberlé*
*Fotoen: Natur-a Geopark Mëllerdall*

## Vélo à assistance électrique: eng interessant Initiativ aus eisem Nopeschland Frankräich

Hei nach e Beispill vun enger „Action Eco-Responsable" ausgewielt vun de Galleries Lafayette: Vélo Telsa recycléiere klassesch Vëloen andeems se se mat engem elektresche Motor ausrëschten. D'Elektrifikatioun gëtt zu raisonnabele Präisser ugebueden: ëm déi 1000 Euro. D'Batterië ginn och recycléiert. Dat ass enorm wichteg: Wéi vill Vëloe stinn ongenotzt an der Garage oder landen an der Poubelle well d'Batterien net ausgewiesselt kënne ginn: *www.velo-telsa.com*.
(Den Numm vun der Firma bezitt sech op d'Duechter (Elsa) vun engem vun den Initiateuren - an op ee bekannten Ingenieur ...)

# D'HEINZELMÄNNERCHER

## Äre Service de proximité

## Offre printemps / Frühlingsangebot

*Associatioun fir d'Erëm-Aféierung vun Demandeurs d'emploi an de Beruff an an d'Gesellschaft.*

*Déngschtleeschter vu klengen Aarbechte fir eeler Leit ab 60 Joer oder Hëllefsbedierfteger.*

### Nous offrons :

**Travaux de jardinage :**

Préparation et plantation du potager, entretien de la pelouse, débroussaillage, taille des haies, etc.

**Nettoyage de printemps :**

Entretien intérieur et extérieur de votre maison, réparations, nettoyage haute pression, peinture, etc.

### Wir bieten an:

**Gartenarbeiten:**

Vorbereitung des Bodens, Anpflanzen von Gemüse, Rasenpflege, Unkrautjäten, Heckenschneiden usw.

**Frühjahrsputz:**

Instandhaltung Ihres Hauses von innen und außen, Hochdruckreinigung, Reparaturen, Malerarbeiten usw.

**Tarif TTC | inkl. MwSt: 14€** par heure et salarié | pro Stunde & Mitarbeiter
**4€** par heure et machine | pro Stunde & Maschine

# TÉL.: 28 80 80

**8, an der Laach | L-6550 Berdorf**
**mellerdall@cig.lu | mellerdall.cig.lu**

# FIRWAT NET E KLENGEN EEGENE GEMÉISGAART UPLANZEN?






An dësen Zäiten, an deenen d'Geméis an d'Uebst ëmmer méi deier ginn, kënnt vläicht muncher een op de Gedanken, selwer e klenge Gaart unzeleeën.

An dat ass och net verkéiert: Et kritt een seng eege Produiten, an et weess ee wat een huet! Esou schwéier ass et och net, sech an de Gaardebau ze lancéieren. De Pierre le cultivateur mécht et vir: Hien hat virdru keng Anung vu Gaart an elo ass hie voll dran! Hien huet mat einfache Planzen ugefaangen: Zaloten, Muerten, Bounen, Ierbessen, jo och Tomaten, mee do ass et vläicht besser, d'Plänzercher ze kafen, z.B. Tomates cerises.

Gutt Tippe gëtt de Pierre a sengem Buch „Réussir son potager". Hie weist, wéi a wou een ufänkt, etappeweis. Hien ass och ganz aktiv op TikTok an op Instagram (The Plantman: „Je t'aide à entretenir tes plantes vertes, ton potager et tes arbres!"). Vu Beruff ass hien Informatiker. Normalerweis ass hie reegelméisseg jogge gaang - bis en eng Kéier an de Gaart goung an erausfonnt huet, datt am Buedem ze wullen eng wonnerbar Method ass, fir Stress ofzebauen.

Fir de Pierre gëtt et de gréngen Daum net: Et muss een sech einfach Zäit fir säi Gaart huelen. Et ass Aarbecht, mee och Freed, mat an der Natur ze schaffen.

*Text: Isabelle Oberlé*
*Fotoen: Grégory Roose, Alexey Hulsov*



# MIR HUNN EN NATIONAALT MONUMENT!



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Culture

ENTRÉ LE

RECOMMANDÉE + AR

Luxembourg, le

Madame la Bourgmestre
de la Commune de Waldbillig
1, rue André Hentges
L-7680 Waldbillig

Madame la Bourgmestre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe à la présente une copie de l'arrêté du Conseil de Gouvernement portant classement comme monument national du site du « Schéissendëmpel », inscrit au cadastre de la Commune de Waldbillig, section D de Müllerthal, sous le numéro 1085/715, appartenant à la Commune de Waldbillig. Le pont « Schéissendëmpel » est propriété conjointe de la Commune de Waldbillig et de la Commune de Consdorf.

Veuillez agréer, Madame la Bourgmestre, mes salutations distinguées.

Sam Tanson,
Ministre de la Culture



11 FEV. 2022

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Le Gouvernement en conseil,

Arrête:

Les Membres du Gouvernement,

Net nëmmen de Mëllerdall am Ganze koum international zu Éieren als Unesco Global Geopark, mee mir hunn och um nationale Plang e Monument kritt. D'Regierung huet am Februar dëst Joer decidéiert, datt de Schéissendëmpel als Monument national klasséiert gëtt.

Et kann ee verwonnert sinn, datt dëst elo eréischt geschitt. Mee et hat vläicht einfach kee virdrun doru geduecht. Wéi duerch schwéiere Reen 2018 beim Schéissendëmpel en décke Fiels gerëtscht war an dowéinst hu missen d'Wanderweeër gespaart ginn, goufen sech déi zwou zoustänneg Gemengen an d'Servicer vum Kulturministère séier eens, datt dëse Site vun nationaler Bedeitung ass. Et huet dann awer bis dëst Joer gedauert, ier de Schéissendëmpel säin Titel als Monument national krut.

Wéi beléift de Schéissendëmpel schonn ëmmer war, weisen déi zwou Fotoen op der nächster Säit, déi am Zweete Weltkrich geholl goufen an de Joren 1943 an 1945, zu enger Zäit, an där kaum een en Auto hat a wou et alles anescht ewéi einfach war, en Ausfluch an de Mëllerdall ze ënnerhuelen.

Den ultimativen Artikel iwwer de Schéissendëmpel huet den Éierebuergermeeschter Jean-Luc Schleich am FUUSS 2019-3 op de Säite 47 bis 57 publizéiert, mat villen historesche Fotoen an enger impressionanter Sammlung vu Quellen, aus deenen hien ëmfaassend zitéiert.

Deen Artikel kann een erëmfannen um neien Internet-Site *https://waldbillig.lu* vun der Gemeng, am Kapitel *Commune* an der Rubrik *Publications et photos*.

**Hei sinn e puer Extraiten:**

„Déi Plaz war schonn als *Schéissendëmpel* bekannt, laang éier eng Sandsteebréckelchen iwwert dee Waasserfall am Joer 1879 gebaut gouf. En éischten Hiwäis op de


3. Juli 1942

Schéissendëmpel fënnt een am Geriichtsbuch vun der Hierger (Heringer) Herrschaft, wou ernimmt gëtt, datt 1770 eng Fra erdronk ass op der Plaz *„Schiessen den Dümpel*“. De Chrëschtnecher Professer Jean Engling vun der Uelegsmillen schreift 1847 [...] iwwert ee *„Getöse des Schießentümpels*“, a gëtt an enger Foussnott d'Erklärung *„[s]o heißt der Sturz der Ernz über einen 8 Schuh hohen Felsen, einige Minuten oberhalb der Obermühle*“.

De Michel Rodange schreift a sengem Gedicht *„An das Müllerthal*“ vun 1865 (LW, 1865, Nr. 103-112) an der siwenter Stroph: *„Ihm donnert aus der Waldschlucht auch / Des „Schießentimpels“ dumpfer Fall, / Weissagend ihm der Lüfte Hauch / Durch seines Tosens Laut und Schall.*“ [...]

Haut steet d'Bezeechnung Schéissendëmpel esouwuel fir de Waasserfall, ewéi fir d'Steebréck selwer; si ginn an engem Otemzuch genannt. Wuel kaum eng Lëtzebuerger Bréck ass am In- an Ausland méi bekannt ewéi de Schéissendëmpel. [Si steet] zënter 1879 als Symbol vun der Regioun Mëllerdall, respektiv fir d'Entwécklung vum Lëtzebuerger Tourismus am Mëllerdall, an der *„Klenger Lëtzebuerger Schwäiz*“. [...]

Fir de Wanderer war schonn am Budgetsgesetz vum 26. Dezember 1878 ee Kredit vun 10.000 Frang fir d'Joer 1879 virgesinn, fir de Bau vum *„Sentier au Mullerthal*“. Dësen Trëppelwee vun der Präitelerbréck laanscht déi imposant Fielsformatiounen laanscht d'Äernz bis bei de Schéissendëmpel, a vun do aus bis an d'Uertschaft Mëllerdall, gouf bannent nëmmen e puer Méint gebaut, wat eng aussergewéinlech Bauleeschtung war. [...]

Leider gouf néierens offiziell matgedeelt, wie konkret den Erbauer vun der schéi verziertener Bréck iwwert de Schéissendëmpel war. Dat schreift eis de Chrëschtnecher Schoulmeeschter Michel Scholtes eréischt an der Festschrëft vum 50. Anniversaire vum Chrëschtnecher Gesank am Joer 1963. Den Erbauer vun der bekannter Bréck war de Chrëschtnecher Steemetz Jean-Pierre Prommenschenkel, deen den 19. September 1843 als Jong vum Nicolas Prommenschenkel an der Maria Scholtus (vu Waldbëlleg) op d'Welt koum. [...] Am Alter vu 94 Joer ass de J. P. Prommenschenkel den 29. Dezember 1937 gestuerwen. Och wann déi bekannte Bréck d'Gemeng Waldbëlleg an d'Gemeng Konsdref matenee verbënnt, d'Grenz tëscht de Gemengen verleeft an der Mëtt vun der Äernz, sou kann een awer behaapten, datt d'Bréck vu Chrëschtnecher Leit gebaut gouf. Haut sinn d'Gemenge Waldbëlleg a Konsdref d'Proprietairë vun der Bréck.

Déi kleng Bréck ass all Joer op nationalen an internationale Foiren ze gesinn, iwwerall do wou Lëtzebuerg als Land presentéiert gëtt. Duerfir ass de Schéissendëmpel, an hei nennen ech de Waasserfall an d'Bréck an engem Otemzuch, ee Symbol vum nationalen historeschen, kulturellen an natierleche Patrimoine.“

*Jean-Luc Schleich, Marc Barthelemy*


ca 1945

Pour vos aides et soins à domicile
**seulement 5 lettres à retenir :**

# SHD.LU

**Découvrez notre nouveau site web !**

Accessible, clair et dynamique, vous y trouverez tout pour bien vivre chez vous.




Vous appelez le 40 20 80.
Nous aidons

Stëftung
HËLLEF
DOHEEM

REPERES.LU



*Foto: Damaris*

# WAT ASS LASS? // *QUE FAIRE ?*




## AGENDA

**Mat de méi labbere Bestëmmunge lafe vill Aktivitéiten erëm un. Mee villes ass net esou sécher.**

Déi beschte Plaz fir sech ze informéieren, ass de chicken neien Internet-Site vun der Gemeng Waldbëlleg: *https://waldbillig.lu*

Am Kapitel *Loisirs* an der Rubrik *Agenda* stinn d'Manifestatiounen, déi an der Gemeng geplangt sinn.

**Ganz wichteg: D'Veräiner kënnen a sollen hir Aktivitéiten selwer androen.**

Virgesinn ass bis elo, de Moment wou de FUUSS an den Drock geet, dat heiten:

- **30. Mee bis 5. Juni:**
  Woch vum Natur- & Geopark Mëllerdall.
  Informatiounen op *www.naturpark-mellerdall.lu*

- **30. Mee bis 5. Juni:**
  Beweeg-dech-Woch an der Gemeng Waldbëlleg.
  Org: Beweegungskommissioun
  Ofschlossfest **de 5. Juni** beim Chrëschtnecher Fussballsterrain.
  Detailer op *https://waldbillig.lu/*

- **Samschdeg, 4. Juni:**
  Galaconcert „Back to Music" ëm 20:00 Auer an der Sportshal zu Waldbëlleg

- **Donneschdeg, 9. Juni:**
  Bicherbus um Parking beim Fussballsterrain,
  10:50 bis 11:20 Auer



- **Mëttwoch, 22. Juni:**
  Virowend vum Nationalfeierdag, Te Deum um 19:00 Auer an der Waldbëlleger Kierch, dono Cortège a Rezeptioun an der Sportshal

- **Sonndeg, 26. Juni:**
  Waldbëlleg in Concert bei der Sportshal (oder bei Reen an der Bushal), vun der Waldbëlleger Musek organiséiert en éischte Museksdag:
  – 11:45 Auer Pink Notes, de Jugendensembel vun der Bech-Berbuerger Musek,
  – 14:00 Auer d'Päreler Musek
  – 16:00 Auer d'Fanfare Miedernach.
  Fir Iessen an Drénken ass beschtens gesuergt.

- **Donneschdeg, 30. Juni:**
  Bicherbus um Parking beim Fussballsterrain, 10:50 bis 11:20 Auer

- **Samschdeg, 2. Juli:**
  Matinée de lecture fir d'Kanner aus dem C1, am Veräinsbau zu Chrëschtnech.
  Org: Elterevereenegung

- **Samschdeg, 9. Juli vun 10 Auer un::**
  Ofschloss vum Leader-Projet „Regional Vëloskonzept fir d'Regioun Mëllerthal" a Präsenz vum Landwirtschaftsminister Claude Haagen a vum Tourissemsminister Lex Delles.
  Info: *www.mullerthal.lu*

- **Sonndeg, 10. Juli:**
  Duerffest zu Waldbëlleg nieft der Gemeng.
  Info: *https://waldbillig.lu/*

- **Sonndeg, 10. Juli:**
  D'Waldbëlleger Musek spillt um 11:45 Auer zu Pärel

- **Samschdeg, 16. Juli:**
  Ofschlossconcert um 10:45 Auer vun der Waldbëlleger Musek am Musekssall, iwwer dem Pompjeesbau zu Waldbëlleg

- **Sonndeg, 17. Juli:**
  D'Waldbëlleger Musek spillt um 18:00 Auer beim Waldfest zu Bäertref

- **Donneschdeg,21. Juli:**
  Bicherbus um Parking beim Fussballsterrain, 10:50 bis 11:20 Auer

- **Weekends am August:**
  Mëllerdallplage op der Heringer Millen
  **Freideg, de 5., den 12. an den 19. August**
  vu 16 bis 22 Auer;
  all Freidegowend ass e Live-Concert;
  **Samschdeg, de 6., den 13. an den 20. August**
  vun 11 bis 22 Auer;
  **Sonndeg, de 7., de 14. an den 21. August**
  vun 11 bis 22 Auer.
  Informatiounen: www.mullerthal-millen.lu

- **Samschdeg, 10. September:**
  Den Tour du Duerf 2022 geet lass.
  Umeldung: *www.tourduduerf.lu*

- **Donneschdeg, 15. a Freideg, 16. September:**
  de FUUSS 2022-3 gëtt verdeelt

- **Freideg, 23. September:**
  Meet & Greet an der Bushal, 18:30 Auer

# GEMENGEROT

D'Sëtzunge vum Gemengerot sinn ëffentlech. Si sinn am Hentgesbau am grousse Sall. Jiddweree ka kucken a lauschtere kommen.

Fir ze wëssen, ob déi Datumer effektiv esou kënnen agehale ginn, kuckt am digitale Raider op *https://waldbillig.lu* ënnert *Quotidien.* Do steet och den Ordre du jour.

Virgesi virun der Summervakanz ass deen heiten Termin:

**Dënschdeg, 28. Juni, um 19:00**



*Foto: Damaris*



## D'Restauranten an der Gemeng

Et ass natierlech nach ëmmer virsiichteg, sech um Site vun de Restauranten ze informéieren, wéi an ënner wéi enge Conditiounen se op hunn. Mee prinzipiell sinn d'Zäiten am Summer déi heiten:

- De Restaurant an der **Heringer Millen** am Mëllerdall ass vu mëttwochs bis sonndes op. Am Juli an August ass och dënschdes op. Et gëtt vun 12h bis 21h ze iessen (sonndes bis 17h).

  Telefon: 26 78 47 17
  E-Mail: *info@heringermillen.lu*
  *http://heringermillen.lu/*

- De Restaurant **Gudde Kascht** zu Haler ass op donneschdes, freides a samsdes owes vun 18:30 Auer u bis 21:00 Auer fir déi lescht Commande, samsdes a sonndes mëttes vun 12:00 bis 14:00 Auer.

  Telefon: 83 67 48
  *www.guddekascht.lu*

- De Restaurant **Cigalon** am Mëllerdall ass vu mëttwochs bis sonndes op.

  Telefon: 79 94 95
  E-Mail: cigalon@pt.lu
  www.lecigalon.lu

- De **Café Dina** zu Waldbëlleg huet ausser donneschdes all Dag op. Iessen op Bestellung.

  Telefon: 621 31 83 69.

Foto: Damaris



DE FUUSS als PDF online!


Foto: Damaris

WALDBËLLEG

COMMUNE DE WALDBILLIG